

SÉANCE 35

MERCREDI,
9 JUIN 2010

Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Anne Brasseur, Doyen

Sommaire

- 6117 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée
 - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Norbert Hauptert
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6129 - Débat d'orientation relatif à l'avant-projet de Plan national de développement durable
 - Exposé: M. Fernand Boden (dépôt d'une résolution)
 - Débat: M. Marcel Oberweis, M. Eugène Berger, M. Roger Negri, M. Camille Gira, M. Jean Colombero, M. André Hoffmann, M. Ben Scheuer, M. Claude Haagen
 - M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures
 - M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures (M. Eugène Berger lui pose une question)
 - M. Camille Gira, M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
 - Vote sur la résolution1 (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, Claude Wiseler, Mme Octavie Modert et M. Marco Schank, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Als éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtten hu mer de Projet de loi 6117 iwwert d'TVA. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. An et huet sech bis elo just den Här Claude Meisch ageschriwwen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Norbert Hauptert. Här Hauptert, Dir hutt d'Wuert.

1. 6117 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Norbert Hauptert** (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 6117 huet als Objet engersäits d'Regel vun der Bestëmmung vum Débiteur vun der TVA op dem Handel vun den CO₂-Emissionszertifikater bannent eise Grenzen ze änneren, an anerersäits kleng Ongereimtheeten, déi sech bei der Ëmsetzung an eis Nationallégislation vun der Direktiv Paquet TVA an eist TVA-Gesetz ageschlach hunn, aus dem Wee ze raumen.

Wat deen éischte Punkt ubelaangt, wéilt ech kuerz op de Prinzip vun der Bestëmmung vum Débiteur vun der TVA op dem Handel vun de Wueren an Déngschtleschtungen bannent den nationale Grenzen agoen, an och erkläre wat d'Problemer sinn, firwat eng Derogatioun zu deem Prinzip, wat verschidde Wueren, esou zum Beispill d'CO₂-Emissionszertifikater ubelaangt, proposéiert gouf.

De Prinzip ass deen, datt am Wuere- respektiv Déngschtleschtungshandel bannent engem Land d'TVA nom System vun dem Paiement fractionné bezuelt muss ginn. Dat heescht, all Verkeefer stellt dem Keefer d'TVA a Rechnung a bezilt déi encaisséiert TVA un d'Verwaltung weider.

Ass de Keefer en Endkonsument, dann huet hien d'TVA zu senger Laascht; ganz normal, well d'TVA ass jo am Fong geholl eng Steuer op dem Konsum. Ass de Keefer awer keen Endkonsument, da kann deen

déi bezuelten TVA bei der Verwaltung zrëckfroen. Mir schwätzen nach vun der TVA en amont déductible oder remboursable. Dat ass notamment de Fall, wann d'Wueren an d'Ausland exportéiert ginn. Souwäit wat de Prinzip ubelaangt.

Wat de Problem ugeet, esou hu verschidde Liwwerante folgende System ausgeklügelt. Deen éischte Verkeefer huet d'TVA bei sengem Keefer encaisséiert an ass vun der Bildfläch verschwonne, ouni d'Steier un d'Verwaltung ofzeliwweren. De Keefer huet gemaach wéi wann en net am Bild wier an huet, an dat ganz am Aklang mam Gesetz, bei der Verwaltung de Remboursement vun der Steuer ugefrot an och kritt.

D'Verwaltung huet also e Remboursement vun enger Steuer gemaach, déi se ni encaisséiert huet. Dëse Bedruch nennt een „fraude carousel“. Iwwert dee Wee sinn an der EU den eenzelne State schätzungsweis eng zéng Milliarden Euro un TVA verluergeangen.

Fir deem opzehéieren, huet eng EU-Direktiv d'Méiglechkeet geschaf fir bei verschiddene Wueren, ënner anerem dann och déi CO₂-Emissionszertifikater, den Débiteur vun der TVA net méi nom Prinzip vun Paiement fractionné ze bestëmmen, mä nom Mécanisme vun der Autoliquidatioun. Dat heescht, datt nëmmen dee leschte Verkeefer an der Kette vun den Transaktiounen d'TVA a Rechnung stellt an dann och un d'Verwaltung ofliwwert.

Bezilt deen d'Verwaltung net, dann ass de Verloscht fir d'Verwaltung nëmmen eemoleg, wou se bei der Liquidation fractionnée duebel war. Engersäits huet d'Verwaltung keng TVA akasséiert, an anerersäits huet se awer nach missen d'TVA rembourser.

Dës Derogatioun zum Prinzip huet eng Ännerung vum Artikel 26 vum TVA-Gesetz verlaangt, déi mat deemem Projet virgeholl gëtt. De Statsrot an d'Chambres professionnelles hunn hiren Accord zu deem Projet ginn. D'Chambreskommissioun huet mäi Rapport eestëmmeg ugeholl a schléit der Chamber vir, den Text esou ze stëmmen, wéi en hei virläit.

Ech bréngen heimat den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Text an ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Norbert Hauptert Merci. Et gëtt mer gemellt, datt den Här Meisch net méi zu deem Projet wëllt intervenéieren. D'Regierung och net. Esou datt domadder d'Diskussioun ofgeschloss wär a mer direkt zum Vote iwwert de Projet de loi kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6117 est adopté à l'unanimité des 58 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Félix Eischen), Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Mill Majerus), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert (par M. Fernand Boden) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Scheuer);

MM. André Bauler (par M. Fernand Etgen), Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann elo zur Orientéierungsdebat iwwert den Avant-projet de Plan national de développement durable. D'Riedezäit ass hei nom Modell 2 festgeluecht an et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Oberweis, Berger, Negri, Gira, Colombero, Hoffmann, Scheuer an Haagen. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Fernand Boden als President vun der Nohaltegkeetskommissioun. Här Boden, Dir hutt d'Wuert.

2. 6129 - Débat d'orientation relatif à l'avant-projet de Plan national de développement durable

Exposé

► **M. Fernand Boden** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert lech an där nächster hallwer Stonn den Avis vun der Nohaltegkeetskommissioun zum Avant-projet vum Nationale Plang fir nohalteg Entwécklung presentéieren. A fir net all Kéiers mussen deen zimlech laangen a komplizéierten Numm „Plan national de développement durable“ ze soen, wäert ech dat vun elo un, wéi dat och üblech ass, mat PNDD ofkierzen.

Ech mengen, et brauch ee sécher kengem heibanne méi d'Iddi vum Développement durable, also vun der nohalteger Entwécklung ze erklären. Wéi Dir all wësst, geet et drëm, d'Ëmwelt an déi natierlech Ressourcen ze schützen, se ze erhalen, fir datt och déi zukünftige Generatiounen nach kënnen dovunner profitéieren. Fir datt dëst ka klappen, mussen équilibréiert Moossnamen an de Beräicher vun der Ëmwelt, vun der Economie, mä och dem Soziale geholl ginn.

Erlaabt mer vläicht kuerz hei fir d'éischt op de legislative Kader anzegoen, an deem mer eis hei bewegen. Dëse Kader gouf festgeluecht duerch d'Gesetz vum 25. Juni

2004 iwwert d'Koordinatioun vun der nationaler Politik vun der nohalteger Entwécklung. Dëst Gesetz huet kloer Strukturen definéiert, andeem se de Conseil Supérieur pour le Développement Durable, also den CSDD, an d'Commission Interdépartementale pour le Développement Durable, den CIDD, an d'Liewe geruff huet.

Zousätzlech huet d'Gesetz vum 2004 eng ganz Rei vun Instrumenter geschaf, ënnert deenen och de PNDD ass. Dëse Plang gëtt all véier Joer vun der Regierung opgestallt an hie muss déi prioritär Beräicher festhalen, an deene muss eppes ënnerholl ginn. Déi konkret Objektiv an och déi konkret Aktiounen, déi virgesi sinn an der Perspektiv vun der nohalteger Entwécklung, mussen an deem Plang preziséiert ginn.

An all zwee Joer muss en nationale Rapport iwwert d'Ëmsetzung vun der Politik vun der nationaler Entwécklung gemaach ginn. Dëse Rapport soll objektiv a wëssenschaftlech beschreiwen, wéi d'Situatioun hei am Land ass a wéi eng Léieren een aus där Situatioun kann zéien.

An deem Rapport sinn och d'Indicateure vun der Nohaltegkeet ze fannen. Si sinn e wichtegen Utensil fir d'Fortschrëtt, déi gemaach gi sinn, kënnen ze moossen. Et ginn haut 27 Indicateuren a si sinn eng éischte Kéier 2002 publizéiert ginn.

Ech wëll och drun erënneren, datt de Regierungsrot am Mee 1999, virun also eppes méi wéi zéng Joer, en éischte PNDD ugeholl hat. Heibäi huet et sech ëm e Plang fir d'Ëmsetzung vun den Deklaratiounen vun der UNO-Konferenz zur Ëmwelt an der nohalteger Entwécklung vu Rio de Janeiro aus dem Joer 1992 gehandelt. D'Objektiver vum 99er Plang, déi haten awer leider kee juristesche contraindante Wäert. Se goufe just als Leitlinien ugesinn, fir an där nohalteger Entwécklung weiderzecommen.

Den Avant-projet vum PNDD, iwwert dee mer elo schwätzen, ass de 6. Mäerz 2009, also nach vun der viregter Regierung, am Regierungsrot ugeholl ginn. En ass den 29. Juli 2009, also e puer Deeg nodeem datt déi nei Regierung ugetratt war, un d'Chamber weidergeschéckt ginn. Den Artikel 1, Paragraph 3 vum Gesetz 2004 gesäit vir, datt d'Chamber soll en Avis zu deemem Avant-projet ofginn. En Avant-projet, deen am Fong vum Comité interministériel ausgeschafft gëtt an da vum Regierungsrot guttgeheescht ginn ass.

D'Nohaltegkeetskommissioun ass vun der Chamber aus beoptragt ginn, fir dësen Avis auszeschaffen. A well d'Kommissioun, gradesou wéi och d'Regierung, der Meinung war, datt eventuell Konkusiounen vun der Konferenz vu Kopenhagen am Dezember 2009 sollten an der Chamber hiren Avis mat afléissen, gouf festgehalten, datt dësen Avis net wéi u sech virgeschriwwen no véier Méint misst un d'Regierung goen, mä datt et do eng kleng Verzögerung vun e puer Méint dierft ginn.

An op Wonsch vun der Conférence des Présidents diskutéiere mer haut hei öffentlech iwwert dësen Avis, ier en dann un d'Regierung weidergeleet gëtt.

Ech hunn net d'Zäit, fir op dee gesamten Oflaf vun den Aarbechten an der Kommissioun anzegoen. Ech invitéieren duerfir jiddwereen, deen dat interesséiert, fir dat am schrëftleche Rapport am Detail nozelies. Ech wëll awer e grouse Merci soen, besonnesch dem Kommissionsmember Marcel Oberweis, deen e Pabeier virgeluecht hat, deen als Diskussiounsbasis gedéngt huet, fir eisen Avis auszeschaffen.

Den 21. Abrëll vun deem Joer huet d'Nohaltegkeetskommissioun dësen Avis ugeholl. Ech hunn als President vun der Kommissioun versicht, fir e méiglechst breede Konsens fir dës Prise de position ze kréien. Dat ass och schlussendlech no laangen Diskussiounen de Fall gewiescht. An ech soen alle Membere vun der Kommissioun Merci fir hir konstruktiv, hir aktiv Mitaarbecht zu deem Avis.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer kuerz, datt ech en Iwwerbléck gi vun deem, wat am Avant-projet steet.



Fir d'alleréisch gi fënnef Grondprinzipie festgehalen, op deenen d'nohalteg Entwécklung sech muss baséieren. Dës fënnef Grondprinzipie sinn: de Respekt vun de Rechter vun den zukünftege Generatiounen - wat wesentlech ass -; zweetens, d'Liewensqualitéit an déi perséinlech Entfaltung; drëttens, de Respekt vun den ökologeschen Grenzen a Limiten a vun der Regeneratiounscapacitéit vun der Natur; véiertens, de Schutz vun der sozialer Kohäsion; a fënneftens, den ekonomeschen Wuelstand.

Duerno geet dann den Avant-projet op 14 Tendenzen an, déi als net nohalteg definiert ginn. Ech hunn do och net d'Zäit, fir op dës Plaz op déi 14 Tendenzen alleguer anzegoen. Ech invitéieren och do dat am Avant-projet vum PNDD oder am schréffleche Rapport nozeliesen. Ech wëll just zwee Beispiller ginn: Dat ass d'Iwwerbenotzung vun den natierlechen Ressourcen an de Verloscht vun der Biodiversitéit duerch eng net nohalteg Produktioun a Consumatioun, an dann och den onkontrolléierte Klimawandel, besonnesch duerch e wuessende Verbrauch vun Energie. Dat sinn also zwou Tendenzen, déi festgestallt gi sinn als net nohalteg.

Dann a sengem zweeten Kapitel, do probéiert den Avant-projet vum PNDD festzelle wéi een eng gutt Liewensqualitéit fir Lëtzebuerg garantéiere kann. Heifir zielt en dann 89 Handlungsobjektiver op. E proposéiert 155 Moosnamen. Dës 155 Moosnamen sinn op 18 Qualitéitsobjektiver opgedeelt. An ech verweisen och do fir den Detail op de PNDD an op de schréffleche Rapport vun der Kommissioun.

Ech wëll och do zwee Beispiller nennen, fir ze weisen, dass déi Tendenz vun nohalteger Entwécklung an am Fong déi Qualitéitsobjektiver mateneen zesammenhängen. Ech géif also als Beispill vu Qualitéitsobjektiver hei just en Hiweis ginn op déi nohalteg Notzung vun den natierlechen Ressourcen an de Schutz vun der Biodiversitéit op eng nohalteg Produktioun a Consumatioun, an dann och op de Klimaschutz an d'Andämmung vun den Effekten vum Klimawandel fir d'Gesellschaft an och fir d'Ëmwelt.

Här President, léif Kolleegen, am Folgende wëll ech dann op d'Kommentaren agoen, déi eis Kommissioun an hirem Rapport festgehal huet. Fir d'alleréisch hu mer emol festgestallt, dass den Avant-projet vum PNDD e ganz wäertvollt Dokument ass mat enger ganzer Rei vu ganz interessante Proposen. Mir sinn an der Kommissioun der Fro nogaangen, ob de PNDD den Erwaardungen gerecht gëtt, ob en déi richteg Pisten opzeechent, fir eng méi nohalteg Politik hei am Land ze maachen.

Fir unzefänken hu mer probéiert opzezielen, wat dann déi positiv Punkte vum Avant-projet vum PNDD wäeren. D'Kommissioun begreift ausdrécklech, esou wéi dat da jo och den CSDD a sengem Avis gemaach huet, den éischten Deel vum dem PNDD, an deem déi net nohaltege Tendenzen opgeluecht goufen. Hei ginn op eng, géif ech soen, ganz pragmatesch Aart a Weis déi Problemer erausgehewen, mat deene Lëtzebuerg sech an noer Zukunft muss befaassen.

Doniewent huet d'Kommissioun op dräi Punkten higewisen, déi an hiren Aen op eng exemplaresch Aart a Weis behandelt goufen, dës souwuel vun Auteuren vum Avant-projet wéi och vun de politeschen Responsabelen. Ech wëll dës dräi Punkten hei dann ernimmen an e bëssen erläutere.

Dat éischt ass d'Informatioun an d'Sensibiliséierung vun de Bierger. D'Gesetz vum 2004 hält fest, dass de Minister muss derfir suergen, dass den Avant-projet vum PNDD beschméiglech bekannt gemaach geet, dass e verbreet gëtt an dass d'Populatioun zu dësem Sujet och consultéiert gëtt. A grad dës Consultatioun vun der Bevëlkerung war an ass an den Ae vun der Chamberskommissioun extrem wichteg. Si gesäit dat als en zentraalt Element vun der Virbereedung vum PNDD un.

D'Kommissioun huet dann och zu hirem Zefriddenheet festgestallt, dass hei verschidden Aktivitéiten stattfonnt hunn. Esou gouf den Avant-projet vum PNDD um Site vum Ministère publizéiert, et goufen Annoncen an der Press geschalt an de Minis-

tère hat och e Stand op der Ökofoire. Des Weidere sinn dräi Table-ronden organiséiert gi mat der Zivilbevëlkerung, éier den Avant-projet vum PNDD finaliséiert ginn ass.

D'Kommissioun hält awer och drop, dass muss versicht ginn de Grand public, also déi ganz Bevëlkerung mat an dës Diskussioun anzebannen, an zwar dat iwwert de Wee vun enger Sensibiliséierungscampagne, an där eventuell och déi kulturell Dimensioun vun der nohalteger Entwécklung kéint ervaagehewen ginn.

Den zweeten positiven Aspekt, dass ass d'Schafe vun engem Partenariat fir d'Ëmwelt an d'Klima. D'Kommissioun huet eestëmmege d'Iddi guttgeheescht dës Partenariat op d'Been ze setzen, deen all déi concernéiert Akteure regroupéiert, sief et vum Stat, dem Patronat, de Gewerkschaften, de Gemengen oder och den ONGen aus dem Secteur.

Dës Partenariat gesäit vir, dass en zweeten nationalen Aktionsplang fir d'Reduktioun vun den Zäregase soll ausgeschafft ginn, mat dem Zil d'Objektiver vu Kyoto ëmzesetzen. Des Weidere soll en nationale Plang, sech un d'Konsequenzen vum Klimawandel ze adaptéieren, bis Enn 2011 preparéiert ginn. Op deem Wee kënne konkret Moosnamen am Kampf géint d'Äerderwärmung geholl ginn, an zousätzlech kann iwwert dës Partenariat d'Consultatioun vum Public weidergefouert ginn, wann de PNDD bis ugeholl ass.

Dat drëtt positivt Beispill, dass ass d'Politik vun der Regierung am Kader vun der nationalen Strategie vun der Erziéung zur nohalteger Entwécklung. Fir dass wierklech eppes ka geschéien am Beräich vun der nohalteger Entwécklung, ass et absolut noutwendeg, dass dës Iddi sech an de Käpp vun de Leit verankert. Nëmme da kann e globaalt Ëmdenken an alle Beräicher vun eisem alldeeglechen Liewe stattfannen.

Duerfir begreift d'Kommissioun déi prioritär Moosnamen fir d'Schafe vun enger nationaler Strategie vun der Éducation au développement durable, déi de Regierungsrot de leschte 5. März op de Wee geschéckt huet. Schonn am Mee vum leschte Joer hat d'Regierung sech averstane gewisen, d'Dimensioun vun der nohalteger Entwécklung an der schoulescher an och an der ausserschoulescher Erziéung ze integréieren. Heifir gouf e Comité interministériel geschaf. Dës Comité huet eng Strategie ausgeschafft, déi sech an der Perspektiv vum „lifelong learning“ areit an déi sämtlech Liewenstranché vu Kandesalter bis zum Erwuessene mat abënn.

Dës Strategie gëtt och eng Rei vu Pisten un, wou ee kann setzen. Ech wëll just zwee Beispiller duerfir erauspicken: d'Entwécklung vun engem Réseau fir d'Zesummenaarbecht vun deene verschiddenen Akteuren, an d'Integratioun vun der Erziéung zur nohalteger Entwécklung um Niveau vum Enseignement formel, also de Schoulen, den Héichschoulen an der Formation continue, an awer och um net formellen Niveau wéi an de Maisons relais, den ONGen an anere Gremien.

D'Éducation au développement durable wäert sech duerch eng kompetenzorientéiert Approche charakteriséieren a passt vun dohier gutt zur rezenter Schoulreform. D'Kommissioun war der Meenung, dass dës Initiativ sech gutt areit a gutt abanne léisst an d'Ausschaffe vum PNDD.

Ech wëll dann elo kuerz op déi negativ Punkte vum PNDD agoen.

D'Kommissioun fënnt et net gutt, dass et éischters keng Hierarchie gëtt an deenen 155 proposéierte Moosnamen; den Avant-projet keng Échéancé virgëtt, fir dës Moosnamen ze verwickelen; den Avant-projet net am Kader vun enger integréierter Politik ausgeschafft gouf - et huet een heiansdo d'Impressioun, verschidde Ministère hätten hir Contributioun een niewent deem anere virgeluecht -; de PNDD seng Iwwerleeungen net bis zum Schluss denkt, en also net ganz duerchduecht ass. D'Problemer ginn heiansdo ugedeit an ugewisen, et feelen awer oft Léisungssätz.

Den Avant-projet ass gréisstendeels virun der Wirtschaftsa- Finanzkris ausgeschafft ginn an dréit leider den negativen Entwécklung vum den zwee leschte Joren net

Rechnung. Fir dass mer awer wëssen, wou mer dru sinn, muss mer zum Beispill déi nei Aarbechtslosenzuelen an deen neie Wirtschaftswuesstum oder Netwirtschaftswuesstum onbedéngt mat berücksichtigen. Hei ass et also noutwendeg, dass déi nei Regierung den Avant-projet iwwerschaft an dës Situation och upasst.

Déi lescht Indicateure vun der nohalteger Entwécklung sinn aus dem Joer 2002, hunn also aacht Joer um Bockel. Hei ass et néideg, dass aktualiséiert Indicateuren ausgeschafft ginn, deene ka Rechnung gedroe ginn an dësem zweeten PNDD.

Et feelt eng kritesch Evaluatioun vum éischten PNDD, well duerch eng gutt Evaluatioun kann een nämlech évitéieren, dass dëselwecht Feeler nach eng Kéier gemaach ginn.

Wéi scho gesot, begreift d'Chamberskommissioun ausdrécklech déi geplangten Initiativ vum Partenariat. Heiduerch gëtt och op d'Kritik vum CSDD reagiert, deen e Manktum u Visiounen ugeprangert hat. D'OCDE hat d'ailleurs och an hirem Avis vum 31. März déi nämleche Kritik formuliert.

D'Chamberskommissioun fënnt et och net gutt, dass den Avant-projet vum PNDD net systematesch op bestehend Pläng a Programmer an deene verschidde Beräicher hiweist, well dës Pläng a Programmer hunn oft konkret opgeléschten Objektiver an och konkret Échéancen, déi mussen respektéiert ginn.

Och wann ech elo hei eng ganz Retsch vu Kritiken opgezielt hunn, ass et esou, dass verschidde vun deene grad opgefëierte Punkten am Laf vun eisen Aarbechten an der Kommissioun, och an deene villen Diskussiounen mat der Regierung - ech soen iwwerens Merci fir déi konstruktiv Diskussiounen, déi mer an der Chamberskommissioun haten -, dass déi also do bei dësen Diskussiounen nuancéiert gi sinn. Et ass jo effektiv esou, dass dës net den definitive Plang ass. Et ass en Avant-projet de plan, deen als Diskussionsbasis soll déngen, fir deen definitive Plang auszuschaffen.

Des Weidere sinn och schonn an der Lescht eng ganz Rei vu Schrëtt ënnerholl ginn, déi zur Verbesserung vum zukünftege PNDD wäerte bäidroen. Esou ass zum Beispill d'Regierung amgaangen, mat Eurostat nei Indicateure vum Développement durable auszuschaffen. Heifir verweisen ech op de Regierungsprogramm, deen och nach festhält, dass en alternative PIB, also e „PIB vert“ vum Statec soll berechent ginn, fir also net nëmme dem ekonomeschen Wuesstum, mä och aneren Aspekter vum Wuesstum kënne besser Rechnung ze droen an déi kënne besser ze moossen.

Des Weidere gouf ënnerstrach, dass eng éischt Evaluatioun vum PNDD am Kader vum éischten Rapport national am Joer 2006 geschitt ass an dass dës Rapport am Fong och als Basis gedéngt huet fir d'Ausschaffung vum neie PNDD.

D'Definitioun vun de Prioritéiten an hir Ëmsetzung souwéi och d'Festlee vum Échéancen an d'Evaluatioun vum éischten PNDD, déi wäerte breet diskutéiert ginn am Kader vum Partenariat fir d'Ëmwelt an de Klima, deen ech jo positiv erwähnt hunn. D'Regierung ass sech - a si huet dat och zouginn - der Tatsaach bewusst, dass d'Échéancen an d'Prioritéiten am Moment nach am Plang feelen. De Wonsch ass och geäussert ginn, dass d'Chamberskommissioun soll an där Prise de position, déi ech elo amgaange si virzedroen, dass déi soll och mat agebonne ginn an d'Propositioun vu Prioritéiten.

Ech wëll versichen, dass elo verschidde Virschléi vun der Kommissioun zur Hierarchiséierung vun de Prioritéiten duerzeleeën. Och wann ech elo d'Suggestiounen vun der Kommissioun a verschidde Politikfelder wäert ënnerdeelen, ass et awer esou, dass d'nohalteg Entwécklung ëmmer muss als e Ganz, als eppes Integréiert ugesi ginn.

Ech maachen dann e puer Suggestiounen zur ekonomeschen Politik. De Klimaschutz ass net nëmme eng Noutwendegkeet vum ökologeschen Standpunkt hier, mä wäert dat mëttelfristeg och vum ekonomeschen Standpunkt hier ginn, an aus dësem Grond schléit d'Nohaltegekeetskommissi-

sioun der Regierung folgend Moosnamen vir, deene se soll eng Prioritéit ginn: den Ausbau vum Secteur vun den Ökotechnologien, an dat mam Appui vu verschidde Ministère, vu CRPen, vun Héichschoul a Fuerschung; d'Entwécklung vun enger Wirtschaftspolitik, déi déi sougenannten „Croissance verte“ stimuliert - Wuesstum an d'Suerg ëm d'Ëmwelt, déi kënnen net méi getrennt betruecht ginn, si mussen gemeinsam ënnert d'Lupp geholl ginn -; d'Promotioun vu regionale Wirtschaftscircuiten, fir déi lokal an ökologesche Produiten ze ënnerstëtzen; de Finanzsektor soll encouragéiert ginn, an ëmweltfrëndlech Projeten ze investéieren; d'Nodenken iwwer eng nohalteg Steuerreform hei zu Lëtzebuerg, woubäi natierlech och déi Problematik vum Tanktourismus, déi sécher hei wäert haut ugeschwat ginn, muss analyséiert ginn a gegebenenfalls och iwwerduecht ginn.

E puer Suggestiounen zur Energiepolitik: D'Kommissioun huet festgestallt, dass oft schéngt vergiess ze ginn, dass an e puer Jorzéngten d'Reserve vu Gas a Pétrol wäerten erschöpft sinn. Aus dësem Grond muss ee seng Iwwerleeungen an der Energiepolitik dorop fokusséieren, wéi een engersäits Energie spueren a méi effikass notze kann, a wéi een och anerersäits verstärkt op den Ausbau an d'Notzung vun erneierbaren Energie sette kann.

Aus Zäitgrënn well ech nëmme ganz kuerz stéchwuertertege d'Suggestiounen vun der Kommissioun hei resüméieren: éischters, Weiderféiere vun engem Strategieplang zur Efficacité énergétique; Ofschloss vun engem Pakt mat de Gemengen am Beräich vum Klimaschutz; Etüd vum Potenzial vun den erneierbaren Energien hei am Land an och d'Ausschaffe vun dësem Potenzial; Verstärkung vun der Energieberodung op nationalem, op regionalem an och op kommunalem Plang, besonnesch duerch „myenergy“; Ausbau vu spezielle Moosnamen, fir Passiv- an Niddregenergiehaiser ze fördern.

D'Kommissioun ënnerstëtzt heibäi ausdrécklech d'Initiativ vun der Regierung, bei hiren eegene Gebaier eng Virreiderroll am Beräich vun der Energieeffizienz anzehuelen, wann et ëm zukünftege Neibauten oder ëm Renovéierung geet.

Dann d'Suggestiounen zur Politik vum Erhalt vun der Biodiversitéit, vum Naturschutz a vum Kampf géint de Klimawandel. Fir d'Nohaltegekeetskommissioun läit et op der Hand, dass een de Konklusiounen vun der Konferenz vu Kopenhagen - och wa se ganz enttäuschend waren -, dass een dës Konklusiounen muss Suité ginn, dass een dës Konklusiounen muss eng besonnesch Attentioun zoukomme loossen.

Dowéinst muss een also d'No-Kyoto-Zäit virbereeden, en neien Traité aushandelen, deen sämtlech Länner ënnerschreien an deen d'Engagementer vu Kopenhagen respektéiert, fir d'Äerderwärmung ënner zwee Grad Celsius ze halen. Den Tropesch muss geschützt ginn, den CO₂-Ausstooss an den Industrielänner muss staark erofgedréckt ginn an den Entwécklungs-länner muss een hëllefen, hir Zäregasemissiounen ze reduzéieren a sech un de Klimawandel ze adaptéieren.

D'Memberen aus der Kommissioun sinn och der Meenung, dass een der Naturschutzpolitik eng nei Dynamik muss ginn, andeems ee méi op Preventioun an op Berodung setzt. An deem Kontext sollt folgenden Iddien eng Prioritéit zougestane ginn: dem Weiderféiere vun der Ëmsetzung vum nationalen Naturschutzplang; der Opwärtung vum Holz als Biomass; der Finaliséierung vum Juegdgesetz; enger regelméisseger Aktualiséierung vum Réseau Natura 2000; enger Verstärkung vum Naturschutz am Kader vun der Gemengeplanung; der systematescher Ëmsetzung vun den Aktionspläng géint de Kaméidi; dem Ëmsetze vun den Obligatiounen, déi eis d'Direktiv vum 2008 am Beräich vun der Loftqualitéit virgëtt; dem Respekt vun den Objektiver, déi am Plan général de gestion des déchets virgesi sinn; esou wäit, wéi et méiglech ass, och den Assainissement vun de sougenannte



Sites contaminés virhuelen; dem Unhuele vun engem Gesetz iwwert de Bodenschutz - dat interesséiert mech natierlech ganz staark - an enger besserer Ëmsetzung...

(Hilarité)

► **Une voix.** - Dat ass e Modell, dee muss geschützt ginn!

► **M. Fernand Boden (CSV).** - Voilà..., an enger besserer Ëmsetzung vun de Prinzipie vum Pollueur-payeur an Utilisateur-payeur, esou wéi iwwregens och d'OECD dat an hirem Rapport gefuerdert huet.

E puer Suggestiounen an der Politik vun der Landesplanung: Fir d'Nohaltegekeetskommissioun ass et evident, datt et eng Prioritéit muss sinn, d'Landesplanung virunzedreiw. Mir hunn eis d'Fro gestallt, wéi et momentan ëm den IVL steet.

► **Une voix.** - Schlecht.

► **M. Fernand Boden (CSV).** - Ass den IVL-Konzept nach aktuell? Ass en eventuell scho vun der Realitéit iwwerholl ginn? Muss een en also iwwerschaffen? An deem Kontext schwätzt d'Kommissioun sech ausdrécklech fir d'Ausschaffung vun engem reglementaresche Kader aus, an och fir déi séier Ëmsetzung vun deene véier Plans sectoriels: Paysage, Logement, Zones d'activités économiques an Transports.

Wichtig ass et och, datt an Zesummenaarbecht mat de Gemenge Regionalpläng ausgeschafft ginn a parallel dozou Iwwerleeunge stattfannen iwwer eng Reform vun de Gemegefinanzen. Natierlech däerf och eng Verstärkung vun der Zesummenaarbecht an der Groussregioun net vergiess ginn: Déi grenzivverschreidend Zesummenaarbecht a Planung ass an deem Domän och ganz wichteg.

Dann d'Suggestiounen zur Mobilitééitspolitik: An de leschte Jore sinn eng ganz Rei vu wichtigen Akzenter gesat ginn an der Mobilitééitspolitik. Trotzdeem muss ee bedauerlecherweis feststellen, datt et nach ëmmer kee richtegen Émschwong a Richtung vum öffentliche Transport gëtt.

Mir wëssen awer alleguer, datt dës Problem ganz enk mat deem vum CO₂-Ausstouss zesummenhängt. Den Transportsektor ass ganz eenditeg en Domän, deem am stäerksten hei am Land zum Klimawandel bäidréit. Et ass also extrem wichtig, datt mer do handeln.

Aus deem Grond mécht d'Nohaltegekeetskommissioun folgend Virschléi: eng Prioritéit fir d'Infrastrukturprojeten, déi den öffentlichen Transport solle verbessern; Ausschaffe vun engem Aktiounsplang zur grenzivverschreidender Mobilitéit, wou zum Beispill Opfangparkingen op de Grenze virgesi ginn - wou eventuell och eng finanziell Bedeelegung vun der Lëtzeburger Regierung och u ganz wichtigen Infrastrukturprojeten an der Groussregioun stattfanne kann -; déi séier Ëmsetzung vum Aktiounsplang zur Mobilité douce an dann och d'Verstärkung vum Wuerentransport iwwert d'Schinn.

Dann e puer Suggestiounen, e puer Prioritéiten an der Wunnengsbaupolitik. D'Kommissioun - an net si eleng - stellt fest, datt d'Bauland méi rar an dowéinst ëmmer méi deier gëtt. Si ass awer der Meinung, datt d'Wunnengsbaupolitik de Bau vu Wunnengen, déi jiddweree sech leeschte kéint, erméigleche misst, an dëst am Aklang mat dem Schutz vun der Landschaft.

Aus deem Grond proposéiert d'Kommissioun: eng geziilt Promotioun vun neie Wunnformen, vun neie Wunn- an Haiserotypen; d'Afféierung vun enger Tax op Bauland, dat net genotzt gëtt; e bessert Ofstëmme vun de Finanzhëllef, déi d'Gemenge kréien, mat de Kritäre vun der Landesplanung, esou wéi dat iwwregens den IVL an och den Avant-projet de plan sectoriel logement virgesäit; d'Verstärkung vun der sozialer Dimensioun am Wunnengsbau - dat heescht, och Leit mat méi schwachem Akomme hunn d'Recht op en ugemessent Wunnen - an dann d'Afféierung vun engem Certificat fir nohaltege Wunnenraum, esou wéi dat zum Beispill an Éistäräich virgesinn ass.

E puer Suggestiounen a Prioritéiten am Beräich vun der Landwirtschaftspolitik: De gesamte Sektour vun der Landwirtschaft steet am Moment viru groussen Erausforderungen, virun allem wéinst der Konkurrenzsituatioun um Weltmarkt. D'Kommissioun ass der Iwwerzeegung, datt d'Landwirtschaft en enorme Bäitrag ka leeschten am Beräich vun der nohalteger Entwécklung.

Dowéinst proposéiere mir folgend Prioritéiten: éischstens emol d'Analys vum Potenzial, datt d'Lëtzeburger Landwirtschaft huet fir zur CO₂-Reduktioun, fir zur nohalteger Entwécklung bäizetroen; dann awer och d'Ausschaffe vun engem deemtsprechenden Aktiounsplang; d'Ausféierung vum Aktiounsplang - dee jo besteet - fir d'Biolandwirtschaft; d'weider Diversifikatioun vun der Landwirtschaft; d'Promotioun vu regionale Produkter an d'Ëmsetzung vu Moosnamen, déi d'Erhalen an d'Schafung vun ökologeschen wäertvolle Flächen a Landschaftsstrukturen ënnerstëtzen.

D'Suggestiounen fir d'Gesondheetspolitik: An der Santé soll Lëtzebuerg kucken, fir d'Objektiver, déi d'OMS an hirem Dokument „Santé pour tous au 21^e siècle“ virginn huet, ze erreechen. Mir schloen also vir: d'Sensibiliséierungscampagné weiderzeféieren am Beräich vun der Preventioun, dëst virun allem an de Beräicher vun der gesonder Ernährung a vun der kierperlecher Betätigung; spezifesch Preventiounsprogrammer fir verschidde sozial Gruppen entwéckelen, besonnesch am Kader vun der Médecine scolaire; e Moosnameplang ausschaffen am Beräich vun der Ëmweltmedezin, wou drop insistéiert gëtt, de Lien tëschent der Ëmweltverschmutzung an der Gesondheet erauszekristalliséieren.

D'Suggestiounen am Beräich vun der Sozialpolitik: D'Kommissioun ass der Meinung, datt de PNDD der sozialer Dimensioun vun der nohalteger Entwécklung méi eng wichteg Plaz muss zougestoen, grad esou wéi der Problematik vun der Kohärenz. Et mussen also Konzepter definiert gi fir de Wuesstum, d'Verdeelung vum Räichtum, d'Bekämpfung vun der sozialer Ausgrenzung an Aarmut. Dëst alles muss geschéie mat der Suerg, eng sécher, eng gerecht, eng demokratesch Gesellschaft ze förderen, déi op de Kritäre vun der Integratioun an der sozialer Kohesioun baséiert, déi d'Grondrechter an och d'Diversitéit respektéiert an déi géint all Forme vun Diskriminatioun virgeet.

Aus deem Grond proposéiere mer: d'Promotioun vun neie Forme vun Équiliber tëschent Berufs- a Privatliwien, wat soll erméiglechen, d'Beruffsliewen an d'Famillieliewe besser openeen ofzestëmme; d'Schafe vu Partneriater tëschent Schoul an Ausbildungssektor an der Beruffswelt, fir datt eise Schoulsystem ka méi performant schaffen, fir datt den Antrëtt vun deene Jonken an d'Aarbechtswelt soll erlichtert ginn - „lifelong learning“ ass och hei e Stéchwuert, wat net onwichtig ass -; méi eng grouss Sensibiliséierung fir déi kollektiv an awer och fir déi individuell Responsabilitéit, déi jiddwer Eenzelnen dréit am Kampf géint d'Ausgrenzung a géint d'Aarmut; Moosname schafen, déi de Besoin vu besonnesch gefährdete Risikogruppen entsprechen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei war elo vill beieneen. Et ass jo och e ganz vastë Sujet an d'Diskussiounen wäerten haut de Mëtteg jo och ganz vaste - denken ech - gefouert ginn. Ech wëll lech ofschléissend just nach d'Konklusiounen, déi d'Kommissioun geholl huet, matdeelen.

Mir sinn der Iwwerzeegung, datt Lëtzebuerg déi néideg Ressourcen huet fir Changementer op sozialem, ekonomeschem an ökologeschem Plang erbäizeféieren. Fir datt dëst méiglech ass, ass awer e staarken Engagement vun alle politesch Responsabelen erfuerdert a mir hoffen, datt de PNDD heizou e wichtige Bäitrag leeschte kann. Et läit awer och grad esou op der Hand, datt och eis ganz Gesellschaft, datt jiddweree muss changéieren, datt jiddweree muss eng Hand upaken, fir datt mer méi nohaltege kënne ginn.

Loosst eis déi aktuell Kris als Signal huelen, fir eise sozialen a wirtschaftleche Modell ze iwwerdenken an ze probéieren, nei Äntwerten ze fannen op déi kruzial Froen vun

eiser Zäit. Mir brauche sécherlech Courage, mir brauchen Innovatiounsgeescht, fir nei Iddien ze entwéckelen, nei Prioritéiten fir eis Gesellschaft erauszueschelen. En „new green deal“ kann eis dobäi hëllef.

Ofschléissend wëll ech dann eng Resolutioun hei ënnerbreeden, déi vun alle Fraktiounen mat ënnerschriwwen ginn ass.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

- vu la loi du 25 juin 2004 relative à la coordination de la politique nationale de développement durable, et plus particulièrement son article 11;

- vu la décision de la Commission du Développement durable du 21 avril 2010;

approuve la prise de position de la Commission du Développement durable relative à l'avant-projet de Plan national de développement durable

et prie son Président de transmettre au Gouvernement la présente résolution et la prise de position de la Commission du Développement durable relative à l'avant-projet de Plan national de développement durable.

(s.) Fernand Boden, Eugène Berger, Jean Colombera, Camille Gira, Roger Negri, Marcel Oberweis.

Et ass nach Plaz drop fir verschidde Sensibilitäten, fir déi och mat ze ënnerschreien. An där Resolutioun weise mer op dës Rapport vun der Nohaltegekeetskommissioun hin, esou wéi en den 21. Abrëll festgehalde ginn ass. Mir soen, datt d'Chamber dës Prise de position vun der Kommissioun approvüiert a mir bidden de President vun der Chamber, dësen Avis an dës Resolutioun der Regierung ze iwwermëttelen. Ënnerschriwwen hu bis elo, wéi gesot, Verrieder vun alle Fraktiounen a wann déi verschidde Sensibilitäten nach wëlle mat ënnerschreien, dann ass dat wëllkomm.

Ech muss nach eng Kéier Merci soe fir - ech géif soen - déi konstruktiv, déi aktiv Mataarbecht vun allen an der Kommissioun, déi dozou gefouert huet, datt mer hei en Avis konnte maachen, deen e ganz breede Konsens fonnt huet.

Merci, wéi gesot, fir déi Mataarbecht an eng flott Diskussioun haut de Mëtteg.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Fernand Boden a senger Qualitéit als President vun der Nohaltegekeetskommissioun. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marcel Oberweis agedroen. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Débat

► **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, erlaabt mir am Ufank vu menger Ried dem honorabelen Här Fernand Boden Merci ze soe fir deen ausféierlechen a fundéierte schrëftlechen a mëndlechen Rapport.

Dat virleidend Dokument, een nohaltegt Lëtzebuerg fir méi Liewensqualitéit, den Nationale Plang fir eng nohaltegt Entwécklung, ofgekierzt de PNDD, zu deem d'Chamber en Avis ofliwwere muss, ass en Aarbechtspabeier vun der viregter Regierung. Et ass wuel eng Fläissaarbecht, mä si berout op den Donnéeën an den Iwwerleeungen, déi bis op d'Joer 2007 sech beruffen. Et schielt sech awer ëmmer méi eraus, dass der nohalteger Entwécklung an de leschte Joren net genuch Rechnung gendroe ginn ass. Leider huet och déi aktuell Finanz- a Wirtschaftskris déi nohaltegt Entwécklung massiv aus dem Mëttelpunkt vun eisen Iwwerleeungen geréckelt.

Net zulescht huet och d'UNO-Ëmweltkonferenz zu Kopenhagen am Dezember d'lescht Joer keng weider konkret Konsequenze bruecht. Et ass net zum gefuerderte Kyoto-Nofolgeprotokoll komm, dee jo um Enn vun 2012 ausleeft. D'Europäesch Unioun, an domat och Lëtzebuerg hu sech awer ambitiéis Ziler gesat, an dat schonn am Dezember 2007, wou si hir Strategie - dräimol 20% - festgeluecht hatten.

No dem Échec vu Kopenhagen huet eis Regierung sech op d'Lee geschriwwen, hiren „Partenariat fir den Environnement an de Klima“ bis Enn Juli vun deem Joer virzestellen. Mat deem Strategiepabeier sol-

len dann déi néideg nei Pisten an der Lutte géint de Klimawissel an dem Ëmweltschutz opgelécht ginn, an dat en aval vun de Recommendationen aus dem Nationale Plang fir eng nohaltegt Entwécklung, wéi mer se elo grad héieren hu vun dem honorabelen Här Fernand Boden.

Et muss zu enger enker Vernetzung vun de Beräicher Fuerschung, Klima, Mobilitéit, Wunnengsbau, Energieversuergung an Naturschutz kommen. Ee méi effikassen Energieverbrauch an eng massiv Reduzéierung vun den Dreifhausgasen, dat sinn déi ausgemaachten Ziler. A sécherlech muss et och zu enger klorer Ausso am Dossier vun den CDMen aus dem Kyoto-Protokoll kommen. Dat heescht: Wéi soll d'Finanzéierung vun nohaltege Projeten an ausgewielten Entwécklungslänner duerchgefouert ginn? Dës Projete solle jo déi nationale Emissiounsbilanz zum Deel verbessern, awer nëmmen dann, wa mir hei am Land all Energieaspuerpotenzialer ausgeschöpft hunn.

Dës dynamesch Klimapolitik dierf net op d'Käschte vun der Kooperatiounspolitik bedriwwen ginn. Et dierfen dierfir och keng Projeten, wéi ënner anerem d'Finanzéierung vu Wandenergieranlagen a China, méi duerchgefouert ginn. Villméi solle Klimaprojeten an den Entwécklungslänner ënnerstëtzt ginn.

Dierf ech dorop hiweisen, dass Lëtzebuerg sech engagéiert huet, an de kommenden dräi Joer ronn néng Milliounen Euro an der Lutte géint de Klimawissel an dës Länner ze investéieren? Dat sinn additiounel Fongen zur Entwécklungspolitik. All Projeten, déi et den Entwécklungslänner erlaben, net méi op déi fossil Energien zréckzegräifen, mä virun allem op déi erneierbar Energien, mussen mir bei hinnen ënnerstëtzen. Dat ass eng „win-win“-Operatioun fir si an och fir eis.

An dem PNDD hunn d'Auteuren 18 negativ Tendenzen ausgemaach, an dëst an den dräi Kärberäicher vun der nohalteger Entwécklung, der Wirtschaft, der Ëmwelt, dem Naturschutz an och am soziale Volet. De Rapporteur ass scho ganz déif dorop agaangen. Ech wëll hei virun allem de Verloscht vun der Biodiversitéit ervirhiewen, an dat an dem Internationale Joer vun der Biodiversitéit 2010.

Et gëtt gesot, dass de Verloscht besuergniserrengend ass, an eng vun den Haaptaufgaben muss et sinn, derfir Suerg ze droen, dass dësen Negativtrend gestoppt gëtt. An de rezenten Etüden hei am Land iwwert den Naturschutz kann ee liesen, dass ronn 80% vun eise Fiichtgebieder zerstéiert an eis Uebstbongerten ëm bal 60% reduzéiert gi sinn. Leider sinn och eis Bëscher mat Spure behaft duerch déi net nohaltegt Entwécklung. Am Joer 2000 waren nach ronn 43% vun eise Beem gesond, am Joer 2006 der nëmmen nach 34%.

An den internationale Rapporten iwwert den Aarteschutz kann ee liesen, dass pro Dag dosende vu Planzen- an Déierenarten op deem Planéit fir ëmmer verschwannen. D'Ursaache si ganz ënnerschiddlech, mä virun allem ass de Mënsch duerch säin net nohaltegt Behuelen zu engem groussen Deel schold un deem Misär. Mir zerstéieren d'Liewensraum vun den Déieren a Planzen duerch Pestiziden, duerch d'Verbaue vu Landschaften an déi onmoosseg Ëmweltverschmutzung.

Mä duerch eng Rei vu Gesetzter a Reglementer, ënner anerem d'Waasserdirektiv, leede mir awer schonn éischt konkret a couragéiert Schrëtt an. Bis 2015 mussen ronn en Drëttel vun eise Gewässer hei am Land erëm an de gudden Zoustand bruecht ginn. Ech soen en Drëttel, dat heescht, et feelen nach ëmmer zwee Drëttel dann. Et muss de Matbiurger alichten, dass d'Protektioun vun den dräi Liewensressourcë Buedem, Loft a besonnesch d'Waasser hire Präis hunn. Hei gëtt et net en Nulltarif. Ze mengen, mir këinten déi Liewensressourcen als eisen Drecks-tipp ugesinn, muss endlech der Vergaangenheet ugehéieren.

Niewent deenen eenzelne Bierger mussen awer och d'Betriber an d'Landwirtschaft an dës Prozess agebonne ginn. Grad am leschte Sektour stelle mir a puncto Waasserschutz eng grouss Responsabilitéit fest.

An dem PNDD gëtt op déi net nohaltegt an net kohärent Entwécklung am Beräich



vum Bauen a Schaffen an der Vergaangenheet higewisen. Eng logesch Suite dovun ass den héijen Undeel vun dem Individualverkéier géintiwwer dem öffentlichen Transport. Et ass dach erstaunlech, dass no enger rezenter europäescher Etüd eist Land déi gréisst Distanzen tëschent dem Wunnen a Schaffen an der Europäescher Unioun huet, woubäi dach mir esou e klenegt Land sinn.

D'Auteure vun dem PNDD weisen och op den héije Verbrauch vu Bensin an Diesel hin, dee jo domat gekoppelt ass, awer och op de Verkaf vun Diesel a Bensin am Transit- an am Grenzverkéier. Op de Punkt Transitverkéier mécht och d'OCDE an hirem leschte Rapport opmierksam a verlaangt, dass mir do couragéiert Schrëtt aleede mussen.

Wat de Pendlerverkéier ugeet, do muss een awer op déi héich Unzuel vu Frontalieren hiweisen. Ëmmerhin ëm déi 145.000, déi all Dag bei ons schaffe kommen. An deene kënne mir jo net verbidden, dass si bei eis hiren Tank fëllen. Mir kommen awer net derlaanscht, eis Gedanken zum Tanktourismus ze maachen, ëmmerhi scho laang en därege Problem hei am Land. An de Verbrauch bedéngt och eng héich Contributioun an de Kyoto-Fong, sou dass honnerte vu Milliounen Euro an dësem Fong hannerluecht mussen ginn.

Ech denken, déi Häre Ministere kënnen op deem Dossier nach eng Kéier agoen. Et ass en Dossier, dee vu ville Bedeelegten och kritesch hannerfrot gëtt.

Bedéngt duerch den héije Verbrauch vu Bensin an Diesel hu mir och héich Dreifhausgasemissionen. Ëmmerhi ronn 13 Milliounen am Joer 2009. Déi lescht rezent Donnéeën am Joer 2006 hu gewisen, dass d'Emissionen do nëmmen ëm 5,2% ënnert dem Wäert vun 1990 louchen. An dobäi ware mir esou kéng, am Joer 1997 ze behaupten, mir kéinten dat op 28% reduzéieren! Wäit gefeelt! Mir hunn eis am Joer 2007 erëm engagéiert, dës Emissionen an der Zäitschinn bis 2020, nach zéng Joer, ëm weider 20% géintiwwer 2005 ze reduzéieren. Hoffentlech packe mir et dann elo mat deene couragéierte Schrëtt an dem Package vum Klima/Environnement!

Am Beräich vun der Buedemversigelung ass en nohaltegen Trend ze erkennen. Sou ass de Landverbrauch, deen an de Joren 1990 bis 2000 ëm 3 Hektar pro Dag louch, op elo 1,3 Hektar an de Joren 2001 bis 2006 gefall. Momentan, kréie mer gesot, fällt de Wäert nach. Dat ass d'Resultat vun enger vernetzter Politik an dem Beräich vun dem Aménagement du Territoire, dee jo den Donnéeë vum IVL nokomme soll. Dat ass eng Konsequenz vum Ausbau an dem Zesummenwuesse vun notament den dräi Schwéierpunkten hei am Land: Esch/Belval, Lëtzebuerg-Capitale an der Nordstad.

An der Rumm vun de rezenten Aspueermoossnamen ass jo och dättelech gemaach ginn, dass weider an d'Eisebunninfrastrukturen investéiert gëtt, fir dem öffentlichen Transport nach méi en héije Stellwäert ze ginn. Derniewent sollen och d'Grenzpendler esou fréi wéi méiglech op de Bus an op d'Schinn bruecht ginn, wa mir net de Verkéierskollaps op eise nationale Stroossennetz erleide wëllen. Och do kann de Minister sécherlech nach e puer Detailer ginn.

Beim Liese vum Nationale Plang fir eng nohalteg Entwécklung stellt ee fest, dass mir eis an engem Upassungsprozess un déi schläichend Konsequenz vum Klimawiesse befannen. Wuel stinn den Euro an d'Finanz- a Wirtschaftskris am Mëttelpunkt vun den aktuelle Beméiungen, awer mir dierfen net vergiessen, dass de Klimawiesse nach méi frappant Auswierkunge wäert hunn.

Déi ervirgeruffen Temperaturerhéijung vun der Atmosphär gëtt zum gréissten Deel duerch de Verbrauch vun de fossilen Energien an der Industrie - an ëmmer méi an den opstriedende Schwellelänner wéi China, Indien, Russland, Mexiko, Indonesien - ervirgeruff. Well awer d'Reserven u Kuel, Äerdgas an Äerduelech ëmmer méi kleng ginn, an doriwwer eraus et ëmmer méi schwéier a méi deier gëtt, se aus der Äerd ze huelen, si mir amgaangen, ganz

geféierlech Experimenter duerchzeféieren.

Dierf ech nëmmen op déi lescht Ëmweltkatastroph am Golf vu Mexiko erënneren, wou duerch d'Explosioun vun enger Äerduelechplattform zënter dem 20. Abrëll dausende vun Tonnen Äerduelech all Dag an d'Mier lafen? Och wann alles ënnerholl gëtt, fir de Schued ze behiewen, hei sinn d'Fauna an d'Flora op enger riseger Fläch fir Jorzéngen zerstéiert!

Am Golf vu Mexiko kënne mir dës Aufgab nach duerchféieren, well et Gesetzer gëtt, déi derfir suergen, dass de Verursaacher - hei an deem Fall de Multi BP - dës Aufgab a Milliardenhéicht bezuele muss. Mä et kann ee sech mat Recht froen: Maache mir och dësen Effort, wann et zu esou enger Katastroph kënnt am Golf vun Nigeria, am Gabun, an Angola an Afrika?

Grad dës Katastroph am Golf vu Mexiko ënnersträicht déi onsécher Ofhängegkeet vun onser Wirtschaft vun dem Äerduelech an och spéider dem Äerdgas.

Muss een net da fäerten, dass dee mat dem Golfstrom bis un eis Küste vun Europa ugeschwemmt gëtt? Dierf ech dorop hiweisen, dass d'Distanz vu Florida bis un ons Küst ongeféier 6.000 Kilometer bedréit, an de Golfstrom mat enger Vitesse vun 150 Kilometer pro Dag fléisst? Ma da kann ee sech ausrechnen, wéi laang dat dauert, bis mir d'Konsequenz vu Florida Key West hei hunn: genau ronn 40 Deeg! 40 Deeg, dat ass net ganz laang, da kréie mer op der bretonescher, spuenescher Küst och déi éischt Flaatsche vum Äerduelech.

Wa mir näischt ënnerhuelen, da wäert d'Europäesch Unioun beim Äerduelech zu 93% a beim Äerdgas zu 84% am Joer 2030 - net méi ganz laang! - ofhängeg sinn.

Wier et net elo un der Zäit, alles an d'Wee ze leeden, sech eng aner Energieversuergung ze ginn? Dat heescht, vun de fossilen op déi erneierbar Energien eriwuerzegoen. Nach gëschter huet den honorabele Marc Angel eis hei e Gesetz virgedroen iwwert d'IRENA. Bewäis méi: Et gëtt lwwerleeungen, mir mussen se couragéiert ugoen. An dat gestäipt duerch d'Ausoe vun der Internationaler Energieagence zu Paräis, déi seet, dass de Verbrauch un Energie ëm 50% nach klamme wäert an deenen nächsten 20 Joer. A mat wellechen Energie wëlle mer dann dee Kuch verdeele bei den opstriedenden Natiounen an Afrika an an Asien?

An deem Zesummenhang muss een awer och da soen, dass 2050, e bësse weidergekuckt, 9,5 Milliarde Mënsche wäerte liewen! Haut si mer zu 6,9 Milliarden. A wann een dovun ausgeet, dass d'Agence zu Paräis seet, dass all Awunner nëmmen dann nach eng Emissioun dierf hu vun zwou Tonnen CO₂ op de Kapp, da kann ee sech virstellen, wellech gigantesch Aufgab op déi räich Länner zoukënn. D'Moyenne zurzäit ass bei ons tëschent aacht bis 30 Tonnen op de Kapp am Joer.

Net zulescht muss dës Welt agesinn, dass eng weider Temperaturerhéijung vun der Atmosphär ëm zwee Grad Celsius irréparable Schued wäert erviruffen. Wann een awer, an ech denken, mir alleguer hunn dat hei, Responsabilitéit virun de kommende Generatiounen huet, da mussen mir eis kollektiv Gedanke maache fir nohalteg Mesuren. All Schrëtt an dës Richtung stellen e Gewënn fir ons Wirtschaft, fir d'Groussregioun a fir Europa duer.

Vergiesse mir net, et kënnt fréier oder spéider zu engem Ëmdenckprozess an der Nohaltegkeet. Den honorabelen Här Fernand Boden ass dorop agaang a sengen lwwerleeungen zu eiser Kommissiounsarbecht. An da sinn déi, déi haut schonn ufänken ëmzedenken, d'Gewënner vu muer de Moien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Nationale Plang fir eng nohalteg Entwécklung sinn och scho Piste vun enger Verbesserung opgezechent ginn, ënner anerem d'Sanéierung vun eise Gebaier, d'Erhéijung vun der Energieeffizienz, d'Notze vun den erneierbaren Energien, eng méi effikass an ökologesch Transportpolitik wéi och d'Ënnerstëtzung fir Ëmwelttechnologien.

Am Beräich vum Logement, wou de Minister Marco Schank eng dynamesch Politik

duerchféiert, ginn d'Planung an de Bau vun energieeffiziente Gebaier an Haiser virugedriwwen. Et heescht elo, den Energieverbrauch duerch de Bau vun Niddregenergie-, Passiv-Gebaier wéi Energieplus-Gebaier ze reduzéieren. Den ageféierten Energiepass, dee wuel eng Rei vu Kannerkrankheete kannt huet, erlaabt eis eng méi energieperformant Bautepolitik.

Mir sollten awer net vergiessen an iwwersinn, dass eist aktuellt Reglement nach op enger Direktiv berout aus dem Joer 2002, an d'Europäesch Kommissioun an d'Parlament amgaange sinn, schonn eng nei a méi performant Direktiv am Beräich Bauen auszeschaffen. Mir sollten elo net laang waarden an eis op dee Wee maachen, déi séier ëmzesetzen.

Ee weidere Beräich, wou mir d'Energiebilanz verbessern an d'Dreifhausgasemissionen reduzéiere kënnen, läit am Beräich vun der Notzung vun den erneierbaren Energien. Mir wëssen, dass bis 2020 den Undeel vun dësen Energien op 11% an dem Gesamtverbrauch hei am Land géintiwwer haut nëmmen engem Prozent eropgehewe muss ginn. Duerfir mussen mir alles an d'Wee leeden, fir heiheem esou vill wéi méiglech ze maachen an de Rescht an der Europäescher Unioun oder doriwwer eraus unzefroen.

Wat awer dës Projeten hei zu Lëtzebuerg ubelaangt, sou kann een nure mat Bedauere feststellen, dass eng Rei vu Projeten d'Dageslicht ni gesinn, obscho se gutt an duerchduecht sinn, well einfach bei ons am Land de sougenannten NIMBY-Syndrom spilt, dat heescht, mir wëllen näischt, mir wëlle just gäre Stroum. Ënner anerem e puer interessant Wandenergie-Projeten.

Lëtzebuerg huet sech awer trotzdeem als e Partner am Groupe Pentalatéral électrique erabruucht, wou et zu enger Verknëppung vun den elektresche Réseauen tëschent de Benelux-Staten, Frankräich an Däitschland kënnt. Domat kënne mir als eenzegt Banneland an Europa mat aneren néng d'Wandkraaft op dem Mier notzen. Dat erlaabt et eise Land, de Bau vun der eelefter Pompelturbin mat 200 Megawatt zu Veianen bei der SEO mat engem Investissement vu ronn 160 Milliounen Euro unzegen. Do soll dann déi iwwerschësseg Energie, déi vun de Kraaftwierker um Mier gewonnen gëtt bei den Éoliennen, kuerzzäiteg kënne gespäichert ginn, fir duerno mat an de Spëtzeleeschtungszeiten an den europäesche Réseau erëm zrëckgeliiwert ze ginn.

Well mir jo wëssen, dass eist Land och en Tissu industriel nach weiderhi brauch, kuum et rezent zur Grënnung vun engem Cluster, dem EcoDev, vun den Ëmwelttechnologien. Deem säin uitgemaachtent Zil ass et, virun allem erauszefannen, a wellechen Domänen et zu enger performanter Symbios vun de Fuerschungszentren, den Universiteiten an der Groussregioun an de PMEE soll kommen.

Am Beräich vun der Mobilitéit wëlle mir den „modal split“ vu 75/25 bis 2020 erreechen, dat heescht, dem öffentlichen Transport eng Virrangstellung géintiwwer der individueller Mobilitéit araumen. Mir dierfen awer net d'Mobilitéit douce vergiessen. Déi muss ëmmer méi ausgebaut ginn.

Eng ganz nei Pist wëlle mir mat der Elektromobilitéit, berouend op den erneierbaren Energien, agoen. Do deet sech eng immens grouss Palette vun Aktivitéiten op, un deenen och Lëtzebuurger Entrepris ganz wäertvoll agebonne kënne ginn. Ënner anerem ass eng Zesummenaarbecht tëschent dem Centre de recherche public Henri Tudor, dem Centre de ressources fir Ëmwelttechnologien, dem CRTE, an der Gesellschaft Enovos an d'Wee geleet ginn. Et gi sech hei Gedanken gemaach iwwer eng performant, nohalteg Elektromobilitéit, wuelwëssend, dass mir déi benéidegt elektresch Energie net eleng hei am Land kënne produzéieren. Mä d'Notzung vun der Wandkraaft um Mier, der Sonn an de spuenesche Wüstegebidd wéi der iwwerschësseger Biomass a Mëtteleuropa wäert eis hei nei Horzonten opmaachen.

Ier ech zum Schluss kommen, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, wëll ech nach eng Kéier ee Beräich kommentéieren, deen am Nationale Plang fir eng nohalteg Entwécklung och seng Bedeitung muss

kréien, well et hei ëm d'Klimagerechtegkeet geet. De Klimawiesse a seng Konsequenz loosse seriö Spannungen tëschent de Räichen an den Aarmen op dëser Welt opkommen. Duerch den onmoossegen Energieverbrauch vun de räiche Mënschen leit d'Liewensqualitéit vun honnerte Milliounen Mënschen, notament an Entwécklungslänner. Si sinn duerch d'Naturkatastrophen am meeschte beträff. Si, déi de Klimawiesse net ervirgeruff hunn.

Duerfir gëtt um Nationale Plang fir eng nohalteg Entwécklung speziell drop higewisen, dass dat ieweschst Zil vun onser Entwécklungszesummenaarbecht d'Lutte géint d'Aarmut muss sinn. Dës Lutte ass eng vun den aacht Milleniumsziler fir 2015, déi sech d'Veereenten Natiounen zu New York am Joer 2000 ginn hunn.

Doniewent mussen mir awer och alles drusetzen, fir de Liewensniveau vun de Mënschen an den Entwécklungslänner, speziell an Afrika, eropzehiewen. Dat kann nëmmen duerch den Asaz vun Energie goen, wéi et och bei eis gaangen ass, an dat zënter der Erfassung vun der Dampmaschinn am Joer 1769.

Fir an den Entwécklungslänner dës Schrëtt duerchzeféieren, kënne mir op d'CDMen, déi flexibel Mechanismen aus dem Kyoto-Protokoll, zrëckgräifen. Awer nëmme 4% vun den Emissionen aus dem Joer 2005 kënne mir aus esou Projeten akafen, an dat vun 2013 un. Dat maachen awer nëmme ronn 400.000 Tonnen am Joer aus. Wäit wéineg par rapport zu 13 Milliounen, déi mer all Joers ëmzettéieren.

Fir eng seriö CDM-Politik duerchzeféieren, mussen déi obligatoresch Ëmweltverträgelechtsprüfungen duerch déi sozial Verträgelechtsprüfungen nach verschäerft ginn. Et muss kloer sinn, dass nëmmen nach Emissionsreduktiounen fir dee Projet guttgeschrivwe kënne ginn, déi wierklech een additionnelle Charakter hunn.

D'CSV ka sech virstellen, dass mir Projeten an eise Pays cible mat deenen do schaffenden ONGe féieren an esou de Mënschen hir Liewensqualitéit erhéijen. Mat intelligente Léisungen an eng zukunftsäeg Wirtschaft investéieren an den ökologeschen Embau alauden, dat si schwiereng Erausforderungen. Mir mussen se meeschteren.

An deem Zesummenhang wëll ech och nach kuerz op de rezenten zweeten Ëmweltbericht vun der OCDE iwwer Lëtzebuerg hiweisen. Do schreift hire Generalsekretär Angel Gurría: Och wann d'Bilanz global positiv ausfällt, esou dierf eis Regierung hir Hänn net an de Schouss leeën. D'OCDE vermësst hei eng kloer Visioun fir méi Ëmweltschutz, a ganz speziell weist se dorop hin, dass Lëtzebuerg seng Hausaufgab am Kyoto-Protokoll wäit verfeelt hätt. Mä ech denken, elo si mer mat deem neie Partenariat op dem richtege Wee, a mir hoffen, dass dës Wee dann der OCDE ka gerecht ginn.

D'CSV wäert sech duerfir mat vill Nodrock an dësem wichtege Upassungsprozess engagéieren. De Prinzip vun der Nohaltegkeet ass dee wichtigste politeschen Outil. Mir wëllen d'Liewensbedingunge fir déi kommende Generatiounen respektéieren. De Klimaschutz an eng couragéiert Energiepolitik sinn d'Haaptelementer vun dësem Challenge. Den Nationale Plang fir nohalteg Entwécklung stellt, och wann hien net optimal ass, eng Chance duer, elo eng laangfristeg wirtschaftlech an ökologesch Entwécklung duerchzeféieren.

D'CSV hält hir Responsabilitéit a schafft beim Opbau vun der gewëschter kuelestofffräier Gesellschaft mat. Eist Land wëllt sech intensiv beim Opbau vun der drëtter industrieller Revolutioun erabringen. Duerfir invitéiert si jiddwer Matbirger, sech un dëser Aufgab ze bedeelegen. Et lount sech wierklech.

Ech hunn elo ronn 20 Minutte geschwat, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, Dir Häre Ministeren,...

► **Une voix.** - 23 Minuten!

► **M. Marcel Oberweis** (CSV).- 23? Mä ech hunn et mat 20 ausgerechent hei, fir mer dat konkret ze maachen.



...a während där Zäit sinn am Golf vu Mexiko aus dem Lach 40 Tonnen erausgespruddelt. Kuerz gewisen, dat ass eng Surface vun dräi Ar, 100 Meter héich, während mengen 20 Minutten. Dir kënnt lech virstellen, wann een dat wochelaang spruddele léisst, wat dat fir eng Auswierkung huet.

D'Explosioun vun der Uelechplaque vum „Deepwater Horizon“ soll eis virun Ae féieren, wou den demokrateschen Drock an dat ekonomesch Wuesstem ouni Grenzen d'Welt ka bréngen. D'Zäit vum Iwwerfloss an dem Gaspillage ass eriwwer, an déi onmoossege Belaaschtung vun den dräi Liewensressourcë muss en Enn kréien. Dat soll eis eng Warnung sinn an och eng Chance nozedenken, wéi mir eis Energieversuergung vu muer organiséieren an domat méi ëmweltfrëndlech, dat an der Rumm vun dem Nationale Plang fir eng nohalteg Entwécklung.

Mir sollten eis opmaache fir méi en nohaltegt Lëtzebuerg opzebaue mat méi Liewensqualitéit. D'CSV ass sech deem Challenge bewosst - ech hunn ech gesot - an ënnerstëtzt all déi Mesuren, déi schonn um nationale Plang opgezeechent sinn, an all déi innovativ nei Schrëtt. Mir stinn um Ufank vun engem laange Marsch a mir sollten dës Aufgab zesumme mat Courage ugoen.

Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Marcel Oberweis. Als nächste Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, ech wéilt och dem Rapporteur, dem Fernand Boden, e grouse Merci ausschwätzen. Hien huet hei och e ganz kriteschen Avis vun der Kommissioun presentéiert. Dat ass eng gutt Saach an dat reflektéiert och wierklech d'Diskussiounen, déi mer an där Kommissioun haten an déi hien och ganz gutt gefouert huet.

Här President, säit laange Joren, säit 1989 gëtt elo schonns iwwer Nohaltegkeet geschwat an debattéiert, Konferenzen a Programmer doriwwer gemaach, Politik domadder gemaach. D'Nohaltegkeet huet Agank an d'Schoulprogrammer fonnt, wéi ech dat konnt gesinn, datt dat zum Beispill an Ekobicher vun de Premiëresklassen ass. A mir hu mëttlerweil och en Nohaltegkeetsministère.

Et kéint een also dovunner ausgoen, datt haut jiddweree kloer weess, wat ënner Nohaltegkeet ze verstoen ass. Heiansdo huet een awer d'Impressioun, datt Nohaltegkeet fir alles a fir näischt duerhale soll. Da geet zum Beispill Rieds vun nohaltege Pensiounen oder vun nohalteger Wirtschaft, ech hu schonn héiere vun nohaltegem Sport, virun e puer Deeg hunn ech schonn héieren: nohaltege Moud. Dann ass der Fantasie do keng Grenze gesat.

Et ass also e Moudewuert ginn, dat anscheinend gutt mécht, och bei Sonndesrieden, mä wou jiddweree gären eppes anescht drënner wëllt verstoen. Duerfir wéilt ech och nach eng Kéier - de Fernand Boden hat dat awer scho gemaach - kuerz rappeléieren, datt Nohaltegkeet am Ursprung e Konzept ass, fir mat der Ëmwelt an natierleche Ressourcen esou schounend ëmzegoen, datt mer se fir déi zukünfte Generationen erhalte respektiv hir Chancen net domadder verschillen, a virun allem et ass och eng integrativ Approche - dat ass a mengen Aen ganz wichtig -, wou et drëms geet fir en Équilibre ze fannen zwëscht deenen Aktiounen, déi ee mécht, an de Secteuren oder am Domän vun der Ëmwelt, vun der Ekonomie an dem soziale Beräich. Déi dräi mussen also zesummespillen. Et dierf keen au profit vun deem anere méi staark ginn.

Fir dee Konzept vun der Nohaltegkeet och da konsequent an d'Politik ëmzesetzen, goufen iwwert d'Gesetz vun 2004 Strukturen hei zu Lëtzebuerg agefouert. Ënner anerem gouf duerch dat Gesetz de Conseil Supérieur de Développement Durable age-

fouert, wou Akteuren aus alle gesellschaftleche Beräicher eng wichteg Reflexiounsarbeit maachen. A mëttlerweil liwwere si Avisen of, déi ganz wäertvoll Ustéis si fir all politesch Zukunftsdossieren.

E wichtigen Aspekt vum Gesetz ass dee vun der departementsiwwergräifender Zesummenarbeit, déi duerch de Comité interministériel ugestriift gouf, well nohaltegt Politik kann een nëmme maachen, wann all Ministère an déiselwecht Richtung zesummeschaffen, well se jo alleguerte beträff sinn, an net nëmme den Nohaltegkeetsminister.

Duerfir bedauern ech och - an ech hunn dat awer gëscht schonn, wéi ech meng Ried preparéiert hunn, heihinnergeschriwwen, well ech wosst, datt dat haut géif esou sinn -, datt bei deem Débat haut de Mëtteg wéineg Intérêt bei deenen anere Regierungsmembere besteet.

D'Nohaltegkeet muss nämlech en Uleies si fir all Regierungsmember, inklusiv de Premier, well deem ass jo opgrond vum Gesetz eigentlech och de Leader an deem ganzen Dossier. An ech ka mech erënneren, et waren emol Rieden hei, den État de la nation, wou de Premier mindestens 27-mol vun Nohaltegkeet geschwat huet. Also, ech bedauern, datt wierklech nëmme den Nohaltegkeetsminister an de Ministère délégué haut de Mëtten hei sinn.

(**Interruption**)

Et ass och de Mérite vun deem Gesetz, mat deem 2004 net jiddwereen dermat d'accord war - ech ka mech zum Beispill erënneren, datt d'sozialistesche Fraktioun deemools géint dat Gesetz gestëmmt huet; et war vläicht deemools keng Stärstonn vun Här Bodry, deem dozou geschwat huet -, datt mer regelméisseg aktualiséiert Pläng mussen opstellen, déi als Zil hunn, d'Politik ze guidéieren, fir se méi nohaltegt ze gestalten. Déi Pläng, déi sollen och net just en Exercice de style sinn, mä si sollen e Fahrplang fir déi gesamt Regierung sinn.

De leschte Plang, deem ass also 2009 opgestallt ginn, dee mer haut de Mëtteg hei debattéieren, an deem also da soll eng Guideline si fir déi nächst Jore fir d'Politik hei zu Lëtzebuerg. Dat soll an dat dierf also keen Alibi-Exercice sinn, mä mir sollen déi Analys ganz genau, kritesch maachen an och déi noutwendeg Konklusiounen zéien.

Zur Analys a Bewäertung vun deem Plang wollt ech e puer Virbemerkunge maachen. Et ass e Plang, deem effektiv nach ënnert där aler Regierung opgestallt ginn ass, wou elo déi nei Regierung dann haut e bësse muss Ried an Antwort stoen. Dat ass awer net onbedéngt e Problem, well d'Majoritéit en tant que telle huet jo net changéiert an déi zwou selwecht Parteie si weiderhin an der Regierung verflucht, nohaltegt ze handelen.

Méi schwierig ass den Émstand, datt de Plang virun der internationaler Wirtschaftskris geschriwwen ginn ass an duerfir eng Rei Elementer oder Événement net konnte berücksichtegt ginn, besonnesch wat de sozialen a ekonomesche Beräich ubelaangt. Ech wäert spéider nach eng Kéier kuerz op déi Aspekter zrëckkommen. Och zum Beispill den Échec vu Kopenhagen war zum Zäitpunkt, wou de Plang geschriwwen ginn ass, net virauszegesinn.

Bon, dee Plang, dee mer haut de Mëtten hei debattéieren, ass mëttlerweil deem zweeten opgrond vum Gesetz vun 2004. A wat ee muss vermessen, dat ass e Bilan vun dem éischte Plang. Wat war doranner proposéiert ginn? Wat konnt ëmgesat ginn? Wat net? Firwat konnt dat net ëmgesat ginn? Wat fir eng Léieren hätt ee kënnen doraus zéien? Dat misst awer onbedéngt déi nächste Kéier bei deem Plang geschéien, well et ass wichtig, datt een e Monitoring mécht.

Dorunner knäppt sech natierlech och d'Fro, wéi een eng nohaltegt Politik moosse kann. Stéchwuert sinn hei d'Indicateure vun der Nohaltegkeet. Ech hat d'Éier 2002 déi éischt Serie vun Indicateuren - ech mengen, et waren der 27 - opstellen ze loossen an ze presentéieren. Et war awer deemools gewosst, datt een déi misst mat der Zäit upassen, datt ee se misst erweideren.

Elo 2010 leien awer nach keng nei oder réviséiert Indicateuren um Dësch. Et ass also schwéier, wann een och keng aktualiséiert Indicateuren huet, fir esou e Plang, deem éischte Plang also, ze évaluéieren. Do ass dat elo net onbedéngt e Reproche un déi aktuell Responsabel, mä do ass et dann éischter de viregten Ëmweltminister, dee seng Hausaufgaben net gemaach huet. Duerfir den Opruff un d'Ministère Schank a Wiseler, esou schnell wéi méiglech déi Indicateuren ze aktualiséieren, well se sinn ee wichtegt Instrument fir d'Nohaltegkeet vun de Politiken insgesamt besser ze moossen an ze guidéieren.

Wat elo den Inhalt vun dem Plang ugeet, muss ee soen, datt en eng duerchwuessen Analys vun der Problematik vun der Nohaltegkeet hei zu Lëtzebuerg mécht. Fir an de Wiederer vum Nohaltegkeetsrot ze schwätzen, deem Deel vum Rapport ass am Fong geholl spektakulär an all interesséierte Bierger sollt eigentlech déi 35 éischt Säiten eng Kéier a Rou liesen.

Wat elo d'Zukunft ubelaangt, proposéiert de Plang eng Hällewull vun neie Mesuren an deenen ënnerschiddlechste Politikberäicher. Do gi ganz vill Mesuren opgezielt. Mat ganz ville kann een do d'accord sinn, mä wat ech vermessen, dat ass, datt do keng Prioritéite gesat ginn. Et ass e Katalog vu Propositionen, wou een net ëmmer kann erausliesen, wéi déi eng mat deenen aneren da verknäppt sinn oder wéi d'Hierarchie ass.

Dat huet wahrscheinlech domadder ze dinn, datt hei och eng ganz Rei Ministère deem Plang zougeschafft hunn - dat ass jo eng gutt Saach, dat gëtt jo ugestriift -, a jiddwereen huet dann och wollt seng Iddien erabréngen. U sech ass dat jo och da positiv, mä et schéngt wéi wann awer dann herno all Ministère säin „claim“, fir et emol esou ze soen, dann e bëssen ofgestrach huet, an da ka kee sech dann herno an déi Gesamtstrategie erabewegen. A jiddweree bleift awer bei sengen Punkte bei sengem Ministère hanken.

En anere Punkt vu Kritik ass deem, datt bei deene sëllege Virschléi, wou, wéi gesot, der eng ganz Rei wierklech ganz gutt sinn, keng Échéancé stinn, datt net gesot gëtt bis weini déi Mesurë sollen ëmgesat ginn. Et ass emol gutt gesot, wat ee soll maachen, mä et ass net gewosst, weini dat soll realiséiert gi sinn. Soll dat elo a fënnf Méint sinn, a fënnf Joer oder a fënnf Jor-zéngten?

Gradesou wéi och eng Rei gutt gemengte Propositionen opgezielt ginn, ouni datt awer konkret gesot gëtt, wéi, zum Beispill duerch wat fir ee Gesetz oder wat fir eng reglementaresch Aktioun oder soss, een déi Propositione kéint an d'Praxis ëmsetzen. Do treffe mer dann och d'Achillessehn vun dem Plang, well dat géif sech och dann direkt, wann do géif konkret prezis stoen, wéi een et soll maachen, un d'Exécutive, also un d'Regierung richten. An déi wëllt sech jo awer wahrscheinlech do net esou an hir Aarbecht dräschwätze loos-sen.

Ech wëll elo dat Ganzt oder e puer Problemfelder vun der Nohaltegkeet hei zu Lëtzebuerg e bësse méi genau ënnert d'Lupp huelen. Et ass natierlech och interessant; mä Virriedner huet et e bësse méi wäit ausgeholl, hien ass bis an d'Karibik a bis an de Golf vu Mexiko gaangen. Ech wëll elo net esou wäit goen. Ech hoffen och net, wann ech méi laang schwätze wéi den Här Oberweis, datt ech dann och nach schëlleg si mat méi laangem Auspruddele vum Äerduelech, mä ech wëll mech also dann elo hei zu Lëtzebuerg do-robber konzentréieren.

En Dossier par excellence vun der Nohaltegkeet ass dee vun dem Klimaschutz hei zu Lëtzebuerg, natierlech och op anere Plazen op der Welt. An d'Regierung ass och hei mat oder ouni Accord vu Kopenhagen weiderhi gefuerdert. Mir hunn eis Ziler vu Kyoto nach ëmmer net erreicht. An dat, wat mer um Terrain guttmaachen, ass zum Haaptdeel, wann net bal exklusiv, duerch Fräikafen iwwer flexibel Mechanismen erreecht ginn.

Ech hat déi Démarche schonns eng Kéier op deser Plaz kritiséiert, well ech net d'Effizienz am Sënn vun Klimaschutz dra gesinn; datt mer zum Beispill zeg Milliounen Euroen an e puer Wandmillen a China in-

vestéieren - e Land, dat Rakéiten an de Weltall schéisst, wat Atombommen huet a wat weess ech net nach alles -, datt mer also do dann déi Suen investéieren, fir dann anscheinend d'Klima am grouse China mat e puer Milliarde Mënschen ze retten.

Ech fannen zum Beispill, datt mer déi Suen da besser hei an eisem Land investéiert hätte fir konkret Mesuren am Sënn vun Klimaschutz. Da kommen natierlech och nach déi moralesch Bedenken derbäi, wann een dann och iwwert de Kyoto-Fong an dann a verschidden esou obskur Fonge Suen investéiert, wou een net genau weess, wat domadder geschitt, wat fir eng konkret Aktiounen domadder gemaach ginn.

Dat ass natierlech och, mengen ech, e moralesche Problem, well mer jo da versichen eise Problem op d'Drëttweltlänner ofzewälzen, oder se awer versichen als Entwécklungshëllef ëmzewandelen. Dat ass och net nohaltegt an der Optik vun de Relationen Norden/Süden.

Mir sinn also hei zu Lëtzebuerg op alle Fall am Klimaschutz weider enorm gefuerdert. Mëttlerweil ass den Nohaltegkeetsminister an den déléguéierte Minister ee Joer am Amt an nach ëmmer vermessen ech konkret nei Initiativen an Impulser. Ech weess elo schonn, wat se do ënnen denken. Se soen dann: „Mä mir hunn awer elo e Partenariat ugekënnegt.“ Do sollen dann all concernéiert Akteuren zesummen un engem Dësch diskutéieren a Mesurë proposéieren, déi eng allgemeng Akzeptanz kënnen fannen.

Schéin a gutt. Dorun ass oder wär näischt aussetzen. Mä bis datt dee Partenariat ofgeschloss ass, dat wäert dann nach eng Kéier e puer Méint daueren, da gëtt et nees praktesch Dezember. An et geet scho Rieds, datt dee Planing, deem Timing fir dee Partenariat dann och schonn net kann agehale ginn. Do geet einfach enorm vill Zäit verluer, a mir kéinten elo schonns eng ganz Rei Mesuren ëmsetzen, déi allgemeng Akzeptanz fannen.

Zum Beispill dat vum CO₂-Aspueren am Hausbau, wou jo e ganz grouse Potenzial läit. Hei zu Lëtzebuerg kéinte mer en Drëttel CO₂-Emissiounen spueren, zum Beispill duerch den Assainissement vun eiser Albausubstanz. A mir haten als DP schonns virun de Wahlen konkret Mesurë proposéiert, insbesonnesch datt mer am Albau systematesch solle Mesuren, e Programm duerchzéien, fir datt mer bis 2020 all Albausubstanz géife sanéieren.

An dobäi sollt dann de Bierger finanziell iwwer eng staatlech Klimabank gehollef kréien, datt déi Aarbechten, fir ze assainéieren, géife virgestreckt ginn, an da mat deene Suen, déi een herno spuert beim Brennes, mam Gas, mam Masutt, well d'Haus jo gutt assainéiert ass, kéint een dann dat zréckbezuelen. Am Endeffekt géif dat de Stat jo och näischt kaschten, well e géif seng Suen dann zréckkréien.

Dat wär eppes, wou wierklech och géif nohaltegt geschafft ginn a wou aus ville Bléckwinkelen eraus Gewënner wäeren. Éischens, de Bierger wär Gewënner, well e géif à long terme manner Suen ausgi fir säin Haus, fir de Masutt, fir de Gas. D'Klima, d'Ëmwelt wär Gewënner. De Stat wär Gewënner, well e muss manner Kyoto-Strofe bezuelen. An dann awer och dee ganze wirtschaftlechen a sozialen Aspekt: d'Handwierk géif nei Aarbecht fannen, nei Aarbechtsplaze kreéieren. Also och do hätte mer Gewënner.

A souwäit ech weess, besteet Konsens bei all de Leit hei zu Lëtzebuerg, bei den Handwierker, bei de Bierger fir dat ze maachen. Do brauche mer net nach en neien Diskussionsdësch, fir do zu där Konklusioun ze kommen.

Wat hënnert eis also, fir domadder muer unzufänken? Et ass a villen anere Beräicher vum Klimaschutz d'selwecht. Et leien am Beräich vum Klimaschutz zum Beispill säit Joren Etüden um Dësch iwwert d'Potenzial vun den erneierbaren Energien. Firwat hu mer bis elo do keng Suiten derzou? Et si schonn x, oder net x, mä et si schonn zum Beispill eng Rei Pilotprojeten am Beräich Energieeffizienz, nohaltegt Wunnen ëmgesat ginn.

Schonn an de Joren ufanks 2000 hu mer zu Pëtscht e Pilotprojet ëmgesat. Do war



och d'Akzeptanz iwwerall do. Do hu mer kee ronnen Dësch gebraucht. Firwat gëtt dat also net verallgemengert? Firwat waarde mer elo nach ee Joer oder méi laang, bis datt mer domadder da géifen ufänken?

Nach eng Kéier, esou e Partenariat ass schéin a gutt, mä et ass sech elo einfach ze froen: Brauche mer duerfir extra elo nach e puer Méint, e ronnen Dësch, fir datt dann och jiddwereen nach eng Kéier d'accord domadder ass, wou schonns jiddwereen dermat d'accord ass? Et ass a mengen Aen einfach verlueren Zäit.

Och wat d'Transportpolitik ubelaangt, wësse mer, datt mer musse verstärkt an den öffentlechen Transport investéieren. Den „modal split“ 25/75, do ass souwiso schonn en Accord do. Pläng, Programmer, d'Architekten oder d'Ingenieuren hu scho praktesch alles do gemoolt. Et geet just drëms, fir dat nach ëmzesetzen. Musse mer dat elo nach eng Kéier nei alles diskutéieren?

An da freet ee sech och, wat herno - wéi soll ech soen - awer d'Duerchsetzungsverméige vun esou engem ronnen Dësch ka sinn. Well et si jo awer da verschidden Domänen, wou d'Regierung elo schonn Neel mat Käpp gemaach huet an net d'Konklusiounen vun deem Partenariat ofgewart huet, zum Beispill a verschiddenen Dossiere vun dem Transport. Et sinn déi eng Strecken, zum Beispill Esch-Lëtzebuerg, déi zrëckgestallt gi sinn. Elo geet net méi Rieds - wat ech gutt fannen - vun dräi Pisten op den Autobunnen, awer nëmmen hallef, an esou weider. Dat heescht, do sinn also schonn eng Rei Décisiounen gefall.

Wat mech awer och dann zu enger ganz fundamentaler, wesentlecher Fro vum Stelwäert net nëmme vun deem Partenariat bréngt, mä insgesamt vun deem Nohaltegkeetsplang an deem, wat och dann den zoustännegen Nohaltegkeetsminister respektiv den déléguéierte Minister betrëfft: Wéi steet de ganze Plang, de Partenariat, mä awer och d'ganz Nohaltegkeetspolitik, an och de Plang hei, dee mer haut de Mëtteg diskutéieren, par rapport zur Tripartite, wou et jo och ëm wichteg Décisiounen fir d'Zukunft vum Land geet, wou och wichteg Décisiounen geholl ginn?

Eigentlech misst sech d'Regierung jo och an der Tripartite un esou engem Plang orientéieren - eigentlech -, well am Konkrete konnt ee gesinn, datt dann esou e Plang an enger Tripartite guer näischt méi wäert ass. Et war emol esou, datt den Nohaltegkeetsminister mol net huet dierfen un der Tripartite deelhuele. Et ass eigentlech dann eng ganz ernüchternd an depri-mant Feststellung. An da freet ee sech, wat esou en Nohaltegkeetsplang fir des Regierung iwwerhaupt wäert ass. Et schéngt, et ass net méi wéi en Alibi oder e Feigeb-lat.

Mir sollen duerfir awer net elo haut de Mëtteg hei als Chamber d'Bengele bei d'Tromm geheien, mä d'Fangeren ëmsou méi op d'Wonne leeën an eise Rôle als Chamber spillen an ëmsou méi drop hiweisen, datt d'Regierung muss nohalteg Poli-tiken ëmsetzen. Ech fannen, dat ass och wierklech de Mérite vun deem Rapport - nach eng Kéier -, datt do de Rapporteur wierklech en anstännegen, en zolitten an e kriteschen Avis opgestallt huet, wou mer dann och wierklech als Chamber eise Rôle spillen.

Nach e leschte Punkt zum Dossier Klima-schutz, dee par excellence op der Schnët-stell vun Ëmwelt an Economie da läit: Et handelt sech heibäi ëm de sougenannten Tanktourismus. Och hei ass d'Regierung gefuerdert, fir mëttelfristeg eng Solutioun ze fannen, an immens wichtig ass, datt do och endlech elo kloer Zuelen op den Dësch kommen.

Et gëtt jo ëmmer gesot, datt den Tank-tourismus ronn eng Milliard géif an d'Stats-keess eraspullen. An der Rechnung gëtt awer zum Beispill net gekuckt, wat fir eng Dépensen dat fir de Stat verursaacht: zum Beispill Strofen am Kyoto-Protokoll oder wéi vill Ëmweltschied dat awer hei zu Lëtzebuerg zum Beispill kascht oder och nëmme ganz banal - et geet jo och ëm Infrastrukturen, fir déi den Nohaltegkeetsmi-nister och zoustänneg ass - d'Schied op der Strooss an d'Accidenter.

Do huet sech jo zum Beispill, wann der d'Autobunne fuert, moies - besonnesch och déi Diddelenger -, do huet sech jo e Mikrokosmos, eng eege Welt vum Verhale vu Camionschauffeuren entwéckelt, déi jo haaptsächlech och d'grouss Akteure vum Tanktourismus sinn. Déi fueren do hir Ronnen an hir Ronnen, bis datt se déi Tankstell da fonnt hunn, wou se dann hir Clients-kaart hunn. Do fueren dann all Dag net zéng, net honnerten, mä e puer honnerte wann net e puer dausenden zweemol déi Streck vun der Sortie Beetebuerg bis an d'Stad, ginn an de Rond-point Gluck dréi-nen an esou weider, fir datt déi da kënne op déi Tankstell kommen.

Do gëtt also d'Autobunn all Dag duebel...

► **Une voix.** - Op anere Plazen am Land ass et genau datselwecht.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Op anere Plazen ass et d'selwecht. Ech schwätze vun där Plaz, déi ech kennen.

Do ginn also d'Stroossen an d'Ëmwelt duebel, dräifach belaaucht weinst dem Tanktourismus. Dat rechne mer zum Bei-spill guer net mat eran. Ech rechnen och net mat eran, datt mer zum Beispill zu Beetebuerg eng Kläranlag hu missen erweideren, well op deenen zwou Tank-stellen an der Moyenne - et ass gemooss ginn - 24.000-mol d'Toilette gezu gëtt an dat also eng Equivalenz ass vun enger grousser Stad, et cetera et cetera. Nëmme fir ze soen, wann een iwwert Tanktouris-mus schwätzt a seet, dat bréngt esou vill an d'Statskeess eran, da ginn et ganz vill - ech hu se net all opgezielt - aner Saachen, déi awer dann och eppes kaschten.

Ech wëll just hei och nach d'DP-Propos rappeléieren, datt mer musse kucken, aus deem Tanktourismus lues awer sécher erauszeklappen. Mir hunn dat Konzept vum virtuellen Ausstieg aus dem Tank-tourismus. Well fréier oder spéider kënnt et derzou, datt - ënner anerem duerch d'Har-monisatioun vun den Accisen op Bensin an Diesel am europäesche Raum - da souwi-sou déi Quell wäert definitiv net méi sprudelen.

En aneren Dossier vun der Nohaltegkeet am Beräich Ëmwelt, deen ech kuerz wëll sträifen, ass dee vun dem Erhalt vun der Biodiversitéit an dem Verbrauch vum Land. Och do si mer Champion am negative Sënn an alles misst gemaach ginn, fir deem entgéintzewierken. Mä d'Regierung - déi al an déi nei -, déi setzt hei weider negativ Akzenter.

Ee Beispill, dat ass jo deen aberwitzeg Projéit vu Léiweng: Deen ass komplett am Widdersproch zu den Ziler, déi ee sech am Beräich Nohaltegkeet ka setzen. Do gëtt d'Biodiversitéit zerstiört, Liewensraum fir Fauna a Flora, de Landverbrauch mat engem Mega-Akafszentrum op der grén-ger Wiss, dat kascht Hektaren an Hektare vun onverbrauchtem Land. Dat géllt iwwregens net nëmme fir Léiweng. Ech géif zum Beispill proposéieren, datt d'Re-gierung dee Projéit géif pour avis un den Nohaltegkeetsrot ginn. Dee kéint dann analyséieren, wat esou e Projéit wéi Léiweng wierklech un Nohaltegkeet bréngt, souwuel fir d'Ëmwelt wéi fir d'Wirtschaft an och déi sozial Aspekter. Dee kéint dann och vläicht kucken, och ouni Indicateuren, wéi déi dräi dann am Équilibre sinn a wat fir eng Plus-value dat insgesamt fir d'Nohaltegkeet géif brén-gen.

Dat bréngt mech och zum Stéchwuert Landesplanung an IVL. Dat, wat de Mo-ment do geschitt a puncto Landesplanung kann ee jo wierklech net als koordinéiert an nohalteg bezeechnen. Den IVL mat sengen duerchweegs gudden Indicatiou-nen a Virgabe gëtt all Dag méi duerch d'Realitéit iwwerholl, well d'Regierung - déi al an déi nei - einfach net virumécht mat de Plans sectoriels. Ech hat gëschter jo do eng Fro derzou gestallt an ech hunn do da kënne soen, datt den Här Lux jo do gesäit, datt et awer des Kéier dann net d'Feelverhalten oder d'Näischtmache vun der viregter Regierung ass, mä datt et dann déi ass haaptsächlech vun der CSV a vun dem Nohaltegkeetsminister. Mir krute gëschter och déi eng oder aner Erklärung,...

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Déve-loppement durable et des Infrastructures.** - Dir krut jo och eng Äntwert drop.

► **M. Eugène Berger (DP).** - ...Äntwer-ten. Och do kann ech nëmme soen, et sinn eng Rei Viraarbechte gemaach gewiescht. Et hätt ee scho kéinten 2006...

(**Interruption**)

...spéitstens 2006 hätt ee kéinte mat enger ganzer Rei Aarbechten ufänken, an net 2009.

► **M. le Président.** - Här Bettel, lausch-tert dem Här Berger no.

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Neen, ech sot just zum Här Minister, dass en net gëschter op d'Fro geäntwert huet.

► **Une voix.** - Dir stéiert Äre Parteikol-leeg.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Ech hunn awer kee Problem, wann den Här Bettel och nach eppes wëllt derzou bäidroen. Mä wann Der erlaabt...

(**Brouhaha**)

► **M. le Président.** - Här Berger, et ass elo un lech. Loosst lech och net vum Här Bettel stéieren.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Neen, ech loosse mech do wierklech net stéieren. Ech géif dann also zrëckkommen zu der Landesplanung an zum IVL, wou - onofhängeg also da vun der Responsabilitéit, ob den Här Lux elo mengt, et wier den Här Wiseler, oder den Här Wiseler mengt, et wier den Här Lux gewiescht, oder egal - einfach ganz vill Zäit verluer gaangen ass, a mir sinn och nach ëmmer net do um Enn.

Ech weess, gëschter krut ech eng Rei Indi-catiounen - déi sinn dann technescher Na-tur, kéint ee soen, mat Etüden -, mä wann een éischter domat ugefaangen hätt, da wier een och scho méi wäit. An da gi jo awer an der Zwëschenzäit - wou elo keng Plans sectoriels nach bestinn oder net offi-ziell dann ëmgesat sinn - Mesurë geholl, déi guer net an d'Konzept vum IVL a vun der Nohaltegkeet passen. Obwuel mer an de Plans sectoriels schonn den IVL ëmset-zen, maache mer Saachen, déi guer net dozou passen.

Dat géllt - fir dann an en anere Beräich vun der Nohaltegkeet ze goen - zum Bei-spill fir de Logement. Do gëtt et e Plan sectoriel, deen awer dann de facto duerch de Pacte logement iwwerdubbelt ginn ass, wou d'Gemege mat boren Euroen dann do ugelackelt ginn, fir datt se da wierklech drop lass neie Wunnraum, nei Wunnenge kreéieren. Do gëtt da wierklech hott an har geschafft an de Gemengen, fir dann an de Genoss...

(**Interruption**)

...vun deene Suen ze kommen, mam Re-sultat...

(**Interruption**)

Dach. Här President, am Pacte logement ginn d'Gemengen incitéiert, datt se sollen neie Wunnengsraum schafen. Si kréien do-fir Primen oder Suen, an dat incitéiert d'Gemengen...

(**Interruption**)

...dat incitéiert, Här President, d'Gemen-gen, fir dann net méi no de Virgabe vum IVL ze handeln. Iwwregens sinn do eng ganz Rei Gemengen, déi dann an de Pacte logement falen, déi awer net am IVL vir-gesi waren, fir datt se sech solle weider entwéckelen.

Mä do kënnt dann awer am Endeffekt als Nieweneffekt och en neie Landverbrauch, well d'Gemengen dann zum Beispill de Pe-rimeter erweidere fir neit Land ze erschléis-sen, amplatz zum Beispill innerhalb vun den Uertschaften dat ze maachen. Iwwre-gens, dat hei ass eppes, wat ech net eleng erfonnt hunn. Dat ass en Avis, liest en no, den Avis vum Dokter Ewringmann...

(**Interruption**)

► **M. Eugène Berger (DP).** - Liest den Avis vum Dokter Ewringmann no, deen dat och genau...

► **Une voix.** - Dat ass d'Resultat vun Ärer Politik.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Jo.

► **M. le Président.** - Sou, ech géif lech elo alleguete bidden, dem Här Berger no-zelauschten. Jiddwereen huet nach herno d'Méiglechkeet, sech anzedroen.

(**Interruption**)

Voilà. Här Bettel, lauschtert wann ech ge-lift dem Här Berger no.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Här Presi-dent, ech lauschten och ëmmer gär dem Här Bettel no, well ech ëmmer ganz perti-nent a richtig Remarquen...

(**Interruptions**)

Voilà, da géif ech awer dann ebe weider-fueren, Här President. Ech wëll just soen, datt also den Dokter Ewringmann genau datselwecht do gesot huet, op déi Proble-me higewisen huet.

Här President, ech wëilt nach e leschte Punkt kuerz uschneiden. Dat ass dee vun der Wirtschaft, wou eis Suerg jo och déi muss sinn, datt mer se esou gestalten, datt se am Aklang mat der Ëmwelt ass, dat heescht, datt et e Plus ass fir d'Ëmwelt, e Plus fir d'Economie an awer och fir de ganze soziale Spektrum, dat heescht zum Beispill, datt mer nei, stabil Aarbechtsplaze schafen.

Virun allem huet eis hei d'Fro beschäftegt, wat den Zweck an de Sënn vun der Wirt-schaft an engem moderne Stat ass. Fir mech ass et kloer, datt mer duerfir müssen hei zu Lëtzebuerg an Zukunft verstärkt a Beräicher setze wéi Eko- oder gréng Tech-nologien, a Betriber zum Beispill, déi an der Recherche tätég sinn an de Leit héich-qualifizéiert Aarbechtsplazen ubidden. Duerfir geet et dann och drëms, fir déi Créneuen ze fannen. An och hei ass de Wirtschaftsminister an d'Regierung gefuer-dert, well do nach net ganz vill Positives ze vermellen ass.

Ech kéint elo nach des Laangen an des Breeden iwwert d'Statsfinanzen an d'No-haltegkeet vun de Statsfinanze schwätzen. Nëmme ee Stéchwuert do: Mir haten och do an der Zäit - ouni ronnen Dësch, ouni Partenariat - scho virun x Joren eng Etüd maache gelooss iwwer eng nohalteg Steierreform. Dee Pabeier läit fäerdeg um Dësch. Och do kann ee froen: „Wéi ass et mat deem Pabeier? Gëtt deen zum Beispill an der Tripartite diskutéiert?“

Här President, ech hunn hei nëmmen e puer Problemfelder vun der Nohaltegkeet zu Lëtzebuerg ugeschnidden. Ech maache se net alleguerten. Dat sinn och vläicht déi Punkten, déi an der Kommissioun effek-tiv..., wou mer net darselwechter Mee-nung waren. Et sinn awer och eng ganz Rei Punkten, déi och opgezielt gi sinn, och Programmer, déi mer als Fraktioun kënne ënnerstëtzen. Wéi gesot, wat jo de Pro-blem ass, dat ass, datt mer a ganz villen Domäne gefuerdert sinn, am Klimaschutz, am Logement, an der Wirtschaft, an der Kultur - wou ech haut de Mëtteg net spe-ziell dovunner geschwat hunn -, Landes-planung, Educatioun, sozial Beräicher, an der Wirtschaft.

Mä den Nohaltegkeetsplang - dat ass mäi Schluss, Här President -, deen ass jo nëmme sënnavoll an noutwendeg, ass e sënnavoll an noutwendeg Instrument, als Guideline fir eng seriö Nohaltegkeet hei zu Lëtzebuerg. Mä dee Plang u sech an d'De-batten hei an der Chamber bréngen näischt, wann d'Regierung sech net drun orientéiert a wann hir nach manner dru geleeën ass, déi Mesurë konkret a schnell ëmzesetzen.

An dat ass et, wou et hei zu Lëtzebuerg hapert. Duerfir hu mer also hei e gudde Plang, mä dat wat herno mat deem Plang geschitt, dat ass dat, wou et dann dru feelt. Dat ass am Fong geholl dann och ze bedauern. Do verpasse mer ganz vill Chancen, ganz vill Chancë fir d'Lëtzebuer-ger Land, an am Endeffekt och ganz vill Chancë fir eis zukünfteg Generatiounen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Ber-ger, an als nächste Riedner ass den Här Ro-ger Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Nohaltegkeet an eisem...



(Interruptions)

► **M. le Président.** - Här Bettel, ech hätt gär, datt Dir elo emol e bësse méi nohalteg géift nolauschteren.

(Hilarité)

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roger Negri** (LSAP). - Villmools Merci, Här President. D'Nohaltegkeet an eisem Handeln a Plange bedeit, dass mer ëmmer an iwwerall drop oppassen, dass déi no eis kommend Generatiounen déiselwecht Liewensqualitéit op dëser Welt behale wéi mer se haut hunn. Wat sech selbstverständlech unhéiert, ass et awer nëmmen dann, wa mer all Beräicher vun eiser Gesellschaft transversal a vernetzt op hir Nohaltegkeet matenee plangen.

Duerfir brauche mer Konzepter, duerfir brauche mer Regeln a Gesetzer. Duerfir ass et och gutt, dass mer en nationalen Nohaltegkeetsplang opstelle mat engem ganzheetlechen Usaz an am Partenariat mat der Gesellschaft. An duerfir ass den Débat d'orientation iwwert d'Nohaltegkeet vun haut hei an der Chamber och néideg a wichtig, an ech wëll domat eisem Kommissiounspräsident Fernand Boden an dem Rapporteur Marcel Oberweis och Merci soe fir hir gutt schrëftlech a mëndlech Rapporten.

Här President, an der Lescht gouf vill diskutéiert iwwer Statsbudgeten - souwuel hei zu Lëtzebuerg wéi an der EU -, dorüwwer wéi vill Schold mer sollen oder kënnen maachen, wéi schnell mer bei den Ausgabe sollen op d'Brems trëppelen oder wou um Enn soll gespuert ginn. Um Fong sinn dat Froen, Froen iwwert d'Nohaltegkeet. Mir hunn e gewëssene Budget. Mir probéieren anzuschätzen, wéi vill Suen an de kommende Joren nei erakommen, a mat deene musse mer haushalten.

Wa mir eise Konsum iwwer Scholde finanzéieren, belastescht mir déi jonk Generatioun an huelen hinnen d'Chancen ewech, op déi mer elo net wëlle verzichten. Bei deenen Diskussiounen gëtt schnell vergiess, dass Geld net déi eenzeg Form vu Kapital ass. Natierlech Ressourcë wéi Terrain, proppert Waasser, Loft an Energiequelle sinn och eng Zort Kapital. Wa mer se brauchen, sti se der nächster Generatioun net méi zur Verfügung. Een Deel vun deene Ressourcen ass erneierbar. Mä wa mer se iwwernutzen, ass et, wéi wa mer géife Scholde maachen. Mir mussen deemno genausou eescht iwwert d'Gesamten vun natierleche Ressourcen hei am Land schwätzen, wéi mer iwwer eise Statsbudget schwätzen.

Här President, d'Grundlag fir den Débat vun haut ass, wéi gesot, den Avant-projet vum Plan national pour un développement durable, de PNDD. Positiv un deem Plang ass, dass en nach eemol virun Ae féiert, wat mer eigentlech all wëssen, mä net oft genuch zur Kenntnis huelen. Et gëtt tëschent alle politesche Beräicher komplex zesummenhäng a si beaflosse sech géigesäiteg. Nohaltegkeet ass e Sujet, deem oft mat Ëmweltschutz an zesummenhang bruecht gëtt, mä e betrëfft all Beräicher!

Mat alle Ressourcen, déi just begrenzt zur Verfügung stinn, muss ee responsabel ëmgoen, wann een der nächster Generatioun déiselwecht Chancë wëllt loossen, déi mer haut hunn. Zum Deel bedeit dat, dass mer Ressourcë méi intelligent mussen notzen, doduerch dass mer d'Effizienz steigern. D'Zil muss et sinn, dass mer dat-selwecht Resultat erreeche mat manner Ressourcëverbrauch. Dat bedeit, dass mer eis fräiwëlleg e bëssen aschränken an net op Käschte vun de kommende Generatiounen eise Liewensstandard fir begrenzten Zäit héichhalen.

Fir dat ze erreechen, musse mir d'Leit sensibiliséieren an Ureizer schafen, fir dass d'Gewunnechte sech änneren, nom Prinzip vu Fördere an Fuerderen. Dat heescht, et muss deemno erlaabt si positiv Tendenze bei de Konsumgewunnechten ze ënnerstëtzen, a Forme vu Konsum, déi besonnesch vill Ressourcen onnëtz ver-

schwenden, ze sanktionéieren. Virun allem muss d'öffentlech Hand mam gudden Beispiil virgoen, wann de Stat oder d'Gemeengen akafen oder Commandé verginn.

Här President, de PNDD, dee sech op iwwer 70 Säite mam Thema Nohaltegkeet zu Lëtzebuerg auseruesetzt, enthält net vill iwwerraschend Neies, duerfir ëmsou méi Albekanntes. Ënner anerem lëscht en all déi Strategien an Aktionspläng op, déi mer schonn hunn. E mécht bewosst, dass Nohaltegkeet e Prinzip ass, en transversale Sujet, deem all Beräicher an domat all Ministère betrëfft. E mécht och bewosst, dass dee beschte Plang näischt hëlleft, wann en net ëmgesat gëtt.

Mir hunn an deene leschte Joréngte ganz gutt gelieft. Ze verdanken hate mer dat engem enorm staarken ekonomesche Wuesstem, deem Aarbechtsplaze geschaaft huet, eise soziale System gestärkt huet an d'Statskeess och nach gefëllt huet. De Wuesstem verursaacht awer och Käschten. Wuesstem ass verbonne mam Verbrauch vu Ressourcen. All Firma, déi sech hei zu Lëtzebuerg bei eis usidelt, brauch Plaz fir sech niddierzeloossen. Besonnesch d'Produktiounsfirme brauchen Energie an, jee no Secteur, Waasser. Mat hiren Emissiounen belastescht si de Buedem, d'Loft oder d'Waasser.

Lëtzebuerg wüsst net nëmmen um ekonomesche Plang. D'Ziel vun den Awunner geet erop, dobäi kommen déi wäit iwwer 100.000 Frontalieren, déi all Dag bei eis schaffe kommen an och Ressourcë verbrauchen. All dës zesumme féiert zu enger Entwécklung, déi eis viru grouss Erausforderunge stellt, wat d'Mobilitéit betrëfft. De PNDD gräift dësen Thema als véierte Punkt op an der Lëscht vun den Tendenzen, déi enger nohalteger Entwécklung entgéintlafen.

Well d'Mobilitéit ee vun deene Sujeten ass, déi mech besonnesch interesséieren a mer um Häerz läit, hunn ech mer méi genau ugekuckt, wat dann elo d'Recommandatiounen vum PNDD sinn. Do liest ee viles wat engem bekannt virkëmt: Méi Awunner an Aarbechtsplazen, déi Frontalieren unzéien, bedeuten ëmmer méi Trafic. D'Landesplanung muss esou ausgeriicht ginn, dass méi Aarbechtsplazen dezentral ugesidelt ginn, a méi Leit Wunnam no bei hirer Aarbecht fannen. Parallel dozou muss den öffentliche Transport ausgebaut ginn, fir dass en „modal split“, wéi mer wëssen, vu 25/75 kann erreecht ginn.

Och d'Mesurë si bekannt. Déi verschidde Plans sectoriels sollen derfir suergen, dass eng rational Landesplanung et erméiglecht eise Flächeverbrauch kleng ze halen an d'Weeër, déi d'Leit zrëckleeën mussen, fir op hir Aarbecht ze kommen, méiglechst kuerz bleiwen. De Plang „mobil 2020“ soll d'Offer vum Gemeinschaftstransport esou verstärken, dass déi, déi elo all Dag mam Auto op d'Schaff fieren, eng reell Alternativ ugebuede kréien.

De Problem läit also net bei der Erkenntnis, dass mer eppes maache mussen, an och net dorunner, dass mer net wësst wat mer maache mussen. Et ass d'Ëmsetzung an der Praxis, déi eis schwéierfällt. Verbindlech Regeln opstellen, ouni eis duerch ze vill Bürokratie selwer anzeschränken, Prioritéiten ze setzen an duerfir aner Beräicher zrëckstellen, op eng Manéier, déi vun de Leit akzeptéiert gëtt. Mir misste méi schnell virukommen, wann et drëm geet, déi grouss Linne festzeleeën a méiglechst flexibel ze bleiwen, wann et ëm den Detail geet.

Wichtig Plans sectoriels goufen eis an der Form vun Avant-projete scho virun annerhallwem Joer presentéiert, mä zënterhier ass et ganz roueg ginn. Gläichzäiteg schaffe mir un zwee Projets de loi, déi den Aménagement communal an den Aménagement du Territoire betreffen, während d'Gemengen amgang sinn hir PAGen no deenen neie Prozeduren unzepassen. Heibäi gëtt een d'Gefill net lass, dass mer eis heiansdo selwer am Wee stinn. Mir musse léieren elo konkret ze handeln, op Basis vun den Donnéeën, déi mer hunn, a gläichzäiteg weider ze plangen. Mir kënnen net waarde bis de perfekte Gesamtplan do ass, éier mer iergendeppes maachen.

Eng ähnlech Remarque gëllt fir de Grenelle de l'environnement. Et ass gutt a wichtig

op breeder Basis d'Zivilgesellschaft mat anzubannen, wann et ëm den Ëmweltschutz an de Klimaschutz geet. Esou en Débat muss d'Entwécklung begleeten, mä en däerf net als Alibi hierhalen, fir an deenen nächste Méint a Joren näischt ze maachen. Et wäert eis net geléngen eleng opgrond vu Gesetzer, Contrainten a Sanktiounen, Fortschrëttler a puncto Nohaltegkeet ze maachen.

Fortschrëttler kann et nëmme ginn, wann d'Sensibilitéit an de politesche Wëllen do sinn, fir dës Prinzip bei all eisen Aktivitéiten ze berücksichtigen. De Regierungsprogramm ass an dëser Hinsicht ganz daitlech. Nohaltegkeet ass als eng Prioritéit ageschriwwen, d'Landesplanung an den Ausbau vum öffentlichen Transport genéissen en héije Stellewäert.

Et ass elo e gudden Moment, fir ze kucken, ob dat och elo nach de Fall ass, nodeem d'Regierung e Spuerpak ficeléiert huet. All Mesuren aus dem Konzept „mobil 2020“ zesummegeholl sinn en immens groussen Finanzpak, deem enorm Investitiounen verlaangt. Och a finanziell gudden Zäite kann esou e Pak nëmmen an Etappe realiséiert ginn. Et ass deemno normal, dass d'Échéancen a manieren gudden Zäite gestreckt ginn. Se mussen also gestreckt ginn. Et däerf awer net heibäi den Androck entstoën, wéi wann d'Regierung domat hir Ziler opginn hätt. D'Aarbechte musse virgoen, esou schnell wéi d'Budgetsituation et eben erlaabt. Dat ass e wichtige Message, wann een net riskéiere wëllt, dass d'Diskussiounen ëm eenzel Projeten an ëm de Gesamtkonzept ëmmer erëm bei Null ufänken!

Leider huet een an der Lescht virun allem negativ Messagen héieren. Buslinne ginn ofgeschaaft, de Ruffbus gëtt ofgeschaaft, de Personeverkéier op der Linn Nærzeng-Rëmeleng op der Eisebunn gëtt eventuell fir de Voyageurtrafic age stellt, den Tram duerch d'Stad - d'Kärstéck vum Mobilitéitskonzept 2020 - gëtt eréischt no 2014 gebaut an esou weider.

Wuel verstan, d'LSAP ass net derfir Servicer, déi kaum genotzt ginn an hiren Zweck net erfëllen, oprecht ze halen. Et däerf just net den Androck entstoën, dass d'Finanzkris elo e wëllkommend Argument ass, Eforte fir den öffentlichen Transport méi attraktiv ze maachen, elo erëm einfach falen ze loossen. Wann eng Buslinn, eng Zuchlinn oder e Pilotprojet kee Succès hunn, muss een analyséiere firwat dat esou ass an eng aner Offer amplaz setzen.

Et wier duerfir e positivt Signal, wann déi Projeten, déi souzeseen an der Pipeline sinn, esou schnell wéi méiglech an der Chamber kéinten deponéiert ginn, och wa se net schonn d'nächst Joer kënnen realiséiert ginn. Och déi legislativ Prozedur, wéi mer wëssen, brauch jo hir Zäit. Ech denken do net nëmmen un d'Gare périphérique um Houwald, wou de Minister jo gréng Luucht vun der Regierung krut, fir en éischte Projet de loi ze deponéieren. Ech denken och un den Tram duerch d'Stad. Et schéngt jo esou, wéi wann d'Regierung an d'Stad Lëtzebuerg sech esou gutt wéi op de Finanzierungsmodell géenegt hätten. An deem Kontext wier et och gutt, wa mer de Projet de loi - wéi mer geschéier scho Rieds haten - fir de Pont Adolphe ze erneieren, nach virum Summer an der Chamber hei kéinten deponéiert kréien.

(Mme Anne Brasseur prend la présidence.)

Firwat ass et esou wichtig, trotz Finanzkris, all dës deier Projeten esou schnell wéi méiglech virunzedreien? Éischstens, eis Stroosse sinn iwwerlaascht, zemools an de Spëttestonne vum Berufsverkéier. All Camion, deem op der Autobunn eng Panne huet, all Accident an all Chantier suerge fir kilometerlaang Stauen. Groussbaustellen, dat wäerte mer elo gesi beim Tunnel Houwald, leeën d'halleft Land lahm, well mer weéng Auswäichméiglechkeeten zu eise Autobunnréseau hunn. Dat ass penibel fir all déi Leit, déi am Stau stinn, mä et ass och e Verloscht vu Produktivitéit, wa se ze spéit op d'Aarbecht kommen, an en Nodeel bei der Kompetitivitéit.

Zweetens, och wann elo de Bus an den Zuch weéng attraktiv si par rapport zum Auto, well se net esou an ni esou flexibel kënnen sinn, ännert dat sech awer ganz

schnell, wann d'Pétrolspräisser nach eemol seriö ropginn. Eng Partie Leit huelen dann e bësse manner Komfort a Kaf, fir Suen ze spueren. Zemools an Zäite vun engem schwaachen Euro kann dat, wéi mer wëssen, ganz séier geschéien. D'Voraussetzung ass allerdéngs, dass e valabelen öffentlichen Transport do ass, dee funktionéiert.

An drëttens, ouni wesentlech Verännerungen am Beräich vun der Mobilitéit, hu mir keng Chance zu Lëtzebuerg eis Kyoto-Ziler och nëmmen annähernd ze erreechen.

Här President, nom Échec vu Kopenhagen an am zesummenhang mat der Finanzkris ass de Klimaschutz op villen Niveaue vun der Agenda erofgeholl ginn. Dat heescht awer net, dass de Problem domat verschwonnen ass. Et ass wouer, d'Chancen e verbindlechen, ambitiösen, internationalen Accord ze kréien iwwert de Klimaschutz, gesinn de Moment net gutt aus. Och an der Opinion publique däerft et net ganz einfach sinn zu dësem Zäitpunkt Verständnis ze fanne fir déi radikal Moosnamen, déi mer missten ergräifen, wann ee konsequent dat wëllt erreechen, wat bis elo international ofgemaach oder uviséiert ass.

Et muss een och éierlech agestoën, dass et net einfach ass d'CO₂-Emissiounen esou ofzeschrauwen, wéi et laut dem Konsens vun enger Majoritéit vu Wëssenschaftler no noutwendeg wier. Et stinn zwar Zifferen am Raum wéi vill all Land misst finanziell dozou bäidroen - d'Mesurë fir d'CO₂-Emissiounen ze senke kaschte bal ëmmer Suen -, ëmgedrëint ass et awer net esou sécher, dass een all Kéiers reell CO₂ aspuert, wann ee fir entsprecheend Projekte Suen ausgëtt.

Dat hëngt vun der Qualitéit vun de Projeten of, an et ass ze bezweiwelen, ob et weltwäit an engem verhältnisméisseg klengen Zäitraum gélegt, esou vill effikass Projeten ze realiséieren, dass mer eis Ziler kënnen iwwert den Emissiounshandel erreechen. De Risiko ass grouss, dass enorm Zommen an ineffikass Moosname gestach ginn, wat mat sech bréngt, dass d'Akzeptanz vu Klimaschutzmesuren an der Bevölkerung domat verhënnert oder zumindest reduzéiert gëtt.

Och wann et op d'Tonn vun CO₂ gerechent vill méi deier ass, ass et besser d'Suen a Projeten hei am Land oder an der EU ze stiechen, wou se konkret Resultater bréngen, déi net nëmme Punkten an engem abstrakte CO₂-Kreditsystem bréngen. Mir sollte virun allem do investéieren, wou sech d'Ziler vum Klimaschutz mat deene vun der Energieeffizienz an der Onofhängegkeet vu fossilen Energiequellen iwwerschneiden. D'Akzeptanz an der Bevölkerung fir esou Mesuren ass hei méi grouss, well d'Verbesserungen an deem Beräich och dann nach Sënn maachen, wa mer um internationalen Niveau beim Klimaschutz net weiderkommen. An deem Kontext kann eis vläicht herno den Här Minister soen, wou mer mat dem zweeten Allocationsplang fir d'Reduktioun vun eisen CO₂-Emissiounen dru sinn.

D'Anhale vun de Kyoto-Regelen däerf kee Selbstzweck sinn. Et kënnt virun allem drop un, dass mer reell eppes fir de Klimaschutz maachen. Dozou gehéieren e performanten öffentlichen Transport, den Asaz vun innovativen Technologien, déi Energie spueren, d'energieeffizient Bauen, d'Investitiounen an erneierbar Energien an esou weider.

Dat muss net alles um Lëtzeburger Territoire geschéien. Mir kënnen eis och u Projeten an der EU bedeelegen. Mä et sollt séchergestallt ginn, dass et sech ëm Projeten handelt, déi konkret Virdeeler bréngen.

Natierlech musse mir eis ustrengen, eisen internationale Verpflichtungen nozekommen. A mir mussen eis dobäi un d'Kyoto-Spillregeln halen, och wa se net ëmmer zilorientéiert sinn. Mir wäerte sécher net derlaanscht kommen, een Deel vun eisen CO₂-Reduktiounen am Ausland anzekafen, mä mir sollte wierkelech, wierkelech en Effort maachen, fir dësen Undeel esou kleng wéi méiglech ze halen.

Madame Presidentin, als Konklusioun wëlle mer als LSAP zrëckbehalen, dass Nohaltegkeet an Zukunft eis an alle Liewensberäicher begleet soll a muss, fir dass déi eis nofolgend Generatiounen och nach ënner gudden Konditiounen liewe kënnen. An de



Beräicher Mobilitéit a Klimaschutz, op déi ech speziell agaange sinn - meng Kolleege Claude Haagen a Ben Scheuer ginn herno op aner Nohaltegkeetsberäicher an -, also an der Mobilitéit wéi am Klimaschutz jiddfalls hu mir an deene leschte Jore vill a genuch Etüden a Pläng gemaach. Elo ass et Zäit, héich Zäit, fir ze handelen. Da loosse mer dat och elo nohalteg maachen!

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme le Président.** - Merci dem Här Negri. An da ginn ech dem Här Gira d'Wuert.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*). - Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, ech hu mech elo ee Moment gefrot, ob ech iwwerhaupt soll hei eropkommen, well wann ech alle Virriedner nogelauschtert hunn, sinn ech mer bal wéi op engem grénge Kongress virkomm, mat all deene Stellungnahmen, deenen Appellen, hei endlech ëmzedenken an esou weider an esou fort.

Ech hu geduecht, géi awer emol erop, well eppes huet mech gestéiert bei deenen Interventionen. Dat huet e bësse geklongen, wéi wann all déi Verantwortlech, déi am Numm vun hire Parteie geschwat hunn, näischt mat där aktueller Situatioun ze di gehat hätten. Et wier e bësse Monni gewiescht, deen eis all dru gehënnert hätt, all déi schéin a gutt Saachen, déi elo hei opgelëscht si ginn, ëmzesetzen. A well Der lech awer kënnt virstellen, dass ech dat awer elo net wëll esou am Raum hei stoe loossen, hunn ech geduecht, ech géif dann och nach e puer Saachen hei zu dëser Debatt bäidroen.

(**Interruption**)

Vläicht...

(**Hilarité**)

Vläicht sinn dann awer eng Rei Statistiken, eng Rei Messagen, déi an der leschter Zäit komm sinn, déi dann och bei anere Leit, Leit aus der grénge Partei, zu enger gewëssener Sensibiliséierung bäigedroen hunn. Well, Madame Presidentin, ech si wierklech der Meenung, dass kee Verantwortlechen an der Lëtzebuurger Politik méi ka soen, en hätt net Bescheed gewost. En hätt net Bescheed gewost, dass de Modell Lëtzebuerg net méi nohalteg ass.

Regelméisseg krute mer, speziell an der leschter Zäit, e Spigel vun eiser onnohaltger Liewensweis virgehalen. Ob dat eng OECD war, déi dach awer eng kritesch Analys vun eiser Ëmweltpolitik gemaach huet. Op d'Gefore vun eise Pensionssysteme weise se souwiso scho Joren, wann net Jorzéngten hin. Ob dat de Ranking an der Reader's Digest-Publikatioun war, déi jo eng Rei Indicateuren zesummegechoen haten, wou net nëmmen iwwer Ëmwelt Rieds gaangen ass, mä et wierklech iwwer Nohaltegkeet gaangen ass, do louche mer wäit, wäit ofgeschloen. Ech mengen, et waren nach zwee EU-Länner hanner eis. Dat huet alles net gutt geklongen.

Och de CSDD huet eis schonn an eenzelne Sachavisen op eng Rei ganz dramatesch Situatiounen higewisen. An ech mengen, si widerhuelen dat global och am Avis zu dësem PNDD.

Da muss ee jo och soen, dass deen éischten Deel vum Projet de PNDD eigentlech an deem Sënn nei ass, dass eng Regierung sech emol selwer de Spigel virhält. Deen Text ass sécherlech vun engem Groupe interministériel zesummegesat ginn. Mä ech mengen zumindest déi Virregierung stoung jo sécher hannert deem Text. An et muss ee scho soen, dass dat eigentlech eng schounungslos Analys ass vun deem, wéi d'Situatioun zu Lëtzebuerg ass.

An et ass sécherlech och vläicht nei, dass an där Analys och gesot gëtt, dass mer net nëmmen am Ëmweltberäich net nohalteg sinn, mä och am sozialen, jo souguer am wirtschaftlechen an am Statsfinanzeberäich.

An elo hält dann och nach d'Chamberskommissioun an enger rarer Unanimitéit dëser Regierung de Spigel virun d'Gesicht.

Ech wëlt hei am Numm vun der grénge Fraktioun dem Rapporteur Fernand Boden wierklech e grouse Merci soen an him och

félicitéiere fir dat, wat en hei virgedroen huet, souwuel a sengem Schrëftleche wéi a sengem mëndleche Rapport. Ech wollt em Merci soe fir seng konstruktiv Aart a Weis, wéi en dës Debatte gefouert huet an der Kommissioun. En huet alle Bäitrag vun deenen eenzelne Fraktiounen Rechnung gedroen a probéiert déi anzebannen. A wann et, mengen ech, zum Schluss zu engem konsensuelle Rapport komm ass, dann ass dat sécherlech zu engem gudden Deel säi Verdéngscht.

Ech wëll em awer och félicitéieren, well de Fernand Boden jo eigentlech mat dësem Rapport e selbstkriteschen Avis ofgëtt iwwer seng eegen 30 Joer Regierungsarbecht.

(**Interruptions diverses**)

Well viles, viles, wat hei kritiséiert gëtt, dorun ass hien och net ganz onschëlleg. Ech hu mech gefrot,...

► **M. François Bausch** (*déi gréng*). - Dat ass awer héiflech ausgedréckt!

(**Brouhaha**)

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*). - Gelift?

(**Interruptions diverses**)

► **M. Fernand Boden** (CSV). - Dat ass och viles geierft gewiescht.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*). - Jo, gutt.

(**Brouhaha et hilarité**)

Ech hu mech gefrot,...

(**Interruption**)

...wat dann den Déclit war fir dem Här Boden säin zweet Liewen. Ech weess net, ob et dat Schlüsselerlebnis vum Échec zu Kopenhagen war, wou mer allen zwéin zesummen do waren, oder ob et säi Status als „elder statesman“ ass. Do sinn der jo eng Rei, déi op eemol, wa se keng Verantwortung méi an der Politik hunn, déi dann op eemol ganz weise ginn. Ech erënneren un den Al Gore, ech erënneren un aner Leit. Mä op jidde Fall Félicitatiounen, Här Boden, dass Der an Ärem Alter nach d'Kéier kritt hutt!

(**Brouhaha général**)

Madame Presidentin, Dir hutt dann och scho matkritt, dass déi gréng sech ganz gutt an dësem Rapport erëmfannen. Een, deen d'Konklusioun liest vun dësem Rapport, deem brauch ech keng weider Zeechnung ze maachen. Ech wäert mech dann och net verléieren an Detailler vun dësem Rapport an och net vum PNDD, mä éischter probéieren, méi eng generell Analyse, e puer allgemeng Aussoen zu der aktueller Situatioun, och virun allem wéi mer an déi Situatioun konnte kommen, aus grénge Siicht duerzeleeën.

Et muss ee sech jo, Madame Presidentin, awer wierklech froen, wéi et ze erklären ass, dass Lëtzebuerg esou onnohalteg ass an domadder eigentlech och schlecht fir d'Zukunft preparéiert ass. Do gëtt et eng ganz Rei Ursachen.

Aus eiser Siicht gëtt et awer eng ganz wesentlech. Et ass deem Land hei déi lescht 25 Joer wirtschaftlech extrem gutt gaangen. Jo, et misst ee bal soen, bal ze gutt gaangen. D'Geld ass eis wuertwiertlech an de Schouss gefall. Mir mengen, dass dës dozou gefouert huet, dass dat Land domadder lues a lues eng Neiräichermentaliteit entwéckelt huet.

► **Une voix.** - Jo.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*). - Eng Mentalitéit gekennzeechent duerch Protzertum, lelebouverhalten an enger „Mir kann keiner“-Attitüd. Eng Mentalitéit, wou kuerzfristeg Gewinn, Geld a materielle Konsum virun allem stinn.

Ech weess net, Madame Presidentin, ob et ee Land op der Welt gëtt, wou Geld a Konsum esou en héije Stellewäert hu wéi bei eis. An ech weess och net, Kolleegeinnen a Kolleegeen, ob et ee Land gëtt, wou esou vill iwwer Fric geschwat gëtt wéi hei.

Wéi anescht ass et nämlech ze erklären, dass grad an dësem Land en extremen Näidertum ass? An deem räichste Land vun der Welt huet een dat Gefill, dass wesentlech méi Näid ass wéi vläicht a Länner, wou een higeet, wou ganz vill manner materielle Wäert ass.

A wéi anescht kann een dann, ass et en Ausdrock vun Neiräichen, wann d'Leit

léiwer 100 hunn, awer nëmme wann den Noper 50 huet, wéi wa se 1.000 hätten an den Noper awer 1.500. Dat erliewen all déi, déi och um lokale Plang Responsabilitéiten hunn, an hirem aldeegeleche Wierken.

Ech mengen, Madame Presidentin, dësem Land feelt et u kulturellem Ënnerbau, dësem Land feelt et un intellektueller Eierlechkeet, an dëst Land huet d'Bescheidenheet verluer, déi mer nach haten zu Zäiten, wou d'Geld eis nach net an de Schouss gefall ass, mä eise Räichtum vun der haarder Aarbecht vu Generatiounen vu Mineuren a Stolaarbechter hierkomm ass.

An ech mengen, dass awer och déi Regierungen aus de vergaangene Jorzéngte matschëlleg sinn un der Entwécklung vun dësem Verhalten, well se dëst Verhalten, dës Mentalitéit deelweis virgelieft an och ënnerstëtzt hunn. Ech mengen, dass och déi Regierungen an deene leschte Joren a Jorzéngten ze vill Geld haten a gemengt hunn, si kéinten all Problemer zu Lëtzebuerg mam Scheckheft léisen.

Ech ginn lech e puer Beispiller.

Mir hunn d'Kannergeld wierklech an extrem héich Montanten ugehewen an heemlech gemengt, domat wieren all Familljen- an Erzéiungsproblemer geléist. Mir hunn den RMG geschaf an hate gehofft, domadder wieren all sozial Problemer geléist. Mir hunn eng Mammerent aus dem Hutt gezaubert a gehofft, domat wieren all Ongerechtegkeete par rapport zu de Fraen net méi themaberechtigt. A mir hu besonnesch an der Klimapolitik, amplaz Lëtzebuerg aus der Uelechfal erauszeféieren, iwwer CDMen eist Land um internationale Maart fräikaaft.

Mir hu vill ze vill an de Bëton investéiert, amplaz an d'Mënschen an an intelligent Dëngschtleeschungen. Och hei e puer Beispiller.

Prunkbauten ouni inhaltlech Konzepter; ganz oft hu mir als gréng dorop higewisen. Et huet laang gedauert, ier mer eis emol Gedanke gemaach hu beim Bau vun engem Lycée, wéi ee pedagogesch Konzept dass da géif drakommen, ier mer hei géifen an de Bëton investéieren.

Mir hunn deier Kliniken a schéi Klinike gebaut, dat ass richtig. Et konnt een awer nach erëm rezent feststellen, dass mer insgesamt manner wéi en Drëttel an d'Preventioun am Gesondheetsberäich investéiere wéi europawäit. Och dat musse mer haut bezuelen.

Mir hu Stroosse gebaut, zu welleche Präisser, wann een eng Kéier bedenkt, wat aus där Nordstrooss do ginn ass a wat déi eis kascht. Dat kann ee sech schonn an Nullen Euro net méi virstellen. Mir hu Stroosse gebaut, amplaz d'Mobilitéit ze organiséieren. Mir hunn Héichspannungsleitungen iwwer Land gezunn, amplaz Energiebender anzustellen. Mir hunn deier Schoulgebaier gebaut, amplaz emol fir d'éischt eng grondleeënd Schoulreform anzeleeden. A mir hu laang gemengt, eng Uni wier e Luxus, a wonneren eis haut, dass mer mat 25% Akademiker wäit, wäit ënnert dem europäeschen Duerchschnëtt leien an eis da wonneren, dass mer ëmmer méi Grenzgänger brauchen, wann ee weess, dass de Lëtzebuurger Aarbechtsmaart längst 40% Akademiker brauch.

Mä och d'Steierpolitik, Madame Presidentin, war an de leschte Jorzéngte reng op d'Quantitéit ausgeriicht. Mat der Strenz ass d'Geld iwwert d'Land verdeelt ginn. An de Message war ganz kloer: Konsuméiert, konsuméiert, konsuméiert!

Aus Lëtzebuerg muss den Akafszenter aus der Groussregioun ginn. Stellt lech emol vir, de Premierminister hätt amplaz Akafszenter gesot, Lëtzebuerg sollt de Wëssenszentrum aus der Groussregioun ginn. Dat wier vläicht e spannenden an interessante Message gewiescht, amplaz nach ëmmer erëm ze soen: Dir hutt schonn alles, mä mir hätte gär, dass Der nach méi sollt konsuméieren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*). - Wann ee 15, 20 Joer laang déi Messagen no bausse schéckt, da kann een de Leit herno kee Virwurf maachen, wa se konsuméieren. Si maache jo dat dann, wat vun hinne erwaart gëtt. Da kann een hinne kee Virwurf maachen, wa se sech protzeg

Autoe kafen, Buerge a Schlässer baue mat engem katastrophalen Energieverbrauch.

Wann 20 Joer de Message ass, Lëtzebuerg kennt keng Grenzen, bei eis wuessen d'Beem an den Himmel, da brauch ee sech net ze wonneren, wann am Land en Opstand entsteet, wann een eng Autosteier ëm e puer Euro, well méi ass et jo schlussendlech net, wëllt an d'Luucht setzen.

Haut kréie mer awer, Madame Presidentin, eng ferm gesalze Rechnung fir dës Politik presentéiert. Mir leien an alle Beräicher jenseits von Gut und Böse. Am Ëmwelt-, Energie-, am Klimaberäich souwiso - mir hunn x-mol an deene vergaangene Joren a Jorzéngten dorop higewisen -, mä och am Sozialberäich gëtt et ëmmer méi kloer, dass eise Gesondheetssystem geschwënn net méi ze bezuelen ass.

A mir hunn e Pensionssystem à la Madoff opgebaut. E Pyramidesystem, deen, dat muss ee sech emol virstellen, ouni nach eppes drun ze änneren, 2050 missten iwwer eng Millioun Leit an deem Land hei schaffen, fir dass déi Leit, déi haut schaffen, nach déi Pension solle kréien, déi se haut versprach kréien. Stellt lech dat emol ee Moment ganz e bësse konkret vir, wéi dat soll sinn!

A schlussendlech am Statsbudget feele bei der éischter wuel graver Kris, dat ass richtig, mä trotz allem feele bei der éischter Kris bei zwielef Milliarden Ausgaben der net manner wéi zwou.

Madame Presidentin, wat ass dat do anescht wéi d'Resultat vun 20 Joer Politik, déi net nohalteg war? Ech si perséinlech fest dervun iwwerzeegt, dass d'Geschichtsbicher schreiwende wäerten, d'Generatioun Juncker huet iwwer hir Verhältnisse gelieft, an ech sinn iwwerzeegt, dass och d'Geschichtsbicher wäerte schreiwende, dass de Finanz- a Premierminister net eleng, mä och matschëlleg ass, dass seng Generatioun iwwer hir Verhältnisse gelieft huet.

Eng nohalteg Politik, Madame Presidentin, wier gewiescht, wann een zumindest sech en Deel vun deenen aussergewöhnleche Recetten, déi mer iwwert d'Finanzplaz an den Tanktourismus erakritt hunn, an e Reservefond fir déi nächst Generatiounen geluecht hätt. Dat maachen zum Beispill déi norwegesch Regierungen. Déi ware sech bewosst, dass se an enger kuerzer Zäitspan an hirer Geschicht d'Chance hätten, Pétrol virun hire Küste kënnen ze fördern. Déi hunn e gudden Deel vun deem Geld, wat do aussergewöhnlech erakomm ass, op d'Säit geluecht, an domat ka vun där nächster Generatioun eng nei Wirtschaft an Norwegen opgebaut ginn.

Et wier gutt gewiescht, wann een de Gesondheetssystem an de Pensionssystem a gudden Zäite reforméiert hätt an net elo misst matzen an der Kris diskutéieren. An et wier och gutt gewiescht, wann een eng gezielte Steierpolitik gemaach hätt, fir den ökologeschen Ëmbau an dësem Land an d'Wee ze leeden.

D'Finanzkris misst eis eigentlech forcéieren an d'Geleeënheet ginn, fir elo endlech dat fundamentale Émdenke bei eis ze bréngen an dat onnohaltegt Wirtschaften ëmzeistere. Et wäert lech net verwonneren, wann ech awer soen, dass déi gréng enttäuscht sinn iwwert dat, wat dës Regierung bis elo an dësem Kontext fäerdeg bruecht huet. Och an der Tripartite ass zu engem groussen Deel, zumindest no deem, wat no bausse gedrongen ass, nëmmen iwwer Geld a Sue geschwat ginn. An an eisen Aen ass de Rettungspak, deen elo virläit, a kengem Verhältnis zu deenen déifgräifende Reformen, déi néideg wieren, fir dëst Land fir dës Jorhonnert ze preparéieren.

Wéi sollen dann och, an ech kann do nëmmen de Virriedner Berger ënnerstëtzen, wéi solle bei Verhandlung mat de Sozialpartner nohalteg Léisungen erauskommen, wann déi zwéin Nohaltegkeetsministeren emol net mat um Dësch setzen? Schlëmmer nach: Et kommen och an dësen Zäiten nach ëmmer kontraproduktiv Messagen. Ech fanne wierklech, dat, wat alles schonn zu Léiweng a Wickreng gesot a ge-



maach ginn ass, eng Katastroph an aller Hisiicht. Den Eugène Berger huet et gesot a puncto Landesplanung, ech soen et awer och a puncto Message. Do geet et jo weider mam Message, fir ze soen: Konsuméiert, konsuméiert, konsuméiert!

Ech froen Iech, Madame Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen: Wie soll dat do dann alles kafen? Brauche mer an all Famill fénnef Computeren? Brauche mer an all Zëmmer deemnächst e Breetband-LED-Schierm, fir Fernseh ze kucken? Brauche mer 17 Garniture Gaardestill?

(Hilarité)

Hu mer dat net, 90% vun eis, längst alleguerten? Ech wéisst wierklech gären, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, wien dat do alles soll kafen!

Dat do ass dach awer ganz e bësse Brot und Spiele. An déi Devise, déi seet eis jo dach eppes. War dat net emol d'Devise vun engem gewëssene Réimerräich, ier et an der Dekadenz ënnergaang ass?

Elo bleift eis nach...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- De Westerville schwätzt esou.

(Interruption)

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Ech stinn zu deem, wat ech hei soen, Här Bodry. Ech sinn och gär bereet, mat Iech doriwwe nach länger ze diskutieren.

Elo bleift eis nach de PNDD. No allem, wat ech gesot hunn, Madame Presidentin, kënnt Der Iech virstellen, dass mer skeptesch sinn, dass mer dee ganze Kraaftakt, dee mer bis elo mat Tripartite an aneren Diskussiounen net gepackt hunn, sollten elo op eemol iwwert dësen Exercice packen. Wann do och nëmmen eng kleng Chance sollt bestoen, dass dee PNDD kéint en Ufank vun engem Ëmsteiere sinn, da muss op jidde Fall deem zweeten Deel vun deem, wat eis virläit, komplett ëmgeschriwwe ginn.

Eng Rei Virriedner hu schonn dorop hi-gewisen, dass et éischters muss nei geschriwwe ginn, well dee PNDD virun der Kris geschriwwe ginn ass an eng Rei Saache längst iwwerholl sinn, wat do steet. Mä ech mengen, et muss een och vill méi ambitiéis virgoen.

Mir kënnen eis eng Démarche a sechs Punkte virstellen:

Et mussen an alle Beräicher kloer a chiffriert Ziler festgehal ginn.

Zweetens mussen dann d'Prioritéiten definiert ginn.

Drëttens muss ee sech déi gëeegent Instrumenter schafen.

Véiertens, an dat gëtt och ganz oft an deem Land an an dëse Regierungen net gemaach, ganz kloer Responsabilitéite klären an en Timing festhalen.

Da si mer der Meinung, dass ee wierklech déi Indicateure radikal muss verkierzen. Et kann ee kengem Mënsch zomudden, 27 Indicateure permanent viru sech ze gesinn, fir eng Steierung vun deem, wat an deem Land geschitt.

A schlussendlech muss och e kloer Monitoring kommen, fir dass mer regelméisseg wëssen, ob mer an déi richteg Richtung amgaang sinn ze goen oder net.

Kleng Klammer: Ech mengen, dass mer eis eens sinn, dass den CSDD en nätzlecht Instrument ass, dass en och scho ganz pertinent Avisen ofginn huet. Mir stellen awer ëmmer erëm fest an deem Land, dass, trotz Statec an aneren Instrumenter, déi mer hunn, et wesentlech un Zuelen, aktuellen Zuelen am ganze Beräich Nohaltegkeet feelt. De Kolleeg Robert Garcia an ech haben an deem ganze Kontext Développement durable eng Proposition de loi gemaach, wou mer eigentlech zwee Gremie gesinn hunn: ee Gremium, dat de Rôle iwwerhëlt wéi den CSDD, mä en anert Gremium, wat e wëssenschaftlecht Gremium ass, wat ganz speziell an déi do Richtung géif schaffen.

Ech mengen, jiddweree muss zouginn, dass zënter mer den Observatoire de l'ha-

bitat agefouert hunn, een am Wunnengsbau zum Beispill awer besser d'Gefill huet, wat dobaussen am Land vir sech geet. Ech fannen, mir bräichten och onbedéngt am Beräich Développement durable e wëssenschaftlecht Gremium, wat eis wierklech regelméisseg mat pertinenten Zuele géif beliwieren. Mir diskutieren elo scho laang a berechteterweis iwwert de Status vun der Statsverschëldung am Joer 2014.

Wann dës Ziler kloer definiert sinn, da misste se awer mat där ganzer Intensitéit, mat där ganzer Pertinenz, wéi aner Zuelen, mat all Mënsch am Land diskutiert ginn. Mir diskutieren elo scho laang a berechteterweis iwwert de Status vun der Statsverschëldung am Joer 2014.

Ech huelen Iech e Beispill: Wann een eng Kéier an engem PNDD seet, d'Versigelung am Land där net méi wéi esou vill Hektar pro Dag oder esou vill Quadratmeter esou vill Hektar pro Joer sinn, da muss dat och, mengen ech, mat alle Partner an an de politesche Kreesser genausou intensiv a genausou kloer diskutiert gi wéi ähnlech Chifferen.

Mir kënnen net ëmmer nëmme wirtschaftlech Zuelen diskutieren. An et geet och net duer, wa mer elo nieft dem BIP en aneren Indicateur schafen. Dat eleng wäert net derzou féieren. Mir musse gradesou gutt d'CO₂-Emissiounen, d'Flächeversiegelung, mä och sozial Kritäre gradesou knallhaart mat alle Partner diskutieren.

D'Regierung huet dat elo emol weinstens

deelweis wëlles am Kontext vun deem

ganze Klimapakt. Mir hunn do vläicht e

bëssen eng aner Meinung wéi d'Kolleege

vun der DP. Mir si prinzipiell averstanen,

dass een deem Exercice do mécht. Et kann

ee jo och soen, dass dat do e bëssen eng

Version light vun eise Zukunftsdësch ass,

dee mer e puermol an d'Diskussioun era-

bruecht haben, als gréng viru Jore schonn,

notamment och bei der Diskussioun hei an

der Chamber iwwert deem éischte PNDD.

Mä mir bedauern et haut, dass mer eis

déi Zäit déi Zäit net geholl haben. Da wiere

mer dat scho vir. Mir hätten déi Diskus-

sionen, muss ech soen, léiwer a gudden

Zäite mat de Leit a mat de Sozialpartner

gefouert. Et wier vläicht méi einfach

gewiescht op e Konsens ze kommen, wéi

awer an enger relativ vergëfteter Atmos-

phär. Elo no där Tripartite froe mer eis, wéi

dat do soll vir sech goen.

Ech kann Iech och soen, dass déi gréng

bereet sinn, hir Iddien an déi doten Dis-

kussionen anzebréngen. Mir wäerten den

19. Juni en öffentleche Kongress mat eise

Leit hunn. Do wäerten eng ganz Rei Pisten

an dem Kontext Klimapakt, mä och am

Kontext Tripartite op den Dësch kommen.

Et waren der jo, déi eis e bësse belächelt

haben, wéi mer deem Datum annonciert

haben. Haut stellen ech fest, dass mir jo

dann anscheinend méi wäit si wéi d'Tri-

partite an aner Gremien, well do ass jo net

ganz vill derbäi erauskomm. Dat ass jo

emol verschobe gi bis an den Hierscht.

Esou falsch louche mer dann net, dass

mir eis Zäit geholl hunn, fir eis Gedanken

ze maachen. Hätt dës Regierung vläicht

net e Joer verschlof a sech selwer méi konkret

Iddien zu eege gemaach, ier se an d'Tri-

partite gaange wier, da wiere mer do och

vläicht e Stéck weiderkomm.

Mir soen awer gradesou kloer als gréng

zu deenen Diskussiounen ëm de Klimapakt:

Et ass elo déi leschte Kéier, wou mer mus-

sen a kënnen diskutieren. Ech deelen do

d'Meenung vum Eugène Berger. D'Fakte

leien um Dësch, d'Kaarte leien um Dësch.

Si mussen nei verdeelt ginn. Dat ass e

schwierigen Exercice. Mir brauchen effek-

tiv, wéi et an de Konklusioun vum Presi-

dent Boden steet, en „new green deal“.

A mir sinn als gréng just gespaant, Ma-

dame Presidentin, ob dës Regierung end-

lech agesäit, dass dës Ëmstrukturierung

eng Chance ass fir Lëtzebuerg an net nëm-

men eng Gefor. Dat ass jo mat déi Haupt-

kritik, déi d'OECD bei der Analys vun der

Ëmweltpolitik mécht, dass se seet, et wiere

nach ze vill politesch Akteuren zu Lëtze-

buerg, déi déi ganz Ëmweltdiskussioun, déi

ganz Nohaltegkeetsdiskussioun als eng

Gefor géife gesinn amplaz eng Chance.

Mir sinn als gréng gespaant, ob dës Regie-

rung nach handlungsfäeg ass, deem néi-

dege Courage opzebréngen, dës Ëmstruk-

turierung an d'Wee ze leeden.

Madame Presidentin, den 2. Juni hat den CSDD op eng Konferenz agelueden ënnert dem Titel: „Avoir plus ou être mieux“. Dat ass genau de Choix virun deem, wou mer zu Lëtzebuerg, mä net nëmmen zu Lëtzebuerg, stinn, well béides, Madame Presidentin, wäert an Zukunft net méi méiglech sinn. Déi gréng hunn hire Choix ganz kloer geholl. Mir si fir den „être mieux“. Mir wäerte ganz kritesch kucken, op wéi eng Säit dass dës Regierung an dës Majoritéit sech an deenen nächste puer Méint wäert setzen.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme le Président.**- Merci, Här Gira. Deen nächste Riedner ass den honorablen Här Colombero. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Colombero** (ADR).- Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt e Merci un den Här Boden fir dësen explizite Rapport, wou ganz vill drasteet. En huet sech ganz vill Méi gemaach. En huet dach exzellent bruecht.

Dee Programm, deem do beschriwwen ass, ass ee ganz vastë Programm. En ass transversal, dat heescht, en touchiert ganz verschidden Domänen: d'Santé, d'Éducation, d'Wirtschaft. En touchiert déi Al an déi Jonk.

An do ass déi éischt Fro, déi ee sech muss stellen: Ass dee Programm einfach realisierbar? Mir denken net. Firwat? Well do ganz vill Konfliktsituatiounen kënnen entstoen. A wann een Deel vun deem Programm duerchgezu gëtt, da si mer scho frou. Mä héchstwahrscheinlech wäerten do ganz vill faul Kompromësser entstoen.

Mir haten d'lescht Woch iwwert d'Nohaltegkeet an de Pensioune geschwat. Ech weess net, wéi et Iech gaangen ass, mä mech huet dat net iwwerzeegt. Et ass vill geschwat ginn, wat een alles muss maachen. Mä als Resultat ass hannen net ganz vill erauskomm.

A mir schwätze vill iwwer Développement durable. Dat ass dat Schlagwuert, dat den Här Berger gesot huet, ee Modewort. Et kéint ee vläicht soen, mir gebrauchen en anert Wuert, datt jiddweree versteet, ëm wat et geet. Hei geet et einfach ëm d'Iwwerliewensstrategie vum Mënsch, an nëmme vum Mënsch.

Dir Dammen an Dir Hären, Hand op d'Häerz, mengt Dir wierklech, dass ee sech Suege mécht iwwert ee bloe Päiperlek, deem do verschwénnt, iwwert ee schwaaargiele Salamander, deem op eemol net méi existiert? Mengt Der dat wierklech? Ech gleewen dat net.

Wann eng Uelechkatastroph kënnt, dann natierlech, da fänken d'Leit un ze reagieren. Si fäerten, si hunn Angscht, mä si hunn Angscht fir sech a fir keen aneren, well dat kéint si iergendwéi betreffen. Do fänken d'Lompen un ze sténken an da gëtt natierlech ganz vill geschwat, da muss eppes gemaach ginn, da muss gehandelt ginn!

D'Politiker, déi huelen och de Mond voll. Si sinn och nohalteg mat hire Wierder. Et gëtt vun „new deal“ geschwat, vum „green deal“, vun „Croissance verte“, vu Biodiversitéit, vun hei a vun do, mä et muss een och wëssen, dass hei ganz vill Geld am Spill ass. Den Här Oberweis sot gëscht, wann ee vun alleguerten deenen neien Energien eng nei ekonomesch Plattform mécht, dann ass dat ee Präis vu 5.000 Milliarden Dollar, déi do am Spill sinn. An ech mengen, d'Politik ass drun interessiert fir nei Aarbechtsplazen ze kreieren. Ech mengen, et geet dann héchstwahrscheinlech méi an déi Richtung wéi an eng aner Richtung.

An ech mengen, d'Finalitéit vun engem Développement durable, fréier war et esou, et goufe ganz weineg Leit an do war et, de Mënsch huet mat der Natur, fir d'Natur, an der Natur, am Aklang mat der Natur geliefert, fir seng primär Besoinen ze garantieren. Dat war dann: iwwerliewen, Nahrung, Kleedung, Fortplanzung, Wunneng.

Hautdësdays ass dat ganz anescht. Mir si 7 Milliarde Leit. Si mer nach am Aklang mat der Natur? Evidenterweis guer net. A wat wëlle mer gär erreechen? Dat Eenzegt, wat mer erreeche kënnen, dat Zil, wat mer

mussen erreechen, ass déi sozial Kohe-sioun.

Fir nohalteg ze handeln, muss een awer och nohalteg denken. Dat muss am Kapp ugoen. Dat heescht, mir mussen op eppes verzichten. Den Här Gira huet hei ganz richtig gesot: Wie consomméiert alles dat, wat mer produziere wäerten? Eng Saach ass awer sécher: Näscht ass méi geféierlech wéi dat Verkenne vu konkrete Geforen.

Den Här Negri huet geschwat vu Reglementer, vu Regeln, déi ee misst opstellen, mä ech muss awer do virdru warnen, Här Negri, well de Mënsch u sech muss och eng Responsabilitéit hunn. Et kann net sinn, dass de Stat alles iwwerhëlt an dass deem Eenzelnen an der Gesellschaft, welch Ursaach en och ëmmer huet, do als manerjähreg erkläert gëtt, dass deem näscht mécht. De Mënsch selwer muss eppes ënnerhuelen, muss eppes änneren. Mir kënnen net ëmmer soen: De Stat muss et fir eis maachen. Also, de Mënsch muss selwer investieren.

Fir elo konkret an e puer Detailer eranze-goen, wëilt ech gär d'Fro vum Déséquilibre opwerfen. Mir hunn eng Gesellschaft, déi besteet aus Déséquilibre. Mir hunn d'Nord-Süd-Gefäll, de räichen Norden, den aarme Süden. Dee Schwaarzen an Afrika, dee wëllt och gär en Auto, dee wëllt och gär e Fernseh, dee wëllt och gär en Handy hunn. Kënne mir da soen: Neen, du kriss keen?

Sécher wësse mir, dass wann een en Auto kritt, jo, do ass e Problem mat der Ëmweltbelaaschtung. Sécher wësse mir, wann een e Fernseh kritt, da wësse mer, dass dat och Elektroschutt ass. Mir wëssen, dass do och Problemer op eis zoukommen. Mä mir kënnen deene Leit awer net soen: Du kriss näscht. Wéi steet et do mat der Ethik?

Den zweete Problem ass, den Déséquilibre zwësche Regiounen. Eng Regioun huet vill Aarbechtsplazen, déi aner net. Kucke mer Lëtzebuerg: Mir hu ganz vill Frontalieren, déi heihinnerkommen. Déi ënnerstëtzen eis Wirtschaft, eis Pensiounen. Kënne mir dann zu deene soen: Neen, géi du doheem tanken, hei brauchst Du net ze tanken, soss geet eis CO₂-Bilanz an d'Luucht. Dat kënne mer jo net maachen.

Mir hu Stau, mir hu Verkéier. Wéi kann een dat léisen? Ech mengen, mir mussen och wëssen, déi zwou Saachen: entweder dat eent oder dat anert geet net. Mir mussen einfach wëssen, dass verschidde Saachen einfach matenee wirken.

Drëttens, d'Ongläichheet op der Aarbechtsplaz. Fir eng bestëmmten Aarbecht verdéngt ee Mann méi wéi eng Fra. Dat gëtt et hei a Lëtzebuerg. Gëschter ware mer hei a mir hu gesot, dass d'Chargés d'enseignement manner géife verdénge wéi d'Professere fir déiselwecht Aarbecht.

An da gëtt et eng Mammerent. Verschidde Mammae kréien eng Rent, anerer net. Dat ass och en Déséquilibre. Mä et ass een Déséquilibre, dee mir selwer produziert hunn. Also, dat éischt ass, d'Déséquilibre muss verschwannen. An dat ass eng Aarbecht vun der Politik, ohne wenn und aber.

Da kënnt de Problem vun der Economie. Alles steet a fält mat der Economie. Mir sinn elo an enger Kris; dee Plang hei, dee gouf opgestallt virun der Kris. A mir wëssen, dass duerch d'Kris vill Firmen, vill Aarbecht, vill Aarbechtsplazen, vill Familljen zerstört ginn.

Wéi gesäit et elo fir d'Zukunft aus? Den Aarbechter dobausse mécht sech Sueren, dat ass jo kloer. Ech wëilt als Aarbechter och mäin Daach isolieren, ech weess, datt dat eng Plus-value ass, mä ech kann deem awer net isolieren, well ech hunn d'Suen elo net. Ech kéint och meng Face isolieren. Ech kennen d'Plus-value vun enger Face, déi isoliert gëtt, mä ech hu kee Geld, fir dat ze bezuelen. D'selwecht mat der Photovoltaik. Ech kann den Daach mat Fotozellen opspécken, mä ech hu keng Suen, fir dat ze maachen, also muss de Stat mir hëllefen. Ech sinn ofhängeg vum Stat. An hei gesi mer déi important Roll vum Stat.

De Bësch. Mir wëssen alleguerten, dass de Bësch u sech e ganz grouse Facteur ass, éischters, an der Récréatioun, zweetens, an dem Usammele vum Waasser. Et ass



een O₂-Spender, en hält den CO₂. Mä och Leit, déi ee private Bësch hunn, déi kënnen sech dat net leeschten. Firwat? Well si ofhängeg si vum Verkaf vum Holz.

Datselwecht fir e Bauer. E Bauer ass sécherlech en Naturmënsch, mä wann Der him sot: Hei, géif mer deng Parzell fir den Naturschutz, géif mer deng Parzell fir de Waasserschutz, do wäert en d'accord sinn. Mä awer bis wouhinne ass en d'accord? Hie weess jo selwer, dass den Ertrag dann erofgeet. Dee Moment, wou säin Ertrag erofgeet, huet e manner finanziell Mëttelen. An der Wirtschaftskris ass et elo nach méi schlëmm, also wäert en net ganz d'accord sinn. Et misst sinn, de Stat géif erëm hëllefen.

D'selwecht, een, dee krank ass, een, dee keng Suen huet: Wat mécht en? E geet bei den Dokter an do freet en ee Sirop, dee vun der Krankeess rembourséiert gëtt, awer net ee Sirop, deen op Naturbasis funktionéiert, dee keng Niewewierkungen huet, deen d'Ëmwelt net beläscht, also vill méi gesond ass an en dofir dee Moment duerch d'Niewewierkunge manner krank géif ginn.

Also, och do gesi mer den Impakt vun enger Précaritéit, vun enger Aarmut, déi lues a lues an d'Gesellschaft eraschläicht. Do ginn et och Differenzen. Déijéineg, déi d'Suen hunn, déi kënnen sech vläicht biologesch Wuere kafen, wëssend dass do manner Pestiziden dra sinn. Deen aneren, deen ebe méi aarm ass, dee muss déi traditionell Mëttelen opkafen, wëssend dass do méi Pestiziden dra sinn an et duerfir dann och herno méi Schued fir seng Gesondheet be-deit.

Den Impakt op d'Natur ass natierlech ganz wichteg. Mir gesinn dat ëmmer méi. D'Loft ass verschmotzt mat NO, mat CO, mat CO₂, d'Waasser ass verschmotzt mat PCBen, mat DDT, mat alle Feeleren, déi mer an der Vergaangenheet gemaach hunn. Mir mussen eis bewosst ginn, dass dat iergendwéi eng Kéier op dee ganzen Zyklus Déier/Mënsch wäert eng Répercussion hunn.

A mir hunn et haut schonn. Mir kréien dann natierlech direkt en Impakt op de Mënsch. De Mënsch ass chronesch krank. Den Här Oberweis huet virdu gesot, 36% vum Bësch wär nach gesond. Mä stellt lech vir, wéi vill Leit fir de Moment nach gesond sinn; net ganz vill. Mir hu Leit, déi hunn enorm Problemer. Fänke mer u mat chronesche Krankheeten, déi mer net méi wëssen ze bekämpfen. Mir hu Kriibs, eent op dräi. Mir hunn degenerativ Krankheete wéi Alzheimer, wéi Sclérose en plaques. Mir hu Krankheete wéi Allergien. Mir hu Krankheete bei jonke Kanner, déi Verhalensstörungen hunn.

Mir hu Leit, déi Dépressiounen hunn. Mir hu Leit, déi am Stress sinn. Mir hu Leit, déi net méi wëssen, wou aus a wou an. Si sichen natierlech eng Hëllef beim Dokter, an dee kann natierlech näischt anescht maachen, wéi Medikamenter ginn. Medikamenter, déi natierlech dann och chemesch sinn, am éischte Sënn vum Wuert. Chemesch Medikamenter bréngen dann, dass d'Leit ëmmer méi krank ginn. Dat ass einfach e Cercle vicieux.

A wann ech vu kranke Leit schwätzen, da mussen mer och ee Wuert iwwert d'Suicidé schwätzen. Ganz vill Leit wëssen net méi, wou an a wou aus. Suicidé sinn un der Tagesordnung, dat ass eng Realitéit. An do gi ganz vill mënschlech Ressourcë verluer. All Persoun ass e Genie fir sech. Dir wësst jo, dass an zwee Käpp méi dran ass wéi an engem Kapp. An dräi Käpp ass méi dra wéi an zwee Käpp. An do, mengen ech, mussen mer nach ganz vill ënnerhuele fir de Mënsch u sech, dee fir mech och dann an der Biodiversitéit een Element vun der Biodiversitéit ass. Och de Mënsch muss op jidde Fall aneschtens ënnerstëtzt ginn.

De véierte Punkt ass natierlech d'Politik. Ech mengen, d'Politik, Dir Dammen, Dir Hären, d'Politiker schmässe ganz grouss Wieder, dat wësse mer. Mir wëssen och, dass d'Politik net vill Tugenden huet, a scho guer net, wann et ëm Éierlechkeet geet. Firwat? Well se alles versichen ze verstoppen.

Et wär doch ganz einfach, wann ee géif soen: „Léif Leit, esou ass d'Saach. Dohinner geet et. Dat gëtt gemaach.“ Dat akzeptéieren d'Leit méi, wéi wann ee versicht

fir alles ënnert den Dësch ze kieren, ënnert den Teppech ze kieren, fir ze versiche fir Meenungen, déi vläicht vun enger Oppositionspartei kommen, déi gutt wäeren, an en Tirang ze leeën, véier, fënnf Joer ze waarden an dann, wann et net méi geet, dann hält een déi Iddien eraus an da seet een: „Dat maache mer elo.“

Ech mengen, dat ass eng feig Haltung vun all politescher Partei, an ech nennen hei keen Numm. Ech wëlt lech nëmme soen, d'ADR huet zoufälleg de Projet City-Tunnel op dee Wee bruecht. En ass natierlech verschwonnen. Et ass keen, dee sech derfir interesséiert. Jiddweree wëllt gär den Tram hunn. A mir wëssen alleguerten, dass den Tram absolut guer kee Problem léist.

D'Politik mécht nëmme faul Kompromësser, ganz vill faul Kompromësser. Ech ginn lech e puer Beispiller.

Genmanipuléierte Mais. Wat bréngt dat, wann op enger Säit genmanipuléierte Mais ugeplanz gëtt, dann eng Pufferzon kënn an do niewendrun einfach normale Mais. Wat soll dat déngen? Et ass e faule Kompromëss, wou mer alleguerte wëssen, dass mer doduerch ënnerginn, Jongen. Also, et kann net sinn, dass mer einfach faul Kompromësser esou aginn.

► **Une voix.**- Jongen a Meedercher.

► **M. Jean Colombero** (ADR).- Jongen a Meedercher. D'Meedercher si méi léif. Déi géifen dat net maachen.

► **Mme le Président.**- Ech géif lech bieden, Här Colombero, wann Der lech un d'Chamber wennt, dann Dammen an Hären ze verwenden. Ech mengen, dat wär méi appropriéiert, an da géift Der net riskéieren lech just un eng Zort vun den Deputéierten ze wenden.

► **M. Jean Colombero** (ADR).- Merci, Madame. Ech wollt domat mäin Ausdrock ginn, Madame Presidentin, dass d'Fraen e bësse méi sensibel si wéi d'Männer. Duerfir soen ech Jongen. Et deet mer leed, mä ech huele meng Wieder zrëck.

(**Interruption**)

Okay.

En anert Beispill ass den öffentliche Transport. Mir wësse ganz genau, dass den öffentliche Transport ganz vill Problemer ka léisen. Mä wat géif passéieren, wa mar jiddweree mam Autobus oder mam Zuch géif fueren. Mir hätten emol keng Capacitéit fir déi Leit do opzehuelen. Dat wär guer net méiglech. Ech mengen, dat ass och e faule Kompromëss, deen d'Politik dann eben ageet.

Mir investéieren 0,7% an déi aarm Länner. A wat gi mer hinnen? Mir droen hinnen eise Schrott dohinner, eisen Elektroschutt, eis Batterien, alles, wat hir Gesondheet u sech beschiedegt. Ass dat eng normal Haltung vun engem Politiker?

► **Une voix.**- Schwätzt Der vu mir?

► **M. Jean Colombero** (ADR).- Mir mussen einfach wëssen, d'Leit mussen wëssen, wou se higin, wéi et an der Zukunft ausgesäit. An do, mengen ech, muss d'Regierung einfach Kloertext schwätzen. Dat ass dat Allerwichtigst. Well wann d'Politik net éierlech ass, da geet et och net virun.

Dann een zweetleschte Punkt, deen ech wëll uféieren, dat ass d'Sensibilisation, d'Informatioun, d'Éducation vum Publikum. D'Leit dobaussen hunn d'Recht fir informéiert ze ginn. Mä gi se richteg informéiert? Gi se richteg sensibiliséiert? Wat geschitt, wann eng Firma wéi BP do einfach déi ganz Saach, déi ganz Ëmweltkatastroph als négligeabel ugesäit? Si bezilt och eng Milliard, si bezilt och zwou Milliarden. Wat geschitt dann an de Käpp vun de Leit, déi dat gesinn?

Ma déi soe sech: Et deet mer leed, wa si dat maachen, da brauche mir awer eis wierklech net hei vreckt ze maache fir dat ze errechen. Da loosse mir dat och esou einfach goen an da kucke mer, dass mer eens ginn.

Eng aner Saach ass d'Informatioun. D'Informatioun ass enorm wichteg fir all Bierger. Mir hunn dat gesi bei der leschter Schwéngsgripp. Do ass jo ganz vill geschwat gi vun där enger Säit, d'Gripp wär geféierlech, et misst een onbedéngt geimpft ginn, well et géifen esou vill Milliounen Leit stierwen an dofir misst jiddweree geimpft ginn. Wat hunn dann d'Re-

gierung gemaach? Si hu massiv Impfstoffe kaf a vu virera war gewosst, d'Wëssenschaftler hate gewarnt, déi Gripp do géif absolut guer net vill vun negativem Impakt bréngen. Mä trotzdem ass do investéiert ginn. Et ass investéiert ginn, fir de Pharmaindustrien ënnert d'Äerm ze gräifen. A wat ass do erauskomm? Guer näischt, mir hunn nach ëmmer déi Impfstoffe. An d'Leit, déi hunn absolut net d'Schwéngsgripp kritt, op jidde Fall net an deem Mooss, wéi dat prognostizéiert gouf.

Och do mengen ech, dass, wann d'Medië sech géifen uerdentlech mat deem Problem befaassen, versichen, neutral déi eng Wëssenschaftler an déi zweet Wëssenschaftler ee géint deen aneren ze vergläichen, dee Problem neutral géifen duerstellen, da wär de Publikum dobaussen och natierlech besser informéiert an e kéint sech säin eegent Bild maachen. Dat hu mer leider net.

De Problem vun de Contrainten: Muss ee wierklech d'Leit derzou forcéieren, fir dass se ëmweltbewosst schaffen? Mir hunn en Energiepass. En Energiepass ass eng gutt Saach. Mä muss dat souwäit kommen, dass ee seet, hei, Du muss en Energiepass hu fir Däin Haus ze verkafen, anerefalls ass Däi Präis, wann s De et verkeefs oder wann s De louns, deen ass méi kleng. Muss et da wierklech souwäit kommen? Musse wierklech d'Leit einfach gezwonge ginn, fir iergendwéi nohalteg ze denken?

An da kommen ech zu mengem leschte Punkt, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Presidentin, an dat ass e philosopheschen Aspekt: d'Natur. Brauch d'Natur de Mënsch? Dat ass eng ganz grouss Fro, déi ech hei kéint stellen. Ech ginn och do keng Äntwert. Ech mengen, iwwerleet lech dat: Brauch d'Natur de Mënsch?

De Mënsch u sech, dat ass - mir sinn alleguerten domat d'accord - e groussen Egoist, et ass ee Schmarotzer: Ouni de Mënsch wäere vill Saachen op der Welt net do. Domat si mer eis awer eens, ech mengen, do hunn ech net ze vill gesot. Mä wann d'Natur wëilt a si géif de Mënsch eliminéieren, da wäere vill Problemer aus der Welt geschaf.

Zweetens: Musse mir wierklech alles zerstéieren, fir dass mer nei kënnen opbauen? An do schwätzen ech d'Kricher un. Musse mer wierklech Krich preparéieren? Musse mer wierklech Leit an de Krich schécken, dass déi do hiert Liewe verléieren, fir dass mer kënnen soen, okay, amplatz siwe Milliarde vu Leit kréie mer herno nach fënnf Milliarden, da geet et eis besser?

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn nach ganz vill ze maachen an haaptsächlech mental mussen mer denken. Mir mussen einfach nohalteg ginn an eise Gedanken. Mir mussen einfach en Häerz hunn an net ëmmer mat Geld schwätzen a mat Économie. Mir mussen vill méi wäit goen. Mir mussen wëssen, dass mer eng Gesellschaft sinn, ee Puzzle, jiddwereen ass ee Puzzlestéck a jiddwereen ass wichteg.

Ech soen lech Merci.

► **Mme le Président.**- Merci, Här Colombero. Deen nächste Riedner ass den Här Hoffmann.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn dervun aus, den Débat vun haut ass net iwwert d'gesamt Regierungspolitik, och net am Beräich vun der Nohaltegkeet. Sondern den Débat vun haut, den Objet vum Débat vun haut ass de Projet vum zweeten Nohaltegkeetsplang. An ech wëll mech eigentlech och dorobber beschränken.

Deen Nohaltegkeetsplang, deen eis elo virläit, ass eng valabel Diskussionsbasis. Virun allem deen éischten Deel ass eng relativ couragéiert - dat ass hei scho gesot ginn - an awer realistesch Bestandsopnahm vun den negativen Entwécklungstendenzen zu Lëtzebuerg. Eleng deen Deel geet also scho bal duer fir eng intensiv Diskussioun ze féieren iwwert den Zoustand, an deem mer eis befannen.

E wierklechen Nohaltegkeetsplang ass deen Entworf do awer nach net. Dofir - fir dat ze ginn - missten d'Frostellungen, d'Struktur, d'Prioritéite virun allem am zweeten Deel wesentlech opgeschafft ginn. Bei där Opschaffung misst den Avis vum Nohaltegkeetsrot onbedéngt berück-

sichtegt ginn. Ech mengen, dat steet och am Projet vun enger Motioun, iwwert déi mer ofzestëmme hunn. Méi nach: Ech mengen, dass den Nohaltegkeetsrot och an iergendenger Form an déi Opschaffung sollt aktiv mat agebonne ginn. Dat waren déi zwee éischt Punkten.

Drëtzens: Och dat geet awer menger Meinung no nach net duer. Well an där ganzer komplexer Problematik, an de Virschléi a Léisungen eng demokratesch Legitimation ze sichen, geet nëmme iwwer e breeden Débat an der Öffentlechkeet, eigentlech e permanenten Débat, net nimm all puer Joer een. An - betounen ech zum Schluss - e kontroversen Débat. An dat ass Punkt véier.

An där komplexer Fro vun der nohalteger Entwécklung gëtt et Konflikter, gëtt et Interessekonflikter, gëtt et ënnerschiddlech Perspektiven, gëtt et och entgéintgesaten Opfaassungen. Nëmme ee Beispill vu ville méiglechen: Tëschent der wirtschaftlecher Kompetitivitéit engersäits - virun allem dann, wa se esou enk definéiert gëtt, wéi dat an der Regel de Fall ass - an anersäits der sozialer Gerechtegkeet respektiv, ech nennen dat emol: der ökologescher Rücksicht gëtt et méi wéi eng kleng Reiwungsfläch, mä gëtt et wierklech e Konflikt. Genau déi Konflikter, dee kontroverse Pluralismus, deen an deem ganzen Débat hei misst eigentlech sinn, dee gëtt an deem Entworf vum Nohaltegkeetsplang wäitgehend ënnerbelicht respektiv iwwerhaupt ignoréiert. Et ass awer eng Illusioun ze mengen, et kéint een déi komplex Problematik do vun der Nohaltegkeet an engem seichte Konsensus ugoe respektiv léisen.

Fënneftens: Eng Rei vun zentrale Froen ginn entweder an deem Entworf net oder ze vill iwwerflächlech thematiséiert. E Beispill, wat och den Nohaltegkeetsrot ënnersträicht, ass d'Fro vun der kultureller Entwécklung. En anert Beispill ass dat vun der demokratescher Participatioun.

(**M. Laurent Mosar reprend la présidence.**)

Wann ech an deem Text liesen, d'Problematik vun der Demokratie vun der Netlëtzebuerger Populatioun, déi soll ugaange gi mat engem Opnahmedag - Journée d'orientation - fir Migranten, da muss ech eigentlech de Kapp rëselen.

D'Fro vun de gesellschaftlechen Ongläichheeten, zum Beispill, gëtt reduzéiert op d'Fro vun der Précaritéit - ech sinn ëmmer beim zweeten Deel -, an där wär da bäizekomme mat der Vollbeschäftegung, heescht et. Woubäi awer éischstens net ugeschnidde gëtt, wéi een déi Vollbeschäftegung dann hei zu Lëtzebuerg soll errechen. Zweetens misst een eigentlech och wëssen, dass d'Beschäftegung, Aarbechtsplaz, net onbedéngt eng Garantie ass géint d'Précaritéit, Stéchwuert: „working poor“. An drëtzens kënn et selbstverständlech och nach op d'Qualitéit vun der Aarbechtsplaz un.

Sechstens: Eng Politik vun der nohalteger Entwécklung kann natierlech net bei den nationale Grenze stoe bleiwen. Dat heescht, net nëmme eng équilibréiert, nohalteger Entwécklung an der Groussregioun - soe mer emol esou. Mä och dat gëtt am Plang eigentlech nach net thematiséiert. Doriwwer eraus stellt sech awer déi vill méi allgemeng Fro, wéi eng Auswierkungen eisen Entwécklungsmodell hei zu Lëtzebuerg - respektiv an Europa - ausserhalb vun eise Grenzen huet.

Et kann een, fir dat zum Thema ze maachen, de Begrëff vum Foussofdruck, vum „footprint“ benotzen, deen entre-temps bekannt ass. Allerdéngs mengen ech, da muss een e gebrauchen a méi engem komplexe Sënn, wéi dat bis elo an der Regel de Fall ass, dat heescht also, an enger Bedeutung, wou an alle Beräicher, am soziale Beräich, am ökologesche Beräich, am ekonomeschen, am kulturelle Beräich gekuckt gëtt: Wéi eng Konsequenzen huet dat, wat mir hei maachen? A wann ech soen, hei, dann ass ëmmer gemengt Lëtzebuerg respektiv Europa. Wéi eng Konsequenzen huet dat haut? Wéi eng Konsequenzen huet dat muer an iwwermuer op



anere Plazen an der Welt op d'Mënschen, op d'Natur?

Siwents, mengen ech, misst een och - an dat geschitt och net - an deem zweeten Deel vum Text déi verschiddensten Niveaue vun de politeschen Décisiounen ënnerscheeden: Gemengen, Stat, Europa, Welt. Grad an der Fro vun der Nohaltegkeetspolitik um europäesche Plang bleift deen Entworf vum Nohaltegkeetsplang an enger räichlech onkritescher Haltung stoen.

Aachtens a schliesslech zum Schluss, lues a sécher: Seriös Iwwerleeungen - an ech mengen, den Här Gira huet do Ustouss ginn an déi Richtung, an déi ee misst weider diskutéieren - iwwer eis Produktiounsweis, iwwer eis Konsumtiounsweis, iwwert den Ënnerscheid tëschent Wuessum an Entwécklung, iwwert d'Verdeelung vun de Ressourcen, vun alle Ressourcen, net nëmme vun de materielle Ressourcen. Wat och implizéiert eng Diskussioun iwwer nei Indicateure vun der Entwécklung, esou wéi dat jo elo vum Wirtschafts- a Sozialrot, zesumme mat dem Nohaltegkeetsrot, emol ugestouss ginn ass. Awer da si mer wierklech an enger ganz seriöser, fundamentaler Diskussioun iwwert d'Logik vun der gesellschaftlecher Entwécklung. An ech mengen, dass déi Diskussioun och absolut noutwendeg wär.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. Als nächste Riedner ass den Här Scheuer agedroen. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Ben Scheuer (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären: Ass de Mënsch am Stadium vum Af stieche bliwwen? Dat ass déi Fro, déi de Rolf Tarach, Direkter vun der Uni Lëtzebuerg, am Kader vun der Konferenz, déi vun „Luxembourg for Finance“ organiséiert ginn ass, gestallt huet. Nohalteg kënnen ze handelen ass nämlech eppes, wat eis vum Af ënnerscheet. An der Kris behuele mir Mënschen eis awer nach ëmmer wéi d'Afen.

Mir handelen esou, dass nëmme kuerzfristeg Interessen ofgedeckt ginn, ouni driwwer nozedenken, wat d'Auswirkung vun eisem Handeln op eise Liewensraum, d'Wirtschaft, de Sozialberäich an d'Natur kéinte sinn. Dofir muss mir ons weiderentwéckele vum Af zum intelligente Mënsch. Domadder si mer da bei der Éducation vum Développement durable a beim Strategiepabeier vun der Regierung.

D'Ziler, déi eis Regierung sech gesat huet - fir eng leeschtungsstaark an nohalteg Wirtschaft ze suergen, d'Ëmwelt an eis natierlech Ressourcen ze schützen souwéi e gerechte Sozialsystem ze garantéieren -, déi Ziler sinn déi richteg. All eis zukünfteg Décisiounen a Reforme solle sech ëmmer ëm dës dräi Achsen dréien.

Elo, a Krisenzäiten, besteet e staarke politesche Wëllen an Drock, fir sech op déi wirtschaftlech Erausforderungen ze konzentréieren. Et ass jo och esou, dass nëmme mat enger staarker Wirtschaft eise Sozialsystem garantéiert gi kann. Mä bis op wat fir een Niveau däerf, kann a muss eis Economie wuessen? Dat ass déi allerwichtigst Fro. Wat fir e Präis muss bezuelt ginn, wat fir eng Risiko muss mer agoen, fir datt de BIP klamme kann? Ech verweisen op d'Aktualitéit, op d'Finanzkris, op d'Pétrolskatastroph virun Amerika.

Nëmme mat enger staarker Economie kann de Sozialstat d'Aarmut bekämpfen, de Surendettement, d'sozial Ongläichheeten, d'Gesondheetsproblemer an esou weider. Awer niewent oder souguer iwwert dem wirtschaftleche Wuessum steet d'Erhale vun enger gesonder Ëmwelt, ouni déi letztlech och d'Wirtschaft selwer zesummebrécht, do steet d'sozial Gerechtegkeet weltwäit, do steet d'Gefor, dass Dealer vun der Mënschheet nach méi existenziell Problemer kréien: CO₂-Problematik, Steige vum Mieresniveau, Klimawandel, Nuklearkatastrophen.

Wann een iwwer Nohaltegkeet schwätzt, gëtt oft vergiess, wéi eng Schlësselroll der Schoul zoukënnt. Fir dës Iddi ze ënnersträichen, huet d'UNO d'Joren 2005 bis 2014 zum „Jorzéngt vun der Bildung fir nohal-

teg Entwécklung“ deklaréiert. An deem Kontext ass all Land opgefuerdert ginn, d'Iddi vun der Nohaltegkeet an de Bildungssystemer ze verankeren. Hei zu Lëtzebuerg huet sech doropshin, nach ier den Nationale Plang fir nohalteg Entwécklung veröffentlecht ginn ass, am Februar 2008 e Comité interministériel zesummesat aus Verrieder vu fënnf Ministèren a vun der Uni.

Dës Comité huet der Regierung schonn am Mee 2009 eng national Strategie fir eng Bildung zur nohalterger Entwécklung virgeluecht. Dës Strategie soll dräi Ziler verfollegen: d'Stärkung vum Verstoe vun den Zesammenhäng tëschent Ëmweltschutz, Sozialem a Wirtschaft; „think global, act local“, dat heescht, d'Fäegkeet ze erkennen, wéi d'Fiedem tëschent deenen eenzelne Secteuren, der Wirtschaft, dem Sozialberäich an der natierlecher Ëmwelt weltwäit gespaant sinn, d'Bereetschaft, fir déi noutwendeg kleng Schrëtt ze maachen, fir „op der eegener Mësch“ responsabel ze handelen; d'Vermëttlung vu Wäerter a Verhaltensstrukturen, wéi zum Beispill Dialogbereetschaft, Solidaritéit, Respekt virun der Ëmwelt an alle Matmënsche weltwäit.

Déi national Strategie gesäit fir, dass den Développement durable an déi verschidde Programmer vun alle schouleschen Niveaue integréiert gëtt: Primaire, Seconaire an Universitaire, esou wéi och an d'Ausbildungsprogrammer vum Léierpersonal. Och an der Formation continue, déi sech un all Salariéë richt, soll dës Schoulung eng méi wichteg Roll kréien. „lifelong learning“ ass erfuerdert.

Dës Aart a Weis, Bestehendes a Fro ze stellen, ze probéieren, vernetzt ze denken an iwwert déi eegen direkt a kuerzfristeg Interessen ewech, ass fir vill vun eis relativ nei an erfuerdert ëmmer nees en Effort. Wa mir awer déi Ziler, déi mir eis haut setzen, an Zukunft wëlle konkret ëmsetzen, ass et wichteg, dass mir derfir suergen, dass déi zukünfteg Generatioun dës Fäegkeet och léiert an datt et fir si méi selbstverständlech ass, Décisiounen ënner Berücksichtigung vun engem globale Kontext ze huelen.

An dësem Kontext kritt dat Wuert „Kompetenz“ seng voll Bedeitung. Kompetent sinn heescht, eppes wëssen, eppes kënnen, capabel sinn, dass Wëssen an d'Praxis ëmsetzen. Dat ass wahrscheinlech dat Allerwichtigst: Nämlech de Wëllen hunn, bereet sinn, fir entsprechend ze handelen. D'Schafe vun der Motivatioun, fir ëmmer eng nohalteg Entwécklung unzestriewen, ass sécher déi gréisst Erausforderung, déi virun eisem Schoulsystem läit. An da si mer keng Afe méi!

Ech soen lech villmools Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- An ech soen dem Här Scheuer Merci. An als leschten ageadroene Riedner hunn ech hei nach op der Lëscht den Här Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dësen Débat d'orientation iwwert den Développement durable soll déi nei Challenges, Erausforderunge belichten, déi d'Lëtzebuerger Politik sech an deenen nächste Jore wëllt ginn. Als leschte Riedner wëll ech dann net vill an d'Detailer goen an dëser Debatt - déi si scho gesot ginn -, mä ech wëll op d'Problemer agoen, deenen d'Politik, awer och hauptsächlech eis Gesellschaft sech muss stellen.

Ech wollt am Fong op den ekonomesche Kontext, op d'Relatioun zwësche Wirtschaft an Ökologie agoen. Dës Relatioun, déi fréier an deelweis och nach haut als Problemkand kritiséiert ginn ass, well se anscheinend complémentaire ass, muss a soll - dëst ass gewënscht - zu enger Symbios ginn. Den Optimalfall wier, wann all ekonomesch Décisioun an ökologesche Kontext gekuckt géif ginn an natierlech och vice versa, also ëmgedrëint.

Et muss ee sech och d'Fro stellen, wat een ënner wirtschaftlecher Nohaltegkeet oder nohalterger Wirtschaft versteet. Bedeit dat, Wirtschaftssecteuren opzebauen a weiderzuentwéckelen, déi mëttel- a laangfristeg Potenzial zu Lëtzebuerg hunn an déi eis Wirtschaft diversifizéieren? Sinn et Wirtschaftssecteuren, déi aarbechtsintensiv si

respektiv déi Aarbechtsplazen net nëmme schafen, mä wou déi Plazen och laangfristeg ofgeséichert sinn? Sinn et Betriber, déi ressourcëschounend produzéieren?

Et kann een an den Term Nohaltegkeet vill eraninterpretéieren an all dës Aspekter hunn och eppes mat Nohaltegkeet ze dinn. Nohalteg wirtschaftleche bedeit awer och virun allem, ressourcëschounend an ëmweltbewosst ze produzéieren. Wann ech dat soen, da bedeit dat net nëmme ëmweltbewosst hei zu Lëtzebuerg an an Europa, mä déi ganz Produktiounsketten däerf och keng oder, besser gesot, esou mann wéi méiglech Ëmweltproblemer op anere Plaze vun der Welt verursaachen. Ech denken hei virun allem un d'Exploitation vun deenen natierleche Ressourcen an un d'Entsuergung vu Produkter an Offäll.

An dësem globale Kontext ass d'Protektion vum Klima also net nëmme eng ökologesche Nécessitéit, mä ass och eng ekonomesch, also eng wirtschaftlech. D'Politique économique soll also esou ausgeriicht ginn, dass mer een ekologesche Wuesstem fördern, iwwer zum Beispill nei Aarbechtsplazen, déi sougenannten „green jobs“. Secteure wou dës Aarbechtsplaze kéinten a sollen entstoen, sinn zum Beispill Albausanieerung, Ausbau vun den erneierbaren Energien an esou weider.

Am Rapport vun der Kommissioun - wou ech dem Rapporteur och villmools Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport - gëtt och dorobber verwisen, dass de Secteur vun den Ekotechnologië mat Hëllef vum Wirtschaftsministère a vum Héichschoulministère soll ënnerstëtzt a gefördert ginn. An deem Kontext wëll ech op d'Gesetz vum 18. Februar 2010 iwwert d'Hëllef zum Schutz vum Environnement an der Utilisation rationnelle vun den natierleche Ressourcen, wat mir viru véier Méint hei an der Chamber gestëmmt hunn, verweisen. Mat dësem Gesetz ënnerstëtzt de Lëtzebuerger Stat d'Croissance verte a subventionéiert - vun Etüde bis Produktiounsanlagen - d'Wirtschaft.

Den Aktiounsplang fir Ekotechnologien, deem am Regierungsrot vum 9. Januar 2009 guttgeheescht ginn ass, gesäit d'Grënnung vun engem Cluster „EcoDev“ am Beräich vun den Ekotechnologien an am Développement durable vir. Et handelt sech ëm eng Plattform, eng Aart Netzwierk vu villen öffentliche a privaten Akteuren, mam But d'Kompetitivitéit vun den Entrepreneuren, déi am Beräich Ekotechnologien tätig sinn - also zum Beispill am Beräich vun den erneierbaren Energien, Offall, Energieeffizienz an esou weider -, via Synergien, also gemeinsam Projeten, Austausch vun Know-how an esou weider ze verbessern. An anere Wieder, de Cluster „EcoDev“ erlaabt et den Entrepreneuren hir Recommendationatiounen un de Stat, awer och un déi aner Entreprise weiderzeginn an auszetauschen, fir datt dee ganze Secteur hofentlech eng Eegendynamik kann entwéckelen.

Véier weider Clusteren ënnersträichen d'Efforten am Beräich vun der Diversification économique. Et sief opgezielt „Surfmat“ am Beräich vum Traitement vu Surfacen a vun neie Materialien, „InfoCom“ am Beräich Informatiouns- a Kommunikationtechnologie, „AeroSpace“ Loft- a Raumfahrttechnologien a „BioHealth“ Gesondheetswëssenschaften an Technologien.

Här President, Energieberodungen op internationalem, nationalem, regionalem a Gemengenniveau iwwer zum Beispill „myenergy“, Luxinnovation oder IRENA - wou mer geschter d'Statuten hei an der Chamber gestëmmt hunn - wäerten ëmmer méi wichteg ginn. D'Förderung vun der regionaler Economie - an et ass schonn ugeklongen -, fir lokal ekologesch Produkter ze produzéieren, ass een anere Moya, dee sech an d'Iddi vum Développement durable areit. De Finanzsecteur, och dat ass scho gesot ginn, ee Secteur, dee bei eis am Land eng grouss Bedeitung a Responsabilitéit dréit, soll och ökologesch Projeten, zum Beispill duerch méi niddreg Zësen, favoriséieren. Dëst ass schonn an Usätz gemaach ginn, zum Beispill beim Kaf vun ëmweltschounenden Autoen.

D'Ëmdenken an d'Uwende vun enger ekologescher Steuerreform ass een anert Thema, wat ee soll a muss diskutéieren.

Mir brauchen duerfir awer och een Ëmdenken an eiser Gesellschaft, bei eise Bierger an an de Betriber. Dëst geet wahrscheinlech net vun haut op muer, an duerfir sinn esou Debatte wéi déi vun haut och wichteg.

Dës Wirtschafts- a Finanzkris kann eng Méiglechkeet sinn, fir eng méi nohalteg Orientatioun an eis Economie ze integréieren. Mir sinn zum Deel schonn haut domadder konfrontéiert, dass eis Energiereisen - hauptsächlech Gas a Pétrol - net onendlech disponibel sinn. Mir mierke scho bei eis am Land, wéi vill Diskussiounen zum Beispill eng Annerung vum Waasserpräis ausléist a wéi vill Problemer verschidde Betriber domadder hunn. Berechtigt oder net berechtigt, och do si mir gezwongen eng Léisung ze fannen, déi d'Nohaltegkeet respektéiert, awer och d'ekonomesch Problemer léist.

Duerfir brauche mir eng Efficacité énergétique an ee verstärkte Gebrauch vun erneierbaren Energien, déi och d'Basis vun eiser Wirtschaft ginn. Am Rapport gëtt an deem Sënn och vun engem Pacte de collaboration mat de Gemengen, am Intérêt vum Klima, geschwat. Ech hoffen an deem Kontext, dass dann awer och den zoustänneg Minister vum Intérieur seng Meinung ännert an de Gemengen dat och erméiglecht. Ech perséinlech sinn der Meinung, dass d'Gemengen hei schonn eng Virreideroll gespillt hunn, och wa si a sougenannten Ëmweltdossieren oft op ganz massiven administrative Widerstand getraff sinn. D'Ëmdenke bei de Leit geet oft mat de Partner un, an déi am nootste sinn, dass sinn nun emol d'Gemengen.

Zum Schluss nach eng perséinlech Remarque: Gëschter, also den 8. Juni 2010, war den internationalen Dag vum Mier. An ech muss lech soen, dass eent vun deene schlechteste Beispiller an dësem Kontext vun dem Développement durable war, dass ech direkt un d'BP geduecht hunn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Claude Haagen. Domadder wiere mer um Enn vun der Diskussioun. Elo kritt d'Regierung d'Wuert, fir d'éischt den Ëmweltminister Marco Schank.

► **M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.**- Här President, Kolleeginnen a Kollegen, fir d'éischt emol wollt ech soen, dass ech denken, dass et eng gutt Iddi war vun der Chamber fir dësen Débat an d'Plénière ze bréngen, well de Sujet vun der nohalterger Entwécklung een ass, deen ëmmer erëm muss eng Plattform fannen an der Öffentlechkeet.

Net fir d'lescht eben an der Chamber, well besonnesch am Kontext vun der Akzeptanz, déi mer an Zukunft wäerte brauchen, fir d'Projeten, fir Mesuren ëmsetzen an eiser Gesellschaft, mat der Zivilgesellschaft, fir konkret de Klima-, Natur- an Ëmweltschutz virunzebréngen, mengen ech ass dat ëmmer erëm ganz wichteg. Och wa mer en Ëmdenke wäerte brauchen an eiser Gesellschaft, mengen ech muss ëmmer erëm eng Plattform fonnt gi fir dës Diskussioun. Ech wollt och dem Rapporteur Merci soen an och deenen eenzelnen Deputéierte fir all déi Beiträg, déi haut hei geleescht goufen a wou ech mer eng ganz Partie Saachen och verhalen hunn.

Fir d'éischt emol wollt ech soen, dass de Claude Wiseler an ech eis natierlech dee Sujet hei opgedeelt hunn. Dat wat ech net soen, seet hien - oder bal -, well de Sujet esou vaste ass, dass mer natierlech net alles kënnen soen. Mir kënnen emol net alles soe wat mer amgang sinn ze maachen. Ech wäert awer och dorobber zrëckkommen, well jo gemengt gëtt, mir hätte jo e Joer laang geschlof. Dat hu mer selbstverständlech iwwerhaupt net gemaach, an ech wäert duerfir och op eng Partie Saachen agoen.

Fir d'éischt emol wollt ech soen, dass ech virun allem op eng Partie Aussoe vum Rapport wäert agoen, virun allem och déi, wou vun de Points négatifs um Avantprojet Rieds geet. Ech wäert awer och, well dat natierlech mäin Dada ass, och op d'Energie agoen, an deem Kontext och op de Logement, natierlech op den Natur- an Ëmweltschutz, d'Biodiversitéit, a virun allem och do probéieren eng Rei Pisten,



awer net nëmme Pisten, och konkret Projekte virunzeginn, déi mer amgaang sinn ze maachen, respektiv déi mer scho gemaach hunn.

Fir d'éischt eppes zu de Kritik vum PNDD. Et ass deelweis ugeklongen, och an de Wieder vum Rapporteur, wou gesot ginn ass, en ass net aktuell - ebe well d'Kris natierlech an der Zwëschenzäit hei am Land, an net nëmmen hei am Land, stattfënnt - d'Indicateure missten aktualiséiert ginn, wat effektiv richteg ass. An do wéilt ech direkt soen, datt de PNDD jo am Moment amgaang ass vervollständegt ze ginn.

Dat hei ass eng Etapp gewiescht, den Avis vun der Chamber. De Rapport vun där selwechter wäert dann och integréiert ginn an déi Reflektioune vun der Commission interdépartementale, déi jo laut Gesetz vum 2004 dat da wäert virunentwéckelen. Duerno wäert den zoustännegge Minister de Projet an d'Chamber ginn. An d'Chamber huet jo dann d'Méiglechkeet en unzepassen, wa se dat da wëll.

Just an dräi, véier Sätz, wat nach soll geschéien. Dat Kapitel iwwert de Monitoring, dat véiert Kapitel, gëtt erweidert. Dat ass och scho gesot ginn zum Deel. Virun allem gëtt awer dat éischt Kapitel mat deenen net nohaltegen Tendenzen aktualiséiert - selbstverständlech muss dat och gemaach gi mat deene politeschen Initiativen - an dat gëtt duerch d'Kommissioun selbstverständlech ergänzt. Da gëtt d'Kapitel vun der Krisenbewältigung duerch d'Nohaltegkeet duerch den OECD-Bericht erweidert, a virun allem awer och duerch den Avis vun där Chamber.

Dat Kapitel vun der internationaler Responsabilitéit gëtt och nach ergänzt, aktualiséiert mat dem IPCC-Bericht an, last but not least, gëtt och nach een duerch den Expert, dee jo de Projet vum PNDD begleet huet, de Professor Spangenberg, dee wäert och ee Virschlag maachen nach mat Prioritéiten, Handlungsziler a Moossnamen, déi mer jo och haut op där Plaz diskutéieren.

Ech wollt e Saz zu den Indicateuren och soen. De Fernand Boden huet dat ganz gutt skizzéiert, wéi dat och techesch soll weidergoen. Ech ginn duerfir net drop an, wéi d'Gesetz fonctionnéiert, dat wësst Der. Mä ech wollt awer soen, datt mer natierlech een neie Jeu vun Indicateurs développement durable brauchen. Mir brauchen Indicateurs de suivi engersäits fir d'Émsetzung vum PNDD, selbstverständlech, a mir brauchen och Indicateuren, déi méi generell sinn, déi an de Kontext vun eiser Diskussioun dann och erapassen. An déi Aarbecht wäert dann och an Zesummenaarbecht mat deemselwechten Expert gemaach ginn, dee jo participéiert huet un der Ausschaffung vum PNDD. An do wäert e virun allem och déi existéierend Indicateuren, déi et ginn, déi wäerten do Berücksichtigung fannen, besonnesch och déi Indicateure vum dem Tableau de bord, d'Wettbewerbsfäegkeet an, Dir wësst dat, dat huet de Fernand Boden och gesot, datt déi Aarbecht och cofinanzéiert gëtt vum Eurostat.

Dann, wat wichteg ass: Enn September dëst Joer gëtt dann e Rapport informatif, en nationale Rapport gëtt da virgeluecht, deen da genee déi Indicateure behandelt. An deeselwechte Rapport gëtt dann och prioritär der Chamber zur Verfügung gestellt, respektiv dem Conseil supérieur vum Développement durable.

Dat kuerz zu den Indicateuren. Ech wollt da just ee Saz soen zum Partenariat, wat jo schonn e puer Mol ugeschwat ginn ass. De Claude Wiseler wäert och an e puer Sätz drop agoen. Ech wollt soen, datt mer dee Prozess lancéiert hunn, datt deen och virgestallt gouf, datt et eng Aart Multipartite ass, datt et eng Diskussioun ass. An do ginn ech dem Camille Gira an och dem Eugène Berger Recht: Mir hunn net nach Zäit fir nach 100-mol ze diskutéieren. Et muss déi leschte Kéier sinn.

Dat wat mer brauche fir déi Diskussioun, dat läit zum allergréissten Deel um Dësch. Dat hunn, ech soe mol, eis Virgänger op den Dësch geluecht, wann et nach net do louch. Et sinn Etüden do. D'Mesuren hu mir eigentlech an eise Käpp, déi mer musen ëmsetzen. Mir brauchen awer, jiddefalls fir een Deel vun deene Mesurë brauche mer d'Akzeptanz vun dobaussen, vun

der Zivilgesellschaft. Mir brauchen déi an duerfir muss déi Diskussioun och esou gefouert ginn, datt mer déi verschidde Beräicher, déi ech elo net nach eng Kéier ernimmen, also déi verschidde Partië brauche mer um Dësch, dat ass ganz wesentlich.

A virun allem brauche mer och konkret Mesurë fir deen zweeten nationalen Aktionsplang, fir d'Évitée vum Zäregasen op d'Been ze stellen, respektiv och deen Exercice, deen all Memberland muss maachen, dee Plan national fir d'Upassung un de Klimawandel.

Ech wollt op eppes anescht agoen, well dat mir wuel sou wichteg schéngt wéi de Partenariat, dat ass de Pakt Klima. Ech wëll déi Saachen och gutt auserenehalen, datt jiddwereen dat versteet. D'Partenariat fir Émwelt a Klima ass déi Multipartite. De Pakt Klima - et steet och esou am Accord gouvernemental -, dat ass ee Pakt mat de Gemengen. Ech vergläichen e mam Pacte logement, dee mer gemaach hunn, wou an der Zwëschenzäit 101 Gemeng derbäi sinn. Et sinn zwou, dräi Gemengen, déi nach wäerten derbäi kommen. Dat soll am Fong eng Konventioun ginn tëschent Regierung an eenzelne Gemengen, fir engersäits Bilanzéierung ze maachen, ënnert dem Motto „global denken, lokal handeln“. An op där anerer Säit wëlle mer awer net nëmmen u konkret Verpflichtungen bei deene Konventionen denken, wéi et zum Beispill am Pacte logement ass, mä datt och Suen dodrun hänken, datt d'Gemenge wëssen, mat wat datt se kënne rechnen.

Dat ass ganz wichteg. Dir wësst, datt mer - och eis Virgänger schonn - am Émweltministerium en Émweltschutzfong op d'Been gesat hunn, dee genau dat dote speist, deen déi Projeten aus de Gemengen, ob dat Réseaux de chauffage sinn, ob dat Gebaier sinn, déi no Niddregenergie-Standard gebaut ginn. Ob dat energetesch Konzepter sinn, ob dat Berodung ass. Do ass et esou, datt mer an deene leschte Joren, ech hunn dat eng Kéier kuerz nogekuckt, vum 2005 bis 2010 sinn ëmmerhin 13 Milliounen Euro a Projekte vu Gemenge gefloss, a mir hunn och Engagementer fir déi nächst dräi, véier Joer, Engagementer an Héicht vum eelef Milliounen Euro, wou d'Gemenge ganz aktiv sinn.

An ech hu schonn dacks gesot, datt wann de Klimaschutz eng Visibilitéit huet zu Lëtzebuerg, dann ass dat zu engem groussen Deel op d'Gemengen och zréckzeféieren, an net nëmmen op d'Klimabündnisgemengen, virun allem op déi, déi 35, mä och op anerer. Do muss ech soen, datt vum de Verantwortlechen an de Gemenge ganz vill gemaach gëtt, a fir eis als Ministère sinn dat och privilegiéiert Partner an Zukunft ganz kloer an der nohalteger Entwécklung, dat heescht am Émwelt-, am Natur- an am Klimaschutz an och am Logement. Ganz dättelech.

(Interruption)

Dir huelt mer de Saz aus dem Mond, Här Gira, well ech genau dat do elo wollt soen. Mir sinn amgaang déi Blocagen ze analyséieren an ze écartéieren, déi dann, wann der nach do solle bestoen; mir hate Réunionen an deem Kontext, fir deem ze entsprechen.

An ech wëll och, dat wollt ech och soen, légiféréieren, wat dee Pakt Klima ubelaangt. Ech mengen, datt dat wichteg ass, datt d'Gemenge wësse wou se dru sinn an Zukunft, wa se aktiv ginn an deem Beräich, an ech sinn och amgaang un engem entsprechenden Text ze schaffen. An deen Text entsteet och zesumme mat dem Innenminister, fir och de Camille Gira an där Hinsicht ze berouegen.

(Interruptions)

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Marco Schank**, *Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.* - Da wollt ech och soen, datt selbstverständlech en anere Punkt, dee mengen ech och an der Kommissioun diskutéiert gëtt, fir um Niveau vum de PAGen, datt een d'Méiglechkeet kritt, datt d'Gemengen eng Rei Prescriptiounen kënne festleeën, sief dat d'Obligatioun vum Uschloss un ee Wärmenetz oder och d'Konditiounen am energetesche Beräich. Dat ass scho vu Gemenge gemaach ginn an der Vergaangenheet. Mir brauchen effektiv awer eng Base légale, datt dat an Zukunft ka geschéien.

Da wollt ech soen, an dat steet och am Accord gouvernemental, fir de Pakt Klima ofzuschléissen, datt mer natierlech och musen de Fong upassen, datt mer d'Dotatioun vum Émweltschutzfong mussen upassen, datt mer och déi Suen hunn, fir dat an Zukunft kënne ze maachen.

Ech wollt dann op eng Rei Suggestiounen vum der Kommissioun agoen. Ech hu gesot, am Kader vum Partenariat gëtt diskutéiert, a bis déi Konklusiounen um Dësch leien, sou laang wëlle mer net waarden. Dat wëll ech dann nach eng Kéier dättelech soen. Mir hunn eng Rei Saache gemaach, si mer amgaang ze maachen, och déi am Accord gouvernemental drastinn, an hei op der Tribün wollt ech elo eng Partie vum deene Mesuren awer och, also Reflexiounspisten, an och Moossnamen eng Kéier dättelech eriwerginn.

Fir d'éischt mol e puer Sätz zur Energieeffizienz an zu den erneierbaren Energien. Am Beräich vum Bau si mer amgaang eng Reflexioun ze maachen um Niveau vum der Wärmeschutzverordnung, déi gëtt et nach net ganz laang, déi ass vum 2008. Ech denken, datt mer do e bësse spéit u waren. Mä elo musse mer awer virугоen. Wann ech d'Wärmeschutzklasse kucken, eng D ass iwwerlieft. Net fir näischt hunn ech als Logementsminister an der Presentatioun vum néngte Fënnef-Jores-Plang fir de subventionnéierte Wunnensbau drageschriwwen, datt an Zukunft vum de Gemengen, vum Fong, vum der Société nationale a vun all deenen aneren nach just een Triple B realiséiert gëtt. Dat heescht, eng Energieklass B, en Triple B och wat den CO₂-Ausstouss ubelaangt, an esou weider. An ech mengen, datt een déi Reflexioun muss weider driewen.

Et ass och dat, wat am Accord gouvernemental drasteet. Do steet effektiv dran, datt wann no 2010 de Stat nei Gebailechkeete baut, datt en dann engem niddregen Energiestandard muss entsprechen.

Eng aner Reflexioun geet an déi Richtung, ob een net e gewëssene Pourcentage erneierbar Energie soll virschreiwen, wa Leit nei bauen. Dat gëtt an Däitschland gemaach. Do mussen zënter dem 1. Januar 2009 deelweis erneierbar Energie benotzt ginn, zum Beispill 15% am Solarberäich fir d'Heizung ze ënnerstëtzen oder, et kann ee wielen, 50% Biomass oder wéi och ëmmer. Ech mengen, datt dat méi wéi eng Iwwerleung wäert ass.

Eppes anescht, wat kënnt vum 1. Januar 2011 un, dat ass d'Performance énergétique um Niveau vum de funktionelle Gebaier, dat wësst Der, wat, mengen ech, eng substanzuell Verbesserung bréngt vum Parc, vum eben deeneselwechte funktionelle Gebaier.

Dann eppes Weideres, wat mer wëlle maachen, dat ass natierlech d'Albausanéierung, wou mer jo net nëmmen dervu schwätzen. Do ass et och esou, datt an deem Kontext mer probéiere fir den Energiepass am Kader vum de Regimen, vum den Aides financières, datt mer dee méi no do wëllen uleenen; eppes wat mer amgaang sinn ze maachen.

An dann huet och de Minister probéiert Gas ze ginn, fir datt d'Leit d'Sue méi séier solle kréien. Well et kann net sinn, ech hunn dat schonn eng Kéier hei erkläert, datt et bis 15 Méint dauert bis d'Leit hir Sue kréien - net bei den erneierbaren Energien, do si mer op dräi Méint, do si mer ganz no bäi -, mä ebe bei de Passivhaier, bei den Niddregenergie-Haier, bei der Albausanéierung. Well mer bis elo nëmmen een eenzegen Ingénieur haten, fir déi Dosieren ze kucken, hu mer elo ee Wee fonnt, fir dann eis iwwert d'Agence de l'Énergie hëllefen ze loosse, fir datt dat méi séier geet. Et kann net sinn, ech soen dat ganz bewusst an och eegeresponsabel, datt jonk Leit mussen op hir Sue waarden, mat deene se gerechent hunn, wa se e Passivhaus bauen, wou ee bis zu 40.000 Euro ka kréien.

Dann, dat ass och schonn ugeschwat ginn, iwwert d'Outils bancaires si mer amgaang och nozedenken, an zwar am Kontext vum deene Prêts bonifiés, wou mer amgaang sinn Texter ze maachen, fir dat ze kréien. Ech wëll awer soen, datt et schonn eppes do gëtt, dat wësse vläicht vill Leit net, bei de Subventions d'intérêt, och bei de Bonifications d'intérêt, déi jo elo an der Diskus-

sioun waren am Kontext vum Spuerpak. Do gëllt zënter dem 1.1.2009, datt een déi Subventioun bis zu engem Montant vu 50.000 Euro ka kréien am Regime vum den Aiden, Aides étatiques, am Kontext vum der Energieeffizienz a vun erneierbaren Energien.

Dann, wou vill, mengen ech, amgaang ass och ze lafen, dat ass - wann ech dat hei soen, soen ech dat ëmmer och am Kontext vum der Aarbecht vu mengem Kolleg Energie-... Ekonomieminister - bei der Berodung. Bei der Berodung, wat wierklech en A an en O ass, wou mer eng Couverture nationale brauche vum där nationaler Struktur, déi „myenergy“ heescht. Ech mengen, datt d'Berodung an an deem Fall eben och „myenergy“ an Zukunft wäert ee Rôle clé spillen. Do ass vill Aarbecht am Virfeld geleescht ginn, vum zum Beispill engem Réidener Kanton, wou wierklech och Pionéieraarbecht geleescht ginn ass.

Ech mengen, datt een dat alles muss verstärkt valoriséieren. „myenergy“ offréiert jo och dann e gratis Service souwuel um Niveau vum enger Hotline wéi dann, wou se och amgaang sinn, Infopoints iwwert d'ganz Land mat de Gemengen, mat de Gemengesyndikater opzeiichten. Do ass d'Kollaboratioun vum de Gemenge gefrot, datt net am lofleere Raum herno Berodung geschitt, mä datt dat zesumme geschitt mat de Gemengeresponsablen, mat Kommissiounen, datt och Aktivitéiten un déi Berodung gehaange ginn, fir datt d'Leit dat och net nëmme profitéieren a Form vu Berodung, mä datt dat dann och op eng ganz plastesch Manéier virgefouert gëtt, wéi ee ka säin aalt Haus sanéiere respektiv wéi een nei baut.

Da wollt ech soen, datt am Kontext vum deem néngte Fënnef-Jores-Plang, subventionnéierte Wunnensbau, deen ech virun ernimmt hunn, mat der Klass B an Zukunft, et awer esou ass, datt eng ganz Partie flott Pilotprojeten un deem Projet hänken. Et ass virdu gesot ginn, ech mengen den Eugène Berger huet dat gesot, scho viru Joren hätte mer Pëtschent gemaach an duerno wär näischt méi geschitt. Also, all Respekt fir dat, wat déi Leit, wat déi Responsabel aus der Gemeng vu Pëtschent gemaach hunn, well deen, dee virgeet, huet et jo ëmmer schwéier, deen d'Pionéieraarbecht muss maachen.

Mä wann ech déi Projekte kucken, déi elo d'Gemengen zesumme mat dem Ministère vum Logement, vum Développement durable, dacks mam Ministère de l'Économie, mam Fong maachen, da muss ech soen, datt dat wierklech weist, wat Nohaltegkeet ass. Well nohalteg bauen a wunnen ass wesentlich méi wéi Energieeffizienz, ass méi wéi baubiologescht Baumaterial, ass méi wéi Mobilitéitskonzepter. Et ass och nach méi wéi eng gesond Raumloft oder wéi Siedlungsethik, wéi Gréngflächen, wéi Mobilitéitskonzepter. Alles dat ass wesentlich.

Mä zu deem, wann ech soen nohaltegt Wunnen a Bauen, da muss een déi dräi Pilieren, déi och schonn hei ernimmt si ginn, berücksichtigen. Da muss een och d'sozial Kohesioun kucken. Well mer sozial Mixitéit brauchen an eise Siedlungsprojeten, well mer eng Mixitéit vun urbane Fonctiounen brauchen, wou alles dran ass, och Sport, Fräizäit, Kultur an esou weider an esou fort.

D'Économie, dat ass deen drëtste Pilier. Datt déi Projeten, déi Terrainen oder déi Wunnengen och erschwénglech sinn, och dat ass ee ganz wesentlechen Deel. A wann ech kucken, an ech wëll se och eng Kéier kuerz ernimmen, well do vill Efforte gemaach ginn: Datt ass eng Gemeng Dideleng mat der Cité du futur; dat ass Beetebuerg mat Obeler, engem geplangte Modellduerf; nohaltegt Wunne mat lechtenach, mat der Éco-Cité Manertchen; mat Wolz; d'Valoriséierung vum de Frichen; Biekerech mat engem innovative Wunneprojet am ländleche Raum; oder och Hesper mat Plus-Energie-Haier. Plus-Energie-Haier, wat jo ganz, ganz wesentlich ass. Och dat steet am Accord gouvernemental, datt mer wëllen esou Demonstratiounsobjete verstärken weisen; Haier, déi méi Energie produzéieren, wéi se der verbrauchen.



Alles dat ass, wéi gesot, nohaltegt Bauen a Wunnen. Ech wëll nach ee Saz dozou soen och, datt de Minister zesumme mat dem ÖkoZenter amgaang ass, eng Zertifizéierung fir nohaltegt Bauen a Wunnen ze maachen. Datt Privatpromoteuren, an awer och öffentlech Promoteuren e Label kënne kréien, eng Zertifizéierung kënne kréien, déi se an hir Fënstere kënne hängen, wa se hir Wunnengen, hir Haiser verkaufen, wou zertifizéiert ass, datt se méi maache wéi nëmmen energieeffizient Bauen a Wunnen, mä datt alles, déi verschidden Aspekten, déi ech elo genannt hu wéi gesond Raumloft, wéi uerdentlech Baumaterialien, wéi Mobilitéitskonzepter, datt déi Bestanddeeler si vun där Zertifizierung, am Fong eng Aart Weiderentwécklung vun der grénger Hausnummer zesumme mam ÖkoZenter.

Ech wëll dann nach vläicht eppes Generelles soen zu den erneierbaren Energien. Och do ass den Ekonomieminister amgaang. Dir wësst, datt e bis den hallwen oder bis de leschte Juni e Plang op Bréissel kommunizéiere muss, wou e seet, wéi mer an Zukunft verstärkt erneierbar Energien notzen. An do hu mer Nachholbedarf. Do hu mer ganz sécher Nachholbedarf.

Mä et ass net ëmmer einfach zu Lëtzebuerg. Ech kéint lech e Liddchen dovunner sangen. Wann e grouse Wandpark am Süde vun eiem Land geplangt ass an et gëtt eng europäesch wäertvoll Flantermas-Populatioun do - dat ass och net fir ze laachen -, da muss ee Weeër fannen, datt dann déi zwou Saache matenee vereneegt ginn.

Ech als Minister gerode kaum an de Verdacht, fir géint erneierbar Energien ze sinn. Mir hunn dee gréisste Wandpark bei eis am Eck, an duerfir muss een ëmmer erëm ganz pragmatesch ee Wee fanne fir Wandmillen, Wandanlage kënne ze autoriséieren.

Mä an der LUXRES-Etüd geet net nëmme vun der Wandenergie Rieds. Et geet virun allem och vun der Solarenergie Rieds an et geet och vu Biogasanlage Rieds. Nach ëmmer sinn eng ganz Partie Projeten, déi ënnerwee sinn, Gott sei Dank, bei Biogasanlagen. Ech hu mer och erlaabt viru kuerzem een Arrêt ze huelen, fir einfach och de Gebrauch vu planzlechen an déieresche Fetter an Uelecher méiglech ze maachen an de Biogasanlagen, fir och do d'Chancë méi grouss ginn ze loossen, fir datt rentabel kann an den Anlage geschafft ginn.

Aner Moyenë sinn natierlech d'Aspeise vu Biogas am Äerdgasnetz, wéi dat zu Kehlen geschitt, eng ganz grouss Anlag, wou och elo e groussen Deel vun der organescher Fraktioun vun der Stad Lëtzebuerg dohinnerkënn. Ech wäert och als zoustännege Minister fir Offall derfir suergen, dat verstärkt Alholz ka genotzt ginn, valoriséiert ginn. Mir notzen de Moment nëmme 4% vun eiem alen Holz zu Lëtzebuerg. Ech wäert och derfir suergen, datt bei der organescher Fraktioun, datt mer do méi e groussen Undeel ofschaffen an Zukunft iwwer eng Poubelle verte oder wéi eng Systemer och ëmmer. De Moment leie mer bei 43%, wat mer am Déchetsberäich hunn. Ech soen herno nach ee Saz dozou.

Vläicht zwou relativ spektakulär Zuelen awer. Ech hunn emol eng Kéier ausgerechent, wéi vill Subventiounen d'Regierung, déi sukzessiv Ministeren, déi am Environnement aktiv waren, mat deene jeeweilege Regierungen opgestallt hunn. Mir kommen do op net manner wéi 185 Milliounen Euro, déi u Primen an un Aiden zënter 2001 bezuelt goufen am Beräich vun den erneierbaren Energien a vun der Energieeffizienz.

(Interruption)

Fir och ze soen, datt mer eng Zuel hunn, wou - ech denken, datt de Claude Wiseler eppes dozou seet - och d'Emissioun vun Zäregasen 1990 ëm 9% erofgaange sinn, zirka. Dat si provisoresch Zuelen. Do kann een natierlech soen, eng ginn och net dorop an: Dat ass d'Kris, hei an do. Ech wëll awer soen, datt eng ganz Partie awer Efforten och gehollef hunn, fir eng Rei Saache fäerdeg ze bréngen.

.Ech wollt dann nach zwee Sätz soen zum Naturschutz an zur Biodiversitéit. De Rapport vum Observatoire - dee jo bal viru kuerzem, et wäerten dräi Méint sinn, wou e virgestallt gouf - gewisen huet, datt mer u sech eigentlech, wat d'Mesuren ubelaangt, an den Délaie sinn, wat jo positiv ass. Do, wou mer Retarden nach hunn, dat ass wat d'Acquisitioun vun den Terrainen ubelaangt.

An eppes, wou mer amgaang sinn awer d'Texter elo ze kucken - déi éischt Texter si fäerdeg -, dat ass de System fir d'Kompensierung vu Biotopen. Do hu mer déi éischt Texter. Muer an enger Pressekonferenz wäerte mer och kuerz dorop agoen. Mat dem Flächepool, mat engem Ökokonto, fir d'Méiglechkeet ze kréien, datt een an Zukunft kann d'Verschwanne vu Biotopen entsprechend kompenséieren, wat jo och Bestanddeel vum Accord gouvernemental ass.

Da wëll ech nach vläicht soen, datt d'EU nei Ziler wäert presentéiere wat d'Biodiversitéit, d'Erhale vun der Biodiversitéit ubelaangt. Och weltwäit op der Konferenz am Oktober a Japan wäerten do nei Ziler komme a mir wäerten entsprechend och eisen Nationale Plang fir Naturschutz dann upassen.

Vläicht nach ee Saz am Kontext vum Naturschutz. Mir wäerte probéieren, verstärkt och op d'Propriétaires duergoen, an zwar um Niveau vun de Biodiversitéitskontrakter. Ech mengen, datt do nach ganz vill Reserve sinn am Dialog mat der Landwirtschaft an datt mer och probéieren, d'Gesamtheit vum Réseau Natura 2000 mat deenen ekologesche Korridoren am Plan sectoriel da verankert ze wëssen.

E leschte Saz zum Naturschutz soll de Gemenge gëllen, well ech och mengen, datt do d'Gemengen, nieft den ONGen an nieft och deene staatleche Stellen, der Verwaltung erëm e privilégiéierte Partner sinn. De kommunalen Naturschutz gëtt méi wichtig, an ech selwer komme jo als President vun enger Station biologique aus deem Beräich. Mir wëlle verstärkt och eng Couverture nationale errechen am Oste mat dem Naturpark Mëllerdall, mat deem zukünftigen Naturpark Dräilänner, wou ech amgaang sinn och déi Iddi ze relancéieren. Do, mengen ech, kréie mer déi Couverture nationale, déi mer brauchen.

Mir wëllen och um Niveau vum Naturschutzgesetz, wat mer amgaang sinn ze finaliséieren - do läit een Text um Dësch, dee wäert ech och deemnächst presentéieren -, wou mer dat ganz Naturschutzgesetz revidéieren, upassen, an do wäerten och d'Gemengen, de kommunalen Naturschutz, eng wichteg Roll spillen.

Loosst mech zum Schluss nach ee Saz soen iwwert den Ëmweltschutz selwer. Vläicht nach ee Saz och zu engem Bodenschutzgesetz. Dat wollt ech dem Fernand Boden extra soen, datt mer och amgaang sinn dorunner ze schaffen, Fernand. Och dat, mengen ech, ass ee ganz wichteg. Och do hu mer en Text - en Texte martyr -, deen ee scho konnt lesen, fir datt mer och an deem Beräich virukommen.

Dann zum Ëmweltschutz selwer...

► **Une voix.**- Deen ass vun 2003. Dir braucht deen nëmmen aus dem Tirang ze huelen.

► **M. Marco Schank**, *Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.*- Ma da kucke mer eis deen och nach un. Mir hunn elo en Text. Ech weess net, ob sech dorunner da vläicht awer schonn och orientéiert gouf. Ech wäert...

(Interruption)

Et ass gutt.

(Interruption)

Dann de Kaméidi am Beräich Ëmweltschutz, do wollt ech just soen, um Niveau vun der Regierung den 28. Mee - dat ass net laang hier, dat sinn e puer Deeg hier - hu mer, no där Enquête publique mat zwou Séances d'information, déi Pläng ugehall, an zwar an engem éischten Temps déi dräi Pläng, déi grouss Achsen, d'Autobunnen, déi grouss Achsen um Niveau vun der Eisenbahn an och d'Alentour vum Flughafen, wou jo och geplangt ass, datt Aiden, Subventiounen wäerte fléissen am Kontext vun der Isolation acoustique.

Do wäerte mer awer nach e Règlement grand-ducal missen ausschaffen.

Ee Saz zu den Décheten, déi ech kuerz ugeschnidden hat am Kontext vun de Biogasanlagen. Do hunn ech jo och am Januar 2010 deen neie Plan de gestion virgestallt. An der Strategie, déi jo déi nei Direktiv muss ëmsetzen, steet dran, datt mer 50% vun den Haushaltsoffäll musse recycléieren. Mir sinn elo bei 43%. Mir sinn awer do Spëtzt an Europa. Mir hunn also do eis Hausaufgaben, mengen ech, gutt gemaach. Dat Eenzeigt, wat mer nach musse fäerdeg bréngen, wéi gesot, déi organesch Fraktioun verstärkt mat eranzehuelen an déi och verstärkt iwwer Biogasanlagen ze valoriséieren.

Da vläicht, ouni elo nach op dat, wat mer um Niveau vun der Preventioun wëlles hunn ze maachen, anzegoen, nach ee Saz zur Loft, demLuftreinhalteplan, deen och zesumme mat der Stad Lëtzebuerg ausgeschafft ginn ass, wou d'Stad Lëtzebuerg och selwer Efforte wäert maachen, si hunn dat gesot, zum Beispill um Niveau vun der Busflott. Do spillt awer och den Tram eng Roll mat de Gares périphériques, wa mer deene Contrainten, deene Valeurs limites, déi mer elo kritt hunn, déi mer och am leschte Conseil haten, souwuel bei de Stéckoxyde wéi och bei de Particules fines. Souwuel déi am Zéng-Mikrometer-Beräich wéi déi am 2,5-Mikrometer-Beräich, wou jo probéiert gëtt, eng generell Ofsenkung vun der Belaaschtung vun de Stied ze errechen.

Dat ass am Fong dat, wat ech als mäi Part wollt leeschten. Ier elo de Claude Wiseler virufiert, wollt ech awer vläicht e leschte Saz soen. Éischstens nach eng Kéier Merci fir déi Beiträg vun haut de Mëtteg iwwerhaupt, datt mer dat konnten haut maachen. Ech mengen awer, datt mer ganz vill Courage a ganz vill Duerchsetzungsverméige wäerte brauchen an Zukunft, fir an eiser Gesellschaft a virun allem och mat eiser Gesellschaft, mat der Zivilgesellschaft, d'Zil vun enger méi nohalterger zukünftiger Gesellschaft ze errechen.

Ech mengen awer, datt de PNDD ee Moyen kann a wäert sinn. An deem Beräich do ass vill Aarbecht dragestach gi vu villen Akteuren.

Meng Schlussfolgerung soll och déi sinn, datt mir alleguerten, ech wëll dat och daitlech soen, d'Politik selbstverständlech, awer net nëmmen d'Politik, d'Gemengen an op Statsniveau, datt am Fong jiddweree vun eis, vun de Leit dobaussen, eng Verantwortung huet a jiddweree sech soll Gedanken maachen: Wéi kann ech mech a mengem deegleche Liewe mat menge Gewunnechten, déi mer léif sinn, wéi kann ech déi veränneren, fir an Zukunft méi verstärkt nohalteg ze liewen? Dat och en vue vun enger nohalterger Zukunft, wierklech am Sënn vum Wuert, vun eise Kanner.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Minister Marco Schank. An elo kritt nach d'Wuert den Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Ech mengen, eng Regierung an eng Chamber kann och, soll och kritesch sinn, wa se e Bilan mécht. Déi Saachen, déi ee politesch an enger Rei Jore mécht, muss een ëmmer kritesch analyséieren. Et muss een ëmmer Konklusiounen doraus zéien. An et muss een ëmmer kucken, aus deem, wat gemaach ass, an aus deene Konklusiounen, déi een zitt, och Léieren ze zéie fir déi Aktiounen, déi ee fir d'Zukunft hält.

Ech fannen dat also en normalen Exercice, dee mer hei gemaach hunn, soen der Chamber och Merci fir a sech déi objektiv Aart a Weis, wou konnten op eng onpolemesch Aart a Weis déi Diskussiounen an dem Fernand Boden senger Kommissioun gefouert gi mat all de Leit zesummen, an inklusiv och en fin de compte haut de Mëtteg.

Ech wëll och elo net, well ech net méi vill Zäit hunn, kee grouse Bericht maachen iwwert dat, wat elo alles an deenen Departementer nach gemaach gëtt, well viles wär dozou ze soen, viles, wat och an dese Kontext géif erapassen. Haut geet et jo awer am Fong ëm en Avis, deen Dir gitt zu

engem Plan national de Développement durable. An ech weess och net, ob et haut un der Regierung ass, fir dann elo erëm Stellung zu Ärem Avis ze huelen an deem Moment. Ech weess net, ob deen Exercice esou geduecht ass.

(Interruptions)

Dofir limitéieren ech mech dorop, op eng Rei Froen, déi Der gestallt hutt, ze äntwerthen.

Eis Aarbecht, mengen ech, wär esou, datt mer elo missten higoen - dat war am Fong meng Konklusioun, mä vu datt Der mer elo d'Fro stellt, äntwerthen ech direkt mat der Konklusioun -, et misst am Fong elo esou goen, an dat hu mer och wëlles, datt mer an deenen nächste Wochen alles dat, wat mer als Avisë kritt hunn, dee vun der Chamber, och eng ganz Rei anerer, dann huelen an där Commission interdépartementale, déi am Fong gesetzlech beoptragt ginn ass, éischstens dee Plang ze developpéieren, infolgedessen och d'Suité vun de Propositionen ze maachen, datt déi dat elo wäert kréien, datt déi dann eng Kéier déi noutwendeg Rectificatiounen an deem, wat dann de Projet war vun deem Plan national de Développement durable, erabrängt an da mat enger zweeter Versioun weiderkënn.

Mir hu gemeinsam, ech mengen, dat war am Abrëll dëst Joer, ofgemaach an der Kommissioun, datt mer, ier mer deen definitive Programm fir Adoptioun dann der Regierung vorschloen, nach eng Kéier bei lech an d'Kommissioun diskutéiere kommen. Dat wäert fir den Här Schank a fir mech e grouse Pléséier sinn, dat dann och mat lech zesummen an der Kommissioun ze maachen.

E puer Wuert wëll ech awer nach soen iwwert d'Remarquen, déi gemaach gi sinn, just fir dorobber anzegoen.

Éischstens déi Diskussioun, déi gestallt ginn ass ronderëm déi ganz Froe vun der Mobilitéit an ob alles dat, wat elo an deene Programme gemaach gëtt, net gemaach gëtt, dann och konform zu dem Développement durable, konform zum IVL wär oder net.

Ech muss do ganz kloer soen, datt déi Mobilitéitspolitik, déi elo ëmgesat gëtt, ganz genau de Reflet ass vun där Politik, déi mer wëlle maachen an der Konformitéit zu dem Développement vun eiem Land an an der Konformitéit vun all deenen Iddiën vum Développement durable. All déi Décisiounen, déi mer an der Mobilitéitspolitik an der Lescht geholl hunn, och déi fir Stroossen a Schinnen haut net ze maachen, mä op méi spéit ze verschiben, mengen ech, sinn aus finanzielle Grënn ze verstoen, mä sinn awer och justificéiert zu engem ganz groussen Deel duerch déi Gedanken, déi haut op deenen eenzelne Bänken och ausgedréckt gi sinn.

Den „modal split“, dee mer hunn, 25/75, ass bei all deenen Décisiounen als Zilsetzung bliwwen. Den Développement durable, esou wéi mer e kenne respektiv esou wéi en am IVL beschriwwen ass mat der Déconcentration polycentrique, dat heescht a sech den Développement vun dräi grouse Käre mat zwielef aner Niewenzentren nienwiedrun, ass och an deenen Décisiounen, déi mer geholl hunn, respektéiert ginn.

Mir wëllen och nach ëmmer mat deem, wat mer maachen, wunnen a schaffen, méi no beienee bleiwen. An den öffentlechen Transport wäert och nachwie vor Prioritéit behalen. All déi Décisiounen, déi geholl gi sinn, déi spigelen dat evidenterweis zréck.

Wa mer gesot hunn - ech ginn nëmmen een oder zwee Beispiller -, mir maachen elo déi Strecke vum Zuch Péiteng a Beetebuerg prioritär a mir loossen anerer zimlech spéit, mä dann ass et evidenterweis, datt wann ee kuckt, wou elo u sech déi Haaptachse sinn, wou mer Capacitéitschwieregkeeten hunn, wou mer d'Leit mussen an den öffentlechen Transport a grouse Quantitéiten, mat grouse Capacitéite kréien, dann ass et noutwendegerweis op deenen do Strecken. Et ass dat wat mer brauchen, fir u sech deen „modal split“, dee mer awer als Zilsetzung an eiem Développement durable hunn, fir deen och an d'Realitéit ëmgesat ze kréien.



Et ass evident, déi Choixen, déi elo getraff gi sinn, a wa mer och Stroossebauprojete weiderfueren, pousséieren, dann ass et, well mer zum Beispill d'Nordstad mat op där enger Säit der Stad Lëtzebuerg, mä awer och d'Liaison Micheville, well mer domat dee ganzen neien Entwécklungszentrum vun der Landesplanung Belval wëllen un den Autobunnsréseau ubauen. Dofir ass dee Stroossentissu fir eis wichteg an dofir gëtt deen och weidergefouert.

Dofir sinn d'Entwécklungsgebidder wéi zum Beispill de Ban de Gasperich, deen déposéiert ginn ass, och wichteg, well en am ganze Programm vun dem IVL dat Entwécklungsgebitt ass, wat mer ronderëm d'Stad, déi jo awer muss méi Potenzialitéite kréien, och wëlle maachen. An dofir gëtt och do investéiert. A wa mer do investéieren, maache mer net nëmme Stroossentissu, mä passe mer och ganz gutt op, datt den öffentliche Transport seng Plaz kritt. An duerfir hunn ech drop gehalen, grad sou wéi mäi Virgänger d'Intentioun hat, fir déi Projete vun der Gare périphérique Howald zumindest an der éischter Phas zesumme mat de Stroosseprojeten ze déposéieren, fir och kloer ze weisen, datt dat en zesummenhängende Projet wär an datt mer dofir och géifen domadder weiderfueren.

Dofir hu mer elo an déi Programmer, déi vum Développement vun der Bunn, souguer nei Saache mat erageholl an de Finanzéierungsprogramm, déi initialement net virgesi waren. Zum Beispill déi ganz Entwécklung vun dem Logistikszentrum zu Beetebuerg bei der WSA, well mer et einfach als wesentlech considéieren, datt mer do Finanzementer an deenen zwee, dräi nächste Jore virgesinn, well dat eis an der Développement-durables-Entwécklung, déi mer hunn, einfach de Fret vun eise Stroossen ewechhëlt an d'Méiglechkeete gëtt, deen op d'Schinn eriwwer ze kréien.

An ech kéint elo eng hallef Stonn weiderfueren, fir all déi Décisiounen, déi geholl gi sinn, an deem do Kontext ze justifizéieren a fir lech ze weisen, wéi dat Ganzt sech a sengem Zesummenhang hält. An datselwecht, soen ech just nach hannendrun, dat ass, datt déi aner Politiken iwwert aner Mobilitéitszorten ähnlech gelagert ginn. All déi Efforten, déi mer elo maachen am Kader vun de Bussystemer, déi entwéckelt musse gi sécherlech an deenen nächste Joren, déi ginn och do drëm, fir eis Bussystemer méi effikass ze maachen. Do wou mer gesinn, datt mer net d'Capacités hu respektiv, datt mer kënnen eventuell spueren, musse mer kucken, datt mer dat an de Grëff kréien op där enger Säit. Fir op där anerer Säit, do wou mer supplementar Besoinen hunn, an do sinn enorm vill Plaze vum September un, wou mer zousätzlech Capacitéite brauchen, fir datt mer eis all Méiglechkeete ginn, déi Capacités do anzesetzen, wou mer se an Zukunft brauchen.

Datselwecht gëllt fir all déi Problematike vun de Park & Riden, fir all déi Problematike vun de Busspuren, fir all déi Problematike vun der Mobilité douce, wat an engem Konzept, wat notament an dem Avant-projet vum Plan sectoriel «Transports» beschriwwen ass, deen deelweis elo iwwerholl gëtt mat deenen neie Prioritéiten, déi mer hunn, mä deen am Grondkonzept awer deeselwechte bleift an als Politik ëmgesat gëtt. Als Politik, déi e Ganzt ass an déi och Sënn mécht.

Fläicht e puer Wuert dann nach, well d'Zuele gefrot gi sinn, an ech wëll se nach eng Kéier hei soen, datt se och fir eis alleguer kloer sinn, déi vun den CO₂-Emissiounen. Mir haten 1990 13,17 Milliounen Tonnen CO₂-Emissiounen. Mir haten zwéshent 1990 an 1998 eng Baisse, relativ substanzuell, op 9 Milliounen Tonnen erof, vun 13,17 op 9 Milliounen Tonnen erof. Vun awer dunnt, vum Joer 2000, well mer eng ekonomesch Entwécklung kannt hunn, déi substanzuell war, erëm eng relativ grouss Erhéijung fonnt vun 9 Milliounen erop op 13,3 Milliounen, a mir haten der 13,17 sengerzäit.

Mir hunn 2006 eng gewësse Stabilisatioun gehat a mir kennen awer elo an der leschter Zäit erëm eng Baisse an den Emissiounen. 2007 12,8 Milliounen Tonnen, 2008 12,5, an 2009, dat ass eng provisoresch

Rechnung, den Här Schank huet et virduresot, 12 Milliounen Tonnen, wat par rapport zu 1990 eng Baisse vun 8,9% ronn ausmécht. Just fir lech déi nei Zuelen och eng Kéier ze soen.

Wann ech dann eriwwer kucken op dat, wat dat fir den Transport heescht, well dat jo eisen Hauptproblem ass - all déi aner Facteure sinn net esou grouss Problemer, sinn der och, mä sinn net esou grouss Problemer wéi déi vum Transport. Wann ech dat kucken, wat heescht dat am Transportwiesen? Mir haten 2005 7 Milliounen Tonnen, an dat war dat héchste Joer, déi iwwert den Transport verbraucht gi sinn. Mir hunn der 2009 6,2 Milliounen Tonnen. Dat heescht, 12% manner wéi mer der 2005 haten.

Mir stellen och fest - et muss ee jo analyséieren: Wat sinn déi national, wat sinn déi international? Wann ech dat elo op déi national kucken, do gesi mer...

(Interruption)

Neen, neen.

...eng Tendenz, déi besonnesch ass. Dat heescht, op där enger Säit gesi mer, datt am Fong déi Autoen, déi fueren, déi Kilometeren, déi erfogeluecht ginn, datt mer am Fong vill méi ekonomesch ëmginn. Et gëtt vill manner Bensin verbraucht. An ech denken, datt déi ganz Politik respektiv déi technologesch Evolutioun - ech wëll jo net alles op déi gutt Politiken zrëckhuelen -, och déi technologesch Evolutioun, an och d'Kris sot Der hannendrun, an och domat hutt Der Recht, mä déi dräi Facteuren zesummen, eng Politik, déi dohinner gedréckt huet. D'Kris plus d'ekonomesch respektiv technologesch Evolutioun weist, datt mer am Fong vill manner pro Kilometer brauchen. Mä, op där anerer Säit, datt mer och vill méi Kilometeren fueren, well eise Parc automobile vill méi grouss ginn ass, sou datt am Fong déi Flotte nationale relativ stabil bei 1,5 Milliounen Tonne bliwwen ass.

Wat elo den internationale Verkéier ugeet, och dofir d'Zuelen nach eng Kéier kloer ze setzen, hu mer 2005 - Rekordjoer! - 5,5 Milliounen Tonne verbraucht. Déi Tendenz konnt awer an deene leschte Joren inverséiert ginn. 2009, an dat ass elo eng Estimatioun, leie mer do bei 4,6 Milliounen Tonnen, wat also eng Baisse vu 15% um Internationale bedeit. Dat heescht, dat wat ee mat engem falschen Term a mengen Aen den Tanktourismus nennt. An ech kommen duerno nach ee Moment drop zrëck, well déi Diskussioun mer awer net onwichtig schéngt.

Also eng Baisse par rapport zu 2005 bei 15%. Mä et ass awer nach ëmmer vill. Well dat mécht jo nach ëmmer ronn 75% vun dem ganzen Transporttonneverbrauch aus, dee mer do verbrauchen.

Fläicht eng Remarque, déi ech wëll maachen, well den Här Berger dat opgeworf huet, déi Zuelen. Dir sot, d'Zuele si schwéier, well et muss een ëmmer alles zesummerechnen. Déi Zuelen, déi mer kloer kennen, dat ass, datt mer bei den Accisen 1,6 Milliarden Euro Einnahmen hunn, bei der TVA ronn honnert Milliounen Euro. Woubäi ee muss kucken, bei den Accise kann ee rechnen, bei de Combustiblen ass dat eng Milliard Euro ronn, e weíneg manner, mä loosse mer mol soen eng Milliard, dat ass dat wat et ausmécht. Beim Tubak an Alkohol sinn dat ronn 600 Milliounen Euro. An dovunner kënne mer rechnen, datt wierklech grosso modo 75%, dat wat Dir dann den Tanktourismus nennt, dat heescht dem internationale Volet zoueschreiwe sinn. Dat war d'finanziell Fro.

Elo kann ee soen: Wéi rechnen ech dat elo op? Ech muss Kyoto mat erarechnen, an da sot Dir, ech muss d'Stroossen erarechnen.

(Interruptions)

Okay, déi Reflexioun ass jo gär ze féieren, da musse mer se eng Kéier am Detail féieren. Mä, wann ech awer elo mol kucken, wat deen Tanktourismus ass, dann ass an der Realitéit, a wat iwwer 90% an der Realitéit ass, da stellen ech fest, datt eise sougenannten Tanktourismus duerch am Fong zwou gréisser Saachen ervirgeruff gëtt.

Déi éischt grouss Saach, dat ass den Transitverkéier, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn. Well mer op enger Verkéiersachs

leien, déi vu Bréissel, Holland a Frankräich eroffiert. Elo tanken déi Leit hei. Soss tanke se zwousch anescht. Mä den Transit ass awer do. Elo kënnt Der do soen, ech muss dat alles ofrechnen an dem Verkéier respektiv wat ech do fir de Stroossebau derfir maachen. Jo, ech weess awer net, ob een dat alles kann ofrechnen, well den Transit, deen hu mer nach ëmmer. Mir probéieren esouvill wéi méiglech op den Zuch eriwwerzékriien zu Beetebuerg, mä den Transit bleift awer nach ëmmer do.

Deen zweete grouse Volet...

(Interruption)

Jo, mä ech wëll et e weíneg... Dir hutt deelweis Recht, Här Berger, mä ech wëll et awer zolidd nuancéieren. Loosse mer et mol sou soen: De Gedanken ass net falsch, mä ech wëll en zolidd nuancéieren.

Zweete grouse Verbraucher vun deem sougenannten Tanktourismus - wat ech och keen Tanktourismus nennen, well Tanktourismus ass fir mech déi Leit, déi speziell an d'Land komme fir hei ze tanken an dann erëm zrëckfueren, gëtt et och, mä dat ass awer...

► **Une voix.** - ...owes op Waasserbëlleg, Här Minister.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Jo, jo. Dat ass okay. Ech soen, dat gëtt et och.

(Interruptions)

Ech soen, dat gëtt et och. Selbstverständlech gëtt et dat och. Mä wann ech an de Proportiounen et kucken, dann ass den Transit an der Quantitéit an dann ass haaptsächlech dee ganze Frontaliersverkéier, an da gitt emol all moies, wéi Der sot, op d'Autobunn vun Diddeleng an op d'Autobunn, déi aus der Belsch kënnt, an op d'Autobunn, déi aus Däitschland kënnt...

(Interruption)

Natierlech. Mä ech soen awer och, datt e groussen Deel vun deem ganzen Tanktourismus am Fong duerch Frontalieren hierkënnt. Déi hu mer och op de Stroossen oder mir hu se um öffentlichen Transport, mä mir hu se op jidde Fall. A mir wëlle se jo och a mir brauche se jo och! Dofir ass déi do Rechnung, fir einfach ze soen, Dir musst dat alles ofzéien, déi ass net esou einfach, well Tanktourismus ass am Fong net onbedéngt Tanktourismus, mä et ass vill Transit an ass vill frontaliersbedéngt. A mir si frou, datt mer d'Frontaliere fir eis Economie hunn. Dofir, och do eng Nuance an Äre Proposen, déi een awer muss afügen, wann een driwwer schwätzt. An ech si gäre bereet...

► **M. le Président.** - Här Minister, Dir misst och lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Den Här Berger wëllt mer awer nach e weíneg Zäit huelen.

► **M. le Président.** - Jo, da soll den Här Berger ganz kuerz seng Fro stellen.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Jo, ganz kuerz. Merci, Här President. Wann ech dat richteg verstinn, da si jo awer verschidden Differenzen iwwert déi Zuelen, déi eventuell kéinten existéieren. Dofir einfach meng Fro: Wier d'Regierung da bereet, endlech déi Etüd an Optrag ze ginn, fir datt een do kloer Zuele kritt, kloer erausgesäit, wat da wierklech an d'Keese kënnt respektiv wat vun Niewekäschte sinn?

Ech mengen, et gëtt och eng Motioun hei aus der Chamber vu virun...

► **M. Camille Gira (déi gréng).** - Ural!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Ural, seet den Här Gira, datt mer déi dann endlech ëmsetzen. Da kéinte mer déi Diskussioun aneschtens féieren. Ass also d'Regierung bereet,...

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Vu wéini ass se?

► **M. Eugène Berger (DP).** - ...déi eng Etüd endlech maachen ze loossen?

Merci.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Vu wéini ass dann d'Motioun?

(Interruption)

Ech hunn elo gefrot, ob se net am Här Berger senger Zäit nach gewiescht wär, zoufälligerweis.

(Hilarité et interruptions)

► **Une voix.** - ...deen éischten Deel erfëllt, mä deen zweeten net.

(Interruptions diverses)

► **M. le Président.** - Sou, also ech hätt elo net gär, datt mer hei zwéshenteneen diskutéieren. Deen Eenzege, deen elo d'Wuert huet, ass hei den Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Jo, an ech mengen, dat ass souwisou eent vun de wichtegen.

Elo kommen ech op en anert Thema, wat ugeschwat gëtt. Déi do Fro, mir hu jo gesinn, wéi scho mat der ekonomescher Situatioun a mat der technologescher Evolutioun dee ganze Bensinsverbrauch erofgeet. An ech mengen, datt an deenen nächste Joren eng vun eisen zentralen Diskussiounen och ass, mir kréien den Individualverkéier ni ganz op den öffentlichen Transport eriwwer, evidenterweis. Mir brauchen och nach an Zukunft Individualverkéier, mussen also niewent eise groussen Efforten op den öffentliche Verkéier och Efforte maachen, fir ze kucken, wéi mer den Individualverkéier méi propper kréien. An do déi ganz Fro ëm d'Elektromobilitéit an d'Elektrotechnologie gëtt an deenen nächste Jore wesentlech.

Ech wëll hei soen, datt mer bei dem CRP Henri Tudor eng Etüd opginn hunn, fir ze kucken, wat fir eng Konzepter an deem ganzen Domän do fir Lëtzebuerg vivabel wäeren, wat fir eng kéinten hei gebraucht ginn, well et geet net duer fir ze soen, elo kafe mer een oder zwee Autoen als Stat. Et muss ee kucken, wat fir ee Konzept am Ganzen dévloppéiert gëtt. Et muss ee kucken: Wéi kann ech dat an d'Realitéit ëmsetzen?

Ech denken, datt mer déi Propositionen, déi Etüden an deenen nächste Méint wäerte kréien. Mir hunn de Moie jo an der Kommissioun, an der Chamberskommissioun ofgemaach, gemeinsam, datt, soubal mer dat hunn, och gär eng Diskussioun kann doriwwer gefouert ginn. An do sinn ech wierklech frou, wa mer dat en fin de compte kënne maachen, well ech mengen, dat gëtt eng vun deene groussen Diskussiounen an Erausforderungen, déi mer an deenen nächste Joren hunn.

Elo géif ech lech nach gär e puer Wuert iwwert den Aménagement du Territoire soen, mä ech mengen, dat hätt alles elo momentan net vill Sënn, obwuel Froen doriwwer gestallt gi sinn.

An da schlussendlech nach fir ze soen, wéi et elo weidergeet. Ech hat dat am Ufank scho gesot. Elo geet dat Ganzt, wat mer hei hunn, als Avis an dee Comité, dee sech dorëmmer gesetzlech muss bekëmmern. A mir kommen nach eng Kéier an d'Chamber zrëck, fir dann d'Konklusiounen an der Kommissioun ze huelen. Dat leeft parallel mat dem ganze Partenariat, wou am Partenariatsdossier et och esou ass, datt dee Comité interministériel zesummekomm ass fir déi Diskussioun virzebereeden, datt de Minister Schank an e puer Deeg déi éischt gréisser Sitzung mat den ONGe wäert hu respektiv mat deenen anere Partner, déi bei eis um Dësch setzen, fir déi nächst Etapp esou wéi virgesinn ze goen an datt dann am September och déi eenzel agesaten Aarbechtsgruppen op deene fënnf Sujeten, déi mer determinéiert hunn, wäerten ufänken ze schaffen. Also, do ass den Zuch och op de Schinnen a leeft no deem Kalenner, dee mer geplangt hunn.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Nohaltegkeetsminister. Den Här Camille Gira freet nach eng Kéier kuerz d'Wuert.

► **M. Camille Gira (déi gréng).** - Bon, Här President, Dir sot mat Recht, et solle keng Zwiesgesprécher ginn. Duerfir wollt ech awer nach eng Kéier kuerz intervenéieren



op dat, wou mer dann elo ugesat haten, Zwiegesprécher ze féieren.

Ech wëll awer dat nach eng Kéier ënnerstëtzen, wat ech an enger Motioun hei abruecht hunn a wat den Här Berger nach eng Kéier opgeworf huet. Ech muss awer soen, dass ech et als Deputéierten an der Tëschenzäit, an Zäiten, wou mer diskutéieren iwwer Milliounen a Milliarden Euro, déi am Statsbudget feelen, esou lues onerträglech fannen, dass dës Regierung oder dës Verwaltungen et wierklech net fäerdeg bréngen, eis opgeschlësst hei ze soen, wat dann elo wierklech do erakënnt. Wéi vill Accisen erakommen duerch den Inlandsverkéier, wéi vill Accisen erakommen iwwer internationalen Transit, wéi vill Accisen erakommen iwwer Grenzgänger an esou weider. Wéi vill iwwer Bensin, wéi vill iwwer Zigaretten a wéi vill iwwer Kaffi a wat weess ech.

Well et ass jo och net esou, dass, wann ee muer de Bensin upasst an den Diesel, da kann et nach gutt sinn, dass eng Rei Leit Kaffi an Alkohol an aner Saache bei eis kafe kommen. A wann ech eng Kéier... Ech liese gradesou séier eng Milliard Revenu wéi annerhallef. Ech hunn och scho bei der FEDIL an anere Leit vun zwou Milliarden héieren. Sou kann ee jo awer an deem Land net diskutéieren! Ech fannen dat wierklech onerträglech!

An dann, entweder ass et Mauvaise foi vun deene jeeweilege Regierungen, oder, ech muss soen, mir gëtt et Angscht, wa mer an dësen Zäiten, wou et awer ëm all Euro misst goen an deem Land, wann eis Steuerwaltungen net capabel sinn, eis iergendwéi eng Kéier en détailléierten Tableau hei hinzeleeën, wat do Sache ass.

Wéi wëllt een dann hei Reforme maachen, wéi wëllt ee sachlech iwwer eenzel nohaltteg Diskussiounen hei kënne schwätzen, wa mer d'Grondbasis net hunn? Wann een net weess, ob et wierklech ëm eng Milliard geet oder just ëm 600 Milliounen? Dat ass

jo awer, wann Der erlaabt, Här President, e klengen Ënnerscheid. A fréieren Zäite war dat scho vill. Et ass och haut esou.

Dann nach en zweet Wuert zu der Problematik selwer. Et huet nach ni ee behaupt, dass déi Dräivéiers vum deem, wat getankt gëtt, exklusiv richtegen Tanktourismus sinn. Mä ech weess awer, ech hu mer soe gelooss, dass, ech weess net ob et Ponts et Chaussées war oder iergendeen aneren, déi eng Kéier eng Etüd gemaach hunn, déi awer ganz kloer noweist, dass net nëmmen Transicamionen heihinner tanke kommen, mä dass d'Camionen 200, 300, 400 Kilometer Ëmwee maachen, fir hei hir Tanken, déi an Tëschenzäit 1.500 Liter faassen, voll ze maachen. Well wann Dir en Ënnerscheid vun zéng, 15 Cent pro Liter hutt, dann hutt Der séier ausgerechent, wéi wäit dass Der mat Ärem Camion kënnt fueren, an dass et nawell derwäert ass, hei op Lëtzebuerg ze kommen.

Wann Der dann och nach de Plein maacht vun Zigaretten an de Plein maacht vun Alkohol, da sinn do ganz Geschäfte dran. Ech weess net, wat ass, mä wann ech gesinn, wat e Manöver um Wandhaff ass, wou eigentlech keen Transicamion dierft iwwerhaupt vun der Autobunn eroffueren! Do kommt Der geschwënn net méi laanscht. Et hale geschwë méi Camionen nuren um Wandhaff wéi op der Autobunn.

(Interruption)

An do gesinn ech dann och genee dat, wat den Här Berger gesot huet: Déi, déi eng Säit eroffueren, tanke fueren, an da fuere se erëm an déi aner Richtung. Ech sinn iwwerzeegt, dass et derwäert wär, sech emol eng Kéier intensiv mat deem Phenomeen, deen op deenen zwou...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Déi eenzeg Proposition, déi valabel ass, dat ass de Bensinspräis substanzuell an d'Luucht ze setzen.

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Dat do ass jo absolut Polemik! Dat do ass jo absolut Polemik!

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Et huet guer kee Wäert, ze diskutéieren, et kënnt een ëmmer op déiselwecht Saach zrëck. Ëmmer!

(Brouhaha)

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Neen!

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Éierlech!

(Brouhaha)

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Neen, Här Lux, ech fannen et en elementart Recht vun engem Deputéierten,...

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Neen, ech sinn domat d'accord.

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- ...dass en endlech gewuer gëtt,...

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Jo!

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- ...ob deen Tanktourismus eis 600 Milliounen an d'Keess bréngt, ob en eng Milliard bréngt, ob en annerhallef Milliard bréngt! An ob vun där Milliard alles Bensin an Diesel ass, oder ob et Kaffi ass, oder ob et Alkohol ass oder Zigarette sinn. Ech fannen et aarm-séileg, wann déi jeeweileg Regierungen et an zéng Joer nach net fäerdeg bruecht hunn, eis eng propper Statistik op enger A4-Säit hei hinzeleeën,...

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Do sinn ech mat lech d'accord.

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- ...fir ze soen, wat ass.

An da kënne mer ufänken, eng sachlech Diskussioun ze féieren, an da kënne mer den Dokter Ewringmann froen, e soll eis seng puer Grafike maachen, an da kann all Fraktioun hei Stellung huelen, wéi wäit dass se da wëllt goen.

Ech stelle fest, dass an dëse schwierigen Zäiten, wou mer vun de Leit dobaussen

Affer verlaangen, wou mer hei probéiere ginn, 40 Milliounen ze spueren, an do 50, geheie mir hei Zuelen an d'Welt vun enger Milliard a 600 Milliounen an 1,5 Milliard. Ech fannen dat an Tëschenzäit als Deputéierten onerträglech, an duerfir wollt ech dat nach eng Kéier ënnersträichen, wat den Här Berger gesot huet.

► **M. le Président.**- Sou, elo kritt nach eng Kéier den Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech hu kee Problem, fir datt mer de Verwaltungen, déi u Methodologien ausgerechent hunn, wéi se dat eent an dat anert maachen, fir datt mer deenen an der nächster Kommissiounssitzung beim Här Boden soen, si sollen eis explizéieren, wéi se op hir Zuele kommen. Ech denken net, datt dat elo vun enger gréisserer Problematik wäert sinn, wa mer déi Explikatiounen kënne ginn.

► **M. le Président.**- Okay. Merci. Domadder wäre mer um Enn vun eiser Diskussioun.

Résolution 1

Elo hu mer hei nach eng Resolutioun, déi abruecht ginn ass vum Här Fernand Boden. Esou wéi ech d'Diskussiounen matkritt hunn, schéngt mer do e grouse Konsensus iwwert déi Resolutioun ze bestoen, sou datt mer déi kënne à main levée stëmmen.


Vote sur la résolution 1

Wien ass mat där Resolutioun d'accord? Dat schéngt mer och d'Unanimitéit ze sinn. Da soen ech lech Merci.

Domadder si mer dann um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer um hallwer dräi nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.20 heures)



SÉANCE 36

JEUDI,
10 JUIN 2010

Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Lydia Mutsch, Vice-Présidente • M. Gast Gibéryen, Doyen

Sommaire

Débat d'orientation sur la stratégie communautaire «Europe 2020»

- Exposé: M. Alex Bodry
- Débat: M. Norbert Hauptert, M. André Bauler, M. Henri Kox (dépôt de deux motions), M. Fernand Kartheiser, M. André Hoffmann
- M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur
- M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration
- M. François Bausch (parole après ministre)
- Vote sur les motions 1 et 2 (rejetées)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Jeannot Krecké et Nicolas Schmit, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Jeannot Krecké**, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- De Moment nach net.

► **M. le Président.**- Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Da komme mer de Mëtteg zur Orientéierungsdebat iwwert d'EU-Strategie „Eu-

ropa 2020“. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Mergen, déi Häre Bauler, Kox, Kartheiser, Hoffmann an Hauptert. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Alex Bodry als President vun der Ekonomiekommissioun. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

Débat d'orientation sur la stratégie communautaire «Europe 2020»

Exposé

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Debatt ronderëm déi nei europäesch Entwéck-

lungsstrategie „Europa 2020“ fënn opgrond vun enger Demande vun der Wirtschaftskommissioun vun der Chamber statt. Kuerz ier elo op deem nächsten Europäesche Conseil Décisiounen wäerte falen, kritt also eist Parlament, kréien déi eenzel Fraktiounen d'Geleeënheet, hir Position, net wéi esou üblech ex post, mä ex ante virstellen a kënne esou och effektiv probéieren, an deene Froen, déi nach opstinn, der Lëtzebuerger Regierung eng Orientéierung ze ginn. Dat ass jo eigentlech och den Zweck vun esou Orientéierungsdebatten, oder dat misst en zumindest sinn.

Loosse mer emol zéng Joer zrëckblécken: Lissabon. Lissabon, dat war de Startschoss vun der sougenannter Lissabon-Strategie, wou sech d'Europäesch Unioun 2000 d'Zil ginn hat, an zéng Joer Europa zur stäerkste Wëssensgesellschaft vun der Welt ze maachen. D'Ziler waren ambitiéis, an d'Resultater si sécherlech net op der Héicht vun deenen Ambitiounen. Si si wäit hannert den Erwaardungen zrëckbliwwen.

Et huet och net vill gehollef, dass am Joer 2005, also an der Mëtt vun där Zéngjoresperiod vun der Lissabon-Strategie, den Europäesche Conseil nom Bericht vun der Kok-Kommissioun d'Strategie probéiert huet nei ze fokusséieren op Beschäftigung, op Aarbechtsplazen an op Wuess-tum. Si huet och erkannt, dass bis dato d'Haaptschwieregkeet doranner louch, dass et op nationalem Plang un enger konkreter Ëmsetzung vun deenen eenzelne Strategiezieler gefeelt huet.

Duerfir huet se 2005 ënner Lëtzebuerger Presidentschaft eng Rei vun Ofännerungen

och an de Prozedure virgehol. Déi sougenannten national Reformprogrammer sinn agefouert ginn, a Lëtzebuerg huet deen Exercice all Joers duerchgefouert. All Joers hunn déi Länner missen hir Programmer bei der Europäescher Kommissioun areechen, wéi se wëilten d'Lissabon-Strategie konkret ëmsetzen.

Et ass och probéiert ginn, méi rationell ze fueren doduerjer, dass déi eenzel europäesch Richtlinien, sief et déi am ekonomesche Beräich, sief et déi am Beräich vun der Beschäftigung, reduzéiert gi sinn an zesummegefouert gi sinn.

Mä et muss ee feststellen, dass och déi Reformen do an der Prozedur net dozou bäigedroen hunn, dass am Endeffekt d'Ziler 2010 erreecht gi sinn. Et ass also éischter e Bilan vun engem Échec, deen ee muss zéien, well praktesch keng vun deenen éiergäizegen Zilsetzungen konnt erreecht ginn.

Wirtschaftlech a besonnesch an aarbechtsplazméisseg - an de Wuesstum an Aarbecht, Beschäftigung ware jo déi Haaptkärpunkte vun där Strategie - steet Europa haut, 2010, net besser do wéi virun zéng Joer. Am Géigendeel! Dat erkläert sech zu engem Deel aus dem politesche Manko vu Wëlle vun eenzelne Memberstaaten, fir déi Ziler duerchzusetzen, fir och Strukturereformen an d'Weeër ze leeden.

Mä dat huet natierlech och vill ze di mat der internationaler Finanz- a Wirtschaftskris, déi am Joer 2008 an déi Lissabon-Pe-riod eragefall ass an déi natierlech ganz aner Froe mat an d'Diskussioun bruecht huet. Et muss een haut feststellen, dass